# 79e séance

## Jeudi 2 juillet 1992

*Présidence*

*Mme Erna Hennicot-Schoepges, Présidente*
*M. René Kollwelter, Vice-Président*
*M. Edouard Juncker, Vice-Président*

*Ordre du jour*

Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992 *(Discussion générale - Suite).*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jacques Santer, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; MM. Jean-Claude Juncker et Robert Goebbels, Ministres.

*(Début de la séance publique à 8.31 heures)*

**Mme la Présidente.**- La séance publique est ouverte. Le Gouvernement a-t-il des communications à faire?

*(Négation)*

Nous continuons le débat sur le projet de loi 3601. La parole est au premier orateur inscrit, l'honorable M. Ady Jung.

### Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992

*Discussion générale (suite)*

**M. Ady Jung** *(CSV)*.- Mme President, Dir Dammen, Dir Hären, honorabel Kolleginnen a Kollegen. Ech sti selbstverständlech op der Säit vun all dene Virriedner, déi sech fir de Maastrichter Vertrag ausgesprach hun, an déi domatter dee Wee bestätegen, deen eist Land zënter méi ewéi 40 Joër an Europa geet, a wou et haut ganz einfach keng aner Alternativ fir Lëtzebuerg gët. Ech brauch dofir nët nach eng Kéier dat ze widderhuelen, wat hei scho gesot gin as.

Et muss ee vu selener Naïvitéit sin, fir ze glewen, eng sougenannt „total Souveränitéit" an der Isolatioun, dat heescht wa mer eis Solidaritéit mat eisen europäesche Partner a Fro stelle géifen, dann hätten d'Lëtzebuerger an hir Wirtschaft nach eng Chance an der Zukunft.

Mir sollen eis awer bewosst sin, an dat as aus de Riede vun demagogeschen Antagonisten däitlech gin, datt grad jhust mam Traité de Maastricht, respektiv mat der Klausel vum Walrecht fir EG-Biirger an eise Gemengen, déi herrlechst Demagogie ka gemaach gin, fir eng Mobilmaachung vun denen ze erreechen, déi nët méi wäit ewéi hir Nues gesinn. Ech fannen et dofir onverantwortlech an engem Parlamentarier sénger nët würdeg, haut hei eng Haltung anzehuelen déi dorop erausleeft, datt een den elementaarste Verflichtungen vun engem Deputéierten nët nokënnt, déi dora besteet, dat Bescht ze maachen fir d'Wuel vum Land a vu sénge Biirger. D'Zukunft vun eise Kanner muss eis um Häerz leien, an duerfir si mir haut verflicht, déi richteg Weiche fir muer ze stellen.

Wann ech och Versteesdëmes hu fir Juristen, déi vereenzelt Bedenken a bezuch op eis Verfassung umellen, sou wëll ech awer soen, dass ech Vertrauen an d'Regirung an an déi grouss Majoritéit vun dene verstännege Parteien an dësem Haus hun, déi dësen Traité jo och bereet sin ze ratifizéieren, genee esou wéi an déi nächst Châmber, déi nom Juni 1994 déi noutwendeg Verfassungsännerunge virhuele muss, fir domat den Traité de Maastricht an alle Punkten an eisem Land uwendbar ze maachen.

Ech erwaarden dofir och, dass eis Regirung sech iwwert de Wee vu mehrheetlech gestëmmte Motiounen, respektiv Aussoen, engagéiert, fir um EG-Niveau vereenzelt offe Froen esou auszehandelen, datt déi lescht Bedenken, déi besonnesch a puncto Walrecht fir EG-Biirger an eise Gemengen, aus der Welt geschaaft gin, woubäi spezifesch derogativ Ausféierungsbestëmmungen der spezieller Situatioun vun eisem klenge Land mat engem héije Prozentsaz vun EG-Matbiirger Rechnung droe mussen.

Méng Interventioun hei huet awer virun allem zum Zweck fir matzedelen, datt och scho viru Méint Är Vertrieder am Benelux-Parlament sech Gedanke gemaach hun iwwert dësen Traité a séng Auswiirkungen, besonnesch op déi kleng Länner an der Europäescher Gemeinschaft. Mir sin eis jo bewosst, a mussen eis Gedanken doriwwer maachen, dass d'Menung vum gréisste Partner an der Europäescher Gemeinschaft méi Gewiicht huet wéi déi vun dem klengsten, an dass dofir de klengste grad aus där Ursaach gefuerdert as, fir mat Intelligenz an Diplomatie, awer och mat enger gutt duerchduechter Argumentatioun séng Intressen ze vertrieden.

War et nët esou, dass eise Lëtzebuerger Europa-Matbegrënner, de Joseph Bech, mat séngem spréchwiertleche politesche Geschéck déi Grouss dacks a Verleënheet bruecht huet?

Hu mer ët nët och erlieft, datt grad ënner der Presidentschaft vun dene klengsten EG-Länner, déi gréissten Erfolleger fir Europa erziilt goufen? Ech denken hei zum Beispill un d'Loi unique aus dem Joër 1986, an ech denken un den Traité de Maastricht aus de Joren 1991/92, en Traité dee séngem Inhalt no, éischter „Traité de Luxembourg" misst heeschen, a wou d'Intresse vun eisem Land an eise Matbiirger optimal berücksichtegt goufen.

Wa mir eis zousätzlech, niewent dene virbenannte Qualitéiten awer och nach d'Solidaritéit mat eise Benelux-Partner zu ege maachen, da si mir an Europa guer nët de klengsten, mä mir kënnen eis esouguer, wat d'Stëmmrecht ubelaangt, zu dene stäerkste Partner zielen.

Fir déi, déi et nach nët sollte wëssen, soll bei dëser Geleënheet nach eemol gesot gin, datt de Benelux um Weltplang déi 4. stäerkste Wirtschaftsmuecht duerstellt, obschon en nët Member vun de G7-Staten as. Et as an deem Geescht, datt mer grad jhust am Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux, op d'Initiative an op Grond vun engem Pabeier dee vu Lëtzebuerger Säit kënnt, eng Recommandatioun un d'national Parlamenter vun de Benelux-

Staten, un de Conseil des Ministres an un déi dräi Regirunge geriicht hun, fir den Traité de Maastricht esou séier ewéi méiglech ze ratifizéieren.

Dës Resolutioun hat den eestëmmegen Appui vun denen dräi grousse politesche Familjen am Benelux-Parlement: de Liberalen, de Sozialisten an de Chrëscht-Demokraten.

Ech wëll jhust d'Schlussfolgerungen aus där Resolutioun hei zitéieren:

„Le Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux,

- recommande aux Parlements des pays du Benelux, de ratifier, dans les meilleurs délais, dans leurs pays respectifs, dans le respect de leurs constitutions respectives, le traité de Maastricht, afin de confirmer, une fois de plus, la coopération fructueuse de nos trois pays dans la construction de l'Europe;

- recommande au Comité des Ministres de persévérer dans sa politique communautaire, comme tel est résumé dans les conclusions provisoires décrites en quatre points dans le document du 31 mars 1992 du Secrétariat général „Le Benelux après Maastricht";

- recommande aux Gouvernements des pays du Benelux de définir au cours des 1re et 2e phases leurs politiques économiques, budgétaires et monétaires en conformité aux exigences du traité, afin d'assurer que leurs économies nationales présentent les performances économiques requises et pour contribuer de la sorte au processus de convergence communautaire."

Heimat invitéieren ech all déi, déi mengen si missten nach Bedenken hun, esou ze stëmmen, wéi eis Frënn aus dem Benelux-Parlament dat gesinn a virschloen. Ech soen Iech merci.

**Mme la Présidente**.- L'orateur suivant est l'honorable M. Mehlen.

**M. Robert Mehlen** *(Aktiounskomitee 5/6)*.- Mme President, dir Dammen an dir Hären. Ee groussen Deel, an ech géif soen, d'Majoritéit vun eisem Vollek kuckt an dësen Deg heihin, wou d'Häerz vun eisem demokratesche souveräne Stat schléit, a versteet d'Welt nët méi.

Eng Majoritéit vun demokratesch gewielte Volleksvertrieder, déi de Respekt virun der Verfassung geschwuer hun, sin décidéiert, op Uerder vun der Regirung, hiren Eed ze briechen, an déi Verfassung, op déi se hiren Eed ofgeluegt hun, ze violéieren.

Et as een ongeheierleche Virgank, wéi et en an der Geschicht vun eisem Land, ménges Wëssens an där Evergure nach nët gin huet.

*(Interruption)*

Mme President, ech wollt den Här Hengel op dat hiweisen, wat de Me Alex Bonn geschriwwen huet.

„Le législateur aura fait ce que la Constitution lui interdit formellement", schreift de Me Alex Bonn a séngem bemierkenswäerten Avis.

*(Interruption)*

**Mme la Présidente**.- Je prie les collègues et aussi le Gouvernement de ne pas faire d'interjections et de ne pas interrompre les orateurs. J'agirai en conséquence au cours de ce débat. M. Krieps, vous n'avez pas la parole. La parole est à M. Mehlen.

**M. Emile Krieps** *(DP)*.- Mme President, ech wollt jhust eng Remarque maachen.

**Mme la Présidente**.- Non, M. Krieps, je ne vous ai pas donné la parole. Vous aurez la parole après M. Mehlen, asseyez-vous, M. Krieps.

M. Mehlen a la parole et personne d'autre.

**M. Robert Mehlen** *(Aktiounskomitee 5/6)*.- Den Här Bonn as nët deen éischte Beschten hei am Land. Dat wollt ech nach gesot hun. Ech hun an d'Iwwerleunge vum Här Bonn op d'manst esou vill Vertrauen, wéi an de bestallten Avis vum Staatsrot.

Ech froe mech mat all dene Leit dobaussen, déi sech iwwerrompelt an iwwergaange fillen, woufir op eemol esou séier een Traité a Kraaft gesat muss gin, deen a Kontradiktioun zu eenzelnen Artikele vun eiser Verfassung steet, an domat eise ganze Rechtssystem, deen d'Fëllement vun eisem Stat duerstellt, iwwer de Koup geheit?

Dir kënnt mech roueg op den Avis vum Staatsrot verweisen, dee vu prominente Juristen als „avis de complaisance" qualifizéiert gin as. Dir kënnt mir mat all méigleche Spëtzfëndegketen explizéieren, wéisou datt dat, wat Dir elo wëlles sid, keng Violatioun vun der Verfassung duerstellt.

Ech soen Iech, datt d'Ratifizéierung vun dësem Vertrag e Begriefnës éischter Klass vun eisem Rechtsstat as, wann et en iwwerhaapt nach gët. Well esouguer dann, wann och nëmmen ee klengen Zweifel un der Rechtméissegkeet vun där geplangter Prozedur géif bestoen, misst déi aner, sécher méi ëmständlech, awer dofir juristesch einwandfrei a politesch éierlech Prozedur ageschloe gin, dat heescht d'Verfassung misst geännert an dann eréischt den Traité ratifizéiert gin.

Mä hei besteet méi wéi nëmmen een Zweifel. Hei hu sech eng ganz Rei vun namhafte Juristen zu Wuert gemellt, an hu ganz däitlech deklaréiert, dass mat där vun der Majoritéit vun der Châmber gewielte Prozedur e Verfassungsbroch géif begaange gin.

Et as nët auszedenken, wat geschitt, wann Dir, CSV, LSAP an DP mat der Ratifizéierung vun dem Traité vu Maastricht d'Konstitutioun bewosst violéiert. Sécher, mer hu kee Verfassungsgeriicht, wat Iech, wéi an anere Länner kënnt zréckpäifen. Ech gin dovun aus, wann dat de Fall wir, da géife mer haut hei nët iwwer Maastricht diskutéieren.

Mer maachen hei Gesetzer. Mer verlaangen, datt jiddereen dës Gesetzer respektéiert. Mer ordonnéiere Strofen, wann een sech iwwer d'Gesetzer ewechsetzt an d'Justiz verhänkt dës Strofen am Fall vun Infraktioun.

Alles dat spillt sech of op dem juristeschen Ennerbau, dee Verfassung oder Konstitutioun heescht. Dës Verfassung muss eis - a virun allem eis als Vertriedung vum Vollek - helleg sin. Mer kënnen an däärfe si nët a Fro stellen, well mer dann de ganze Rechtssystem op deen eise Stat opgebaut as, a Fro stellen. Wéi wëllt Dir dann an Zukunft nach vun de Leit dobaussen erwaarden, datt si d'Gesetzer respektéieren, wann Dir selwer dat iewescht Gesetz, d'Konstitutioun, nët respektéiert?

„Maastricht rechtfertigt keinen Verfassungsbruch, auch keinen vom Staatsrat abgesegneten" huet dëser Deg d'Biirgeraktioun fir direkt Demokratie geschriwwen, an an dësem Saz läit eng Ausso vun enger schrecklecher Dimensioun. Staatsorganer: Regirung, Parlament a Staatsrot doen sech zesummen, fir onverletzlech Bestëmmunge vun eiser Verfassung ze violéieren an d'Stëmm vum Vollek kann nëmme warnen, awer dëse Sakrileg nët verhënneren.

Wéi wäit si mir komm? Soll dat gemeinsaamt Europa, dat mer alleguer wëllen, op ee Verfassungsbroch opgebaut gin?

*(Interruption)*

Ech weess nët, Mme President, ob Dir déi Bemierkung do héieren hut?

**Mme la Présidente**.- M. Emile Krieps, rappel à l'ordre.

**M. Robert Mehlen** *(Aktiounskomitee 5/6)*.- Da wär dat neit Haus nët nëmmen op Sand, mä op een ënnerhillegten an ënnergruewenen Terrain gebaut. Et as ganz klor, datt mer vum Aktiounskomitee 5/6, déi zu kengem Moment bereet waren, dës Violatioun vun der Verfassung matzedroen, alles wäärten dru setzen, fir dësen ongeheierleche Virgank ze verhënneren a mer ruffen all Member vun dëser Châmber op, dat selwecht ze maachen.

Domat kënnt ech schons ophalen, well aus där Perspektiv gesinn, as et widdersënneg, sech nach iwwer de Fong vum Traité selwer ze ënnerhalen. Ech maachen Iech dee Gefalen awer nët. Ech wëll nämlech op e puer prinzipiell Froen agoen.

D'Dänen hun an engem Referendum nee gesot. Egal wéi grouss d'Majoritéit war, déi nee gesot huet, neen as neen. Dat wat verschidde Regirungsvertrieder an der EG - och hei zu Lëtzebuerg - sech dorophin erlaabt hun, as een eklatante Bewäis derfir, wéi hinnen d'Gefill fir grondsätzlech demokratesch Spillregele verluer gaangen as. Nët de Ministerrot, deen den Traité ausgehandelt huet, huet sech geiirt, mä dat dänescht Vollek. Méi iwwerhieflech geet et nët méi.

Amplaz den Traité an d'ganz Prozedur elo nei ze iwwerdenken, gët gesot, dat as eng Pann, déi d'Däne musse bei sech behiewen. Een nächste Referendum gët an d'A gefaasst an der Hoffnung, datt d'Rechnung dann opgeet. Dat as esou, wéi wa bei denen nächste Walen dës Koalitioun keng Majoritéit méi géif kréien, an da géif eis bishereg Regirung soen, de Wieler huet sech geiirt, da musse mir alt nach eng Kéier wiele goen an dat esou laang, bis mir erëm eng Kéier eng Majoritéit beienee kréien. Ech hoffen, datt d'Dänen sech déi Frechheet an Arroganz elo nët gefale loossen, an déi nächste Kéier nach méi däitlech weisen, datt si de Geck nët mat sech maache loossen.

Et stellt sech awer an deem Zesummenhank nach eng ganz aner grondsätzlech Fro: Huet et nach ee Sënn den Traité ze ratifizéieren, wann ee Land vun denen zwielef nee gesot huet? Dozou seet de Me André Robert an engem Beitrag, deen iwwerschriwwen as: „Le Traité de Maastricht ou la collision entre le droit et la politique": Comme les trois Traités européens et notamment le Traité de Rome ne peuvent être modifiés qu'à l'unanimité des Etats membres, le refus du Danemark de ratifier le Traité de Maastricht, donc de modifier notamment le Traité de la CEE, rend caduc, dans sa forme actuelle, le Traité sur l'Union européenne."

Hei stellt sech fir eis als klengst Land vun der EG eng ganz fundamental Fro. Dat as d'Fro vum Respekt virun de bestehende Verträg an de Respekt virun de souveräne Rechter vun de Memberstaten. Wann et esou as, datt d'Unanimitéit erfuerdert as, an dat schéngt mir ausser Zweifel ze stoen, da kann et nët sin, datt esou gemaach gët, wéi wann näischt geschitt wär.

Wat nach vill méi schlëmm as: Doduerch, datt mir dëst Spill matmaachen, an trotz dem däneschen Neen, den Traité ratifizéieren, esou wéi wann näischt geschitt wär, stelle mir de Respekt virun de bestehende Verträg a Fro, an ënnergruewen domat als klengt Land déi eenzeg Basis, déi eis nach eng gewëss Sécherheet bitt: Dat geschriwwent Wuert, wat fir déi Grouss wéi fir déi Kleng gläichermoosse verbindlech as.

Mat der Ratifizéierung trotz dem däneschen Neen leeschten déi dräi grouss Parteien eisem Land dee schlechtesten Déngscht, deen een sech nëmmen denke kann. Si confirméieren denen anere Länner héichoffiziell, datt fir Lëtzebuerg dat internationaalt Recht kee Wäert méi huet, a jidderee maache kann, wat e wëllt. Wéi mir als klengste Member vun där Communautéit an esou enger Anarchie ewechkommen, dat brauch ech hei nët weider ze explizéieren.

Et kënnt een och nach d'Fro opwerfen, déi de Mueren iwwert d'Antenn gaangen as, déi vun der Sëtzfro, wou d'Bankenassociatioun gesot huet, datt Lëtzebuerg sech sollt jhust op dat geschriwwent Wuert, déi bestehend Verträg beruffen, fir sech kënnen duerchzesetzen. Ech mengen, wa mir hei iwwer d'Sëtzfro an iwwer Institutiounen diskutéieren, déi hei am Land sech sollen néierloossen, dann hu mir nëmmen déi Tromp an de Fanger, an et as ee ganz geféierlecht Spill déi Tromp einfach esou aus der Hand ze gin.

Ofgesi vun dëser eminent wichteger Considératioun stellt sech d'Fro, woufir mir grad als éischt den Traité musse ratifizéieren? Hätte mir nët nach gutt Zäit gehat emol ofzewaarden, wéi et an denen anere Länner ausgeet? Et gët keng valabel Äntwert op dës Fro, et sief dann, d'Regirung hätt Angscht de Widderstand am Vollek géint de juristesch onhaltbaren Ausverkaf vun eiser Souveränitéit géif esou grouss gin, datt d'Ratifizéierung um Enn a Fro gestallt wir.

D'Aart a Weis, wéi d'Regirung d'Vollek, wat si gewielt huet, iwwergeet, as onbegräiflech. Well d'Leit, an der Menung vun der Regirung, ze domm sin, fir d'Tragweit vum Traité ze verstoen, brauche si och guer nët informéiert ze gin. Dofir gi si awer mat enger bëlleger Sefepolversreklamm, déi mat hiren egene Steiergelder finanzéiert gët, glewe gedoen, mat Maastricht géif fir Lëtzebuerg de siwenten Himmel opgoen.

D'Wouerécht kritt d'Vollek nët ze héieren. Déi gët nëmmen hannert zouenen Diren an de Kommissiounssëtzungen an an de Couloirë gesot. Dat kléngt dann awer ganz anescht wéi dat, wat d'Regirung dem Vollek iwwer déi bëlleg Reklamm um Radio an an den Zeitunge wëllt wäissmaachen.

**Mme Lydie Err** *(LSAP)*.- Ganz bëlleg sin se awer nët!

**M. Robert Mehlen** *(Aktiounskomitee 5/6)*.- Ganz bëlleg sin se nët, do hut Dir Recht, Mme Err.

Mir vum Aktiounskomitee 5/6 veruertelen esou eng onéierlech Haltung ganz entschiden. Esou mécht een eng Demokratie futti. Mir hoffen nëmmen, datt d'Leit dës onéierlech Haltung vun der Regirung bis zu den nächste Walen nët vergiess hun, an hir dofir déi richteg Quittung ausstellen.

Eng aner fundamental Fro as déi, woufir dat gemeinsaamt Europa, dat elo iwwer 30 Jor lues a lues zesummegewues as, op eemol iwwerstierzt zesummegeschweesst muss gin, ouni datt een eng Noutwendegkeet dofir gesäit, an ouni datt d'Basis dofir gefrot gët?

Woufir muss elo op emol eng ganz Trap op eng Kéier beienee geholl gin, wou et virdrun ëmmer schéi mat engem Trepplëck nom anere gaangen as? Et gët keng verstänneg Äntwert op dës Fro, an den Nee vun den Dänen as näischt anescht, wéi e Protest géint dës iwwerdriwwe Vitesse an déi domat verbonnen ondemokratesch Aart a Weis fir virzegoen.

Déi Argumenter, déi bis elo virbruecht gi sin, fir dës verdächteg Vitesse ze justifizéieren, sin nët stéchhalteg.

D'Behaaptung, d'Evenementer an Osteuropa hätten dringend eng Äntwert duerch d'Schafung vun enger europäescher Unioun verlaangt, as nët richteg, well den Ufank vum Uniounsvertrag 1987 geluegt gin as, an d'Emwälzungen an Europa eréischt zwee Jor méi spéit agetratt sin.

Een anert Argument as, datt verschidden Domainen, wéi zum Beispill d'Emweltpolitik ouni europäesch Unioun nët kënnte realiséiert gin. Esou een Argument hält kenger fundéierter Analys stand. Ech froen Iech, wär d'Konferenz vu Rio zu méi konkrete Resultater komm, wann d'europäesch Unioun well realiséiert gewiescht wär?

Wat hënnert eis op där anerer Säit drun, elo schon an Europa gemeinschaftlech eng méi ëmweltfrëndlech Politik ze bedreiwen? Wann d'europäesch Unioun awer sollt d'Viraussetzung sin, fir alle Länner vun der Gemeinschaft kënnen eng gemeinsam Emweltpolitik opzezwéngen, dann as dat jo de Bewäis derfir, datt dës europäesch Unioun de Verloscht vun eiser Egestännegkeet a Souveränitéit erbäiféiert.

Dann as ze fäerten, datt nët méi demokratesch gewielt a legitiméiert Vertrieder vun de Völker d'Décisiounen huelen, mä eng iwwermächteg Bürokratie, déi an hiren Décisioune vun de finanzkräftege multinationale Gesellschafte beaflosst a manipuléiert gët.

Och dës Aart a Weis, alles zesummen an engem Pak duerchzezéien, souguer wann déi verfassungsrechtlech Problemer geléist wären, kann eis Zoustëmmung nët fannen. Wa Lëtzebuerg nach een onofhängegen a souveräne Stat as, an déi demokratesch Grondregelen nach solle respektéiert gin, da kann et nët sin, datt een oder zwee

Ministere mat e puer Beamten op engem internationale Ministermeeting hir Zoustëmmung zu engem décke Pak vu Vertraagsbestëmmungen ënnerschiddlechster Natur gin, bei deem eis Souveränitéit a Fro gestallt gët, an deen och nach zum Deel verfassungswiddreg as, a mir hei gesot kréien, Dir hut dat elo ze stëmmen an domat fäerdeg.

Et hat mir, Här Ausseminister, de Fonktionnement vun der parlamentarescher Demokratie eigentlech ganz anescht virgestallt. Am Prinzip misst et dach esou sin, datt dës Verhandlungen am bestännege Kontakt an ënner lafender Konsultatioun mat de Parlamenter misste gefouert gin, amplaz d'Parlamenter virun ee Fait accompli ze stellen an ze soen, Dir musst elo ratifizéieren, soss geet d'Welt ënner.

Ech huet mech gefreet an engem Interview, deen den honorablen Här Rau dem Républicain Lorrain gin huet, ze liesen, datt den Här Rau am Prinzip och där selwechter Menung as. Mir kënnen eis jiddenfalls nët erënneren, datt d'Châmber der Regirung ee Verhandlungsmandat gin hätt, fir esou wäit ze goen, wéi dat elo am Traité vu Maastricht de Fall as.

Mir hate gëschter eng Kontrovers hei jhust iwwert de Fonktionnement vun der Europäescher Gemeinschaft am Zesummenhank mat der gemeinschaftlecher Agrarpolitik, wat deen eenzege Secteur as, dee voll integréiert as zënter laanger Zäit.

Et deet mir leed, datt den Här Krecké elo nët hei as, well hien hat sech do e bëssche wäit virgewot. Den Här Krecké huet gëschter hei gesot, an ech wëll dat klorstellen, well et as munches falsch vun dëser Plaz aus gedréint gin, dëst Parlament wär mat deem d'accord, wat d'Regirung zu Bréissel ausgehandelt huet a gëschter oder virgëschter zu spéider Stonn finaliséiert huet.

Dat ka ménger Menung no nët stëmmen, well dëst Parlament huet virun zwee Méint an engem Débat d'orientation der Regirung gesot, wéi d'gemeinschaftlech Agrarpolitik aus Lëtzebuerger Siicht an Zukunft misst ausgesinn. Wat as d'Resultat vun där Debatt, déi mir iwwert ee Jor laang preparéiert hun, wou mir 16 Organisatiounen hei am Land zweemol ugeschriwwen hun, a quasi se forcéiert hun hiren Avis ze gin zu där Politik, déi ganz ëmstridden as. Mir hun eis hei an der Châmber mat enger Motioun op eng Linn gëenegt, déi total anescht as, wéi dat, wat elo décidéiert gin as. Eise Minister huet der EG-Agrarreform zougestëmmt, obschon datt en nët hätt bräichten zouzestëmmen, obschon een Accord duerchgaange wär mat Majorité qualifiée, wa Lëtzebuerg nee gesot hätt. Dat as den eklatante Bewäis derfir, wéi Europa fonktionnéiert. Mir hun iwwerhaapt näischt ze bestëmmen. Mir kënnen hei soen, mir hätte gären eng europäesch Agrarpolitik, déi a Richtung generell Extensifikatioun geet, well dat hu mir gesot, duerch eng Reduzéierung vum Stickstoffasaz, duerch ee Verbuet vun de Wachstumsregeler, vun enger ganzer Parti Hormonen, déi an der Landwirtschaft agesat gin. Dat wat elo geschitt as, dat geet an eng ganz aner Richtung. Eise Minister huet säin Accord gin, dat heescht en huet dat, wat d'Châmber hei an iwwert engem Jor laang Preparatioun, an engem Débat d'orientation festgehalen huet, einfach ignoréiert. Ech wollt dat als Beispill hei ugefouert hun.

Ech hu mech gëschter, nët hei als Lobbyist vun der Landwirtschaft opgespillt. Den Här Ausseminister huet och gemengt, e misst an där Bezéiung eng Bemierkung maachen, déi total deplacéiert war, ech weisen dat hei zréck.

Et as evident, datt eng Konstruktioun, déi op esou engem demokrateschen Defizit opgebaut as, bei der Populatioun op Widderstand stéisst, an och bei de Parlamentarier, déi dat Vollek solle vertrieden, d'Gefill opkomme léisst, iwwerhaapt fir näischt méi gefrot ze gin. Wann dat de Prinzip as, no deem dat gemeinsaamt Europa soll fonktionnéieren, da soe mir ganz däitlech neen.

Domat wäre mir bei der Fro, wat fir ee gemeinsaamt Europa mir eigentlech wëllen. De fréiere Staatsminister a Kommissiounspresident Gaston Thorn huet viru kuurzem iwwer d'Antenn vum UKW gesot, den Här Delors hätt him, wéi e séng Successioun ugetrueden huet, gesot, déi grondsätzlech Fro vum strukturellen an institutionellen Opbau vun der EG géif ee besser ausklammeren, an dofir op dem Wee vun de praktesche Realisatioune weidergoen.

Domat kënne mir ënnert kengen Emstänn averstane sin. Et gët héich Zäit, datt dës grondsätzlech Diskussioun gefouert gët, an zwar nët nëmmen um Niveau vun der EG-Kommissioun a vun de Regirungen, mä virun allem vun de Parlamenter.

Viru kuurzem hun e puer fréier däitsch Verfassungsriichter sech zu Wuert gemellt, a virun engem Konflikt virum däitschen an europäesche Recht gewarnt. Si sin der Menung, datt sech an der EG lauter demokratesch Staten en ondemokrateschen „Überstat" géife schafen. Als verfassungswiddreg hu si d'Iwwerdroung vun Hoheitsrechter kritiséiert, well domat EG-Behörden ouni parlamentareschen Ennerbau ermächtegt gin, a Grondrechtsberäicher vun den däitsche Staatsbiirger anzegräifen.

Wann Dänemark als klengt Land nee gesot huet an a ville Länner d'Europa-Euphorie an ee relativ staarkt Mësstrauen ëmgeschloen as, dann huet dat och séng Ursaachen. Eng vun denen Ursaachen as déi, dass an dëse Mammutvertrag esou vill beieneen eragepaakt gin as, datt esouguer Spezialiste Problemer hun, fir domat eens ze gin, respektiv fir déi viraussiichtlech Auswiirkunge vun all dene Moossnamen ze erfaassen.

Ech schléisse mech hei der Menung vum honorablen Här Margue un, dee sech gëschter gefrot huet, ob dat nët mat Absicht geschitt wär, fir Punkte mat duerchzeschleisen, mat Gewalt mat duerchzekréien, déi normalerweis als eenzelne Punkt keng Zoustëmmung géinge fannen. Ech sin absolut där selwechter Menung, an ech fannen, dat as nët gutt.

Et as an enger normaler demokratescher Prozedur inakzeptabel. Hei si Bestëmmunge politescher, finanzieller, monetärer, wirtschaftlecher - bei de soziale Bestëmmunge maache mir ee grousst Fragezeichen, se sin ëmmerhin ernimmt gin - an institutioneller Natur an ee Pak agewéckelt gin, an dann heescht et, wie fir Europa as, dee muss dat stëmmen, eng aner Alternativ gët et nët.

Wann d'Regirung Gesetzer an d'Châmber erabréngt, dann hu mir als Châmber d'Méiglechkeet drun ze änneren, wat eis nët gefällt. Mir kënnen, wat eist gutt Recht as, de Gesetzesprojet änneren an en a Kraaft setzen, wéi mir et fir richteg fannen. Hei as dat nët de Fall.

Hei hu mir ee Pak virleien, deen éischtens vill ze vill voluminös an zevill villsäiteg zesummegesat as, fir datt een en iwwerblécke kënnt, an un deem mir zwetens kee Jota méi ännere kënnen. Wann dann och nach eng onnuancéiert an eng eesäiteg Propaganda gefouert gët, wéi dat bei eis de Fall as, da brauch een sech nët ze wonneren, wann d'Leit misstrauesch gin, a sech esou enger ontransparenter an diktatorescher Prozedur widdersetzen. Et as och esou, wéi ech de Widderstand an Dänemark interpretéieren.

Wann dat d'Aart a Weis soll sin, wéi an Zukunft an Europa Gesetzer gemaach gin, da soe mir ganz däitlech neen, sou wéi mir och dësem Projet, wann e sollt zur Ofstëmmung kommen, eis Zoustëmmung nët kënne gin.

Wat hätt d'Regirungen dru gehënnert - ech wär ganz frou, wann den Här Ausseminister mir géing nolauschteren - fir déi verschidde Voletë vum Vertrag eenzel ze verhandelen - an d'Aart a Weis wéi d'Regirung eis hei als Parlamentarier behandelt, as iwwregens signifikant fir d'Iwwerhieflechkeet an d'Arroganz mat där se d'ganzt Vollek behandelt - a Konzertatioun mat hire jeweilege Parlamenter a se dann als eenzel Projetën, déi een iwwerblécke kann, a wou een d'Auswierkunge separat ofschätze kann, zur Ofstëmmung géing bréngen. Dat géif zwar nët esou séier goen, hätt awer de Virdeel, datt et eng gemeinsam Konstruktioun wär, déi mat dem Accord vun der demokratesch gewielter Volleksvertriedung zoustane kéim an dofir och Bestand hätt.

Méng Erfarung aus der landwirtschaftlecher Praxis seet mir, datt eppes wat kënschtlech gedriwwe gët, an dofir ze séier wiisst, normalerweis kee Bestand huet, a mat Zäit an de Koup fällt. Dat selwecht schéngt mir hei beim Traité vu Maastricht de Fall ze sin, wou vum bewährte Prinzip, ee Steen nom aneren ze bauen, ofgewach gin as, an d'europäesch Enegung mat Gewalt virugedriwwe gët.

Eis Pappen hun nët fir näischt dat Sprachwuert geprägt: Mat Gewalt hieft een eng Geess hannen erëm. Dat heescht, datt ee mat enger forcéierter Aktioun nët nëmmen näischt erreecht, mä dacks och nach de Géigendeel vun deem provozéiert, wat ee gären hätt. Dat schéngt mir hei de Fall ze sin.

Ech wollt nach e puer Iwwerleungen zum Fong maachen. De Kolleg Gibéryen as gëschter schon op d'Auslännerwalrecht agaangen.

Ech fannen et traureg, wa mir hei iwwer Auslännerwalrecht schwätzen, a mir kënnen deen Débat nët ouni Emotioune féieren.

Et si Leit, déi sech hei zu Wuert gemellt hun, an déi représentéieren een Deel vum Vollek, déi gesot hun, mir kënnen dat Auslännerwalrecht zu dësem Moment nët guttheeschen. Dunn as direkt vun Auslännerfeindlechkeet geschwat gin. Ech bedaueren dat. Dat as nët den Débat, wéi mir e solle féieren.

Een anere Punkt, do wäicht d'Regirung ganz klor aus, dat sin d'ekonomesch Auswierkunge vun dësem Vertrag. Ech sin d'accord, dass et schwéier as dat ofzeschätzen. Ech sin och d'accord, dass mir eis als Lëtzebuerg och nët kënnen aus der Wirtschaftsunioun an aus der Währungsunioun erausgrenzen. Ech fannen et soll een awer de Leit d'Woueréchtsoen iwwer dat, wat op se zoukënnt. Jhust dat geschitt nët. D'Regirung moolt de Leit a Reklammen een himmelbloen Himmel dohinner, wou nëmmen d'Sonn schéngt, awer keng Wollek wäit a breet ze gesinn as. Ech fannen, dat as dat Schlëmmst derbäi.

Wann et sécher as, an ech zweifele kee Moment drun, datt eis Ekonomie extrem ufälleg as, da muss een sech och domat auserneensetzen. Mir sin ofhängeg, wann de Finanzminister eis d'Wouerecht ëmmer gesot huet, an engem onwaarscheinleche Mooss vun eiser Bankeplaz. En huet eis eng Kéier gesot, datt mir zu 25% vun eise Recette vun der Bankeplaz ofhängeg sin. Wann ech gutt informéiert sin, huet den Här Rau an enger Kommissiounssitzung gesot, datt mir mat 5 Milliarden Ausfall kënnte rechnen op Grond vun deem, wat elo op d'Bankeplaz zoukënnt. Mir sin extrem ofhängeg vun eisem Grenzhandel. Wat passéiert, wann deen ausfällt, wann d'Avantagen, déi d'Auslänner dozou bréngen heihinner tanken a kafen ze kommen, ewechfalen? Do gët gesot, et wäre Recetten ëm déi 7 bis 8 Milliarden am Spill. Op där anerer Säit si mir forcéiert, fir an der Währungsunioun kënne matzemaachen, fir eis enger ganzer Parti Contrainten ze ënnerwerfen, woubäi ech virun allem den Déficite budgétaire an d'Feld féieren. Mir kommen esou lues a lues a Schwiregketen. Wat passéiert, wann et bei de Recetten esou zréckgeet, wéi et sech elo ofzeechent, an ech zweifele kee Moment drun, datt et esou geet, an op där anerer Säit, wa mir d'Ausgaben nët an de Grëff kréien.

Wann ech gesinn, wéi d'Regirung elo erëm mat der Fonction publique verhandelt huet. Wann ech gesinn, wéi déi Käschten explodéieren.. Wann ech gesinn, datt d'Regirung nët am Stand as zum Beispill, de Renteproblem unzegoen duerch eng einheitlech Regelung, wou jidderee gerecht behandelt gët, wou mir awer d'Ausgaben am Grëff behalen, mä wou d'Regirung sech scheit, fir dee Problem unzepaken, do soen ech, mir sollen nët iwwer d'Belsch schwätzen, an eis froen, wéi déi et packen, mä mir sollen eis Gedanken iwwert eis selwer maachen.

Ech wëll dat ënnersträichen, wat ech virgëschter hei gesot hun: Mir däärfen dësen Traité elo nët stëmmen, well mir eis domat op ee ganz geféierleche juristeschen Terrain begin.

Pacta sunt servanda, hun d'Réimer scho gesot. Verträg musse respektéiert gin. Dat zielt an eiser Zäit virun allem fir esou kleng a schwaach Natiounen, wéi mir eng sin.

Wa mir den Traité haut ratifizéieren, da setze mir eis nët nëmmen iwwert eis Konstitutioun, dat heescht iwwert de Grondvertrag vun eisem Land ewech, mä mir signaléieren doriwwer eraus denen anere Länner, datt déi bestehend Verträg, déi nëmmen eestëmmeg däärfen ofgeännert gin, eis nët sakrosankt sin.

Ech weess, datt et der heibanne gët, déi dës Opfaassung nët delen. An dach as et esou. Den däneschen Neen as, wa mir d'dänesch Souveränitéit respektéieren, irreversibel. Wa mir dann elo, ganz onnéidegerweis de Maastrichter Vertrag trotzdeem stëmmen, drécke mir domat aus, datt déi bestehend Vertraagstexter am allgemengen, an den Eestëmmegkeetsprinzip am besonneschen, vun eis a Fro gestallt gin.

Well dat definitiv d'Ofdankung vun eisem Land als souveränen an onofhängege Stat bedeit, bleiwe mir bei eiser Fuerderung, datt dëse Vertrag haut nët däärf gestëmmt gin.

Et gouf an dëser Debatt ganz dacks ervirgehuewen, datt et zu Europa keng Alternativ gët, an datt et dofir och zu dësem Traité keng Alternativ géif gin. Dat as sech d'Saach eiser Menung no e bësselche liicht gemaach. Esou kann een d'Kanner beléieren, awer keng erwuessen a kritesch Biirger vun dësem Stat.

Ech glewen nët, datt et een heibanne gët, deen nët een iwwerzeegten Unhänger a Verfechter vun enger europäescher Enegung wär. Hei wéi iwwerall läit de Problem am Détail:

1. Wat fir een Europa wëlle mir?

2. Wéi soll dat Europa zoustane kommen?

Iwwer dës zwou wichteg Froen, Här Ausseminister, hu mir als Parlament guer nët matzebestëmmen.

Iwwer d'Strukturen, iwwer den demokrateschen Opbau vun dem Europa, wou mir als souveräänt Land elo nach d'Méiglechkeet hun, matzeschwätzen, däärfe mir als Châmber beschtefalls e bësschen hei palaveren.

Mir däärfen eis Menung zu deem oder deem Punkt soen, an esou wéi een d'Kanner freet, ob si fir oder géint Europa sin, fir oder géint den Traité vu Maastricht stëmmen. Wann d'Regirungsmajoritéit fënt, datt dat déi richteg Manéier as, fir Europa mat de Biirger a mat de Parlamenter als legitim Vertrieder vun de Völker opzebauen, da soll si dat maachen.

Wann d'demokratesch Fraktioun mengt, aus engem falsch verstanene Staatserhaltungstrieb dëst trauregt Spill, wat a Wierklechkeet op een Démontage vum demokratesche System an eng Kapitulatioun vum Parlament virun der Regirung erausleeft, misse matzemaachen, da muss si virum Land duerfir hir Responsabilitéit iwwerhuelen.

Mir si jiddenfalls nët bereet, eis op eng simplistesch Manéier an den Eck drécken ze loossen, weder vun eiser Regirung, déi an de Kommissiounssëtzungen hanner zouenen Dire ganz aner Téin uschléit, wéi dat an der Öffentlechkeet de Fall as, nach vun enger EG-Kommissioun, déi, ouni demokratesch Legitimatioun mengt, si misst sech als Schoulmeeschter vun Europa opféieren.

D'Alternativ zum Traité vu Maastricht as nët de Réckfall an d'Mëttelalter oder an een däischteren Nationalissem oder an de wirtschaftleche Chaos, oder an den nächste Weltkrich, wéi dat hei ganz zu Onrecht ëmmer erëm duergestallt gët.

D'Alternativ zu Maastricht as ee gemeinsaamt demokratescht Opbaue vun dem gemeinsamen Europa, dat mir alleguer wëllen, awer een Opbaue Stee fir Steen, wou mir als Parlamentarier an d'Vollek, wat hannendru steet, nët iwwergaangen an iwwerrompelt gin, mä all Kéiers eisen Accord zu engem genee ofgegrenzten an

iwwerschaubaren Deel vun der gemeinsamer Politik gin oder och nët gin, respektiv Ännerunge verlaange kënnen, deemno ëm wat et geet.

Dofir kann d'Oflenung vum Maastrichter Vertrag vläicht eng Blamage oder besser eng Lektioun fir eis Regirung, a selbstverständlech déi aner Regirungen duerstellen, awer nimools, wann déi bestehend Verträg nach eppes solle wäert sin, eng Katastroph fir eist Land bedeiten.

*(Interruption)*

Mir schwätze schon e puer Jor vum 1. Januar 1993. Dat leeft alles virun. Mir handele Punkt fir Punkt dat aus, wat muss gemaach gin, an da wësse mir vu wat mir schwätzen.

*(Interruptions)*

Den Här Goerens huet gëschter gemengt, déijéineg, déi géingen dergéint stëmmen, déi géinge sech et liicht maachen, well se sech géingen hannert dene verstoppen, déi hei d'Responsabilitéit géingen iwwerhuelen. Esou liicht kann een sech et och maachen. Mir maachen eis et nët liicht. Mir huelen dat, wat hei zur Diskussioun steet seriös, a mir iwwerhuelen eis Verantwortung. Mir sin nët bereet den Ausverkaf vun der Demokratie op esou eng einfach Aart a Weis ze maachen.

Ech soen Iech merci.

**Mme la Présidente**.- L'orateur suivant est l'honorable Mme Mutsch.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Mme Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Ech hu mir zum Themaberäich „Maastricht" zwee Voletën erausgegraff, déi hei nach nët esou staark diskutéiert gi sin. Et as dee vun der Informatioun a vun der Edukatioun.

Ech kommen nach eng Kéier op déi Circulaire zréck, déi den Unterrichtsminister un een Deel vum Léierpersonal geschéckt huet, wou en ënner anerem dra schreift, Maastricht wir eng Chance fir d'Lëtzebuerger Jugend, fir hirem Liewen an hirem Schafen nei Dimensiounen ze gin. Et géing och dem Biirger d'Méiglechkeet gin, een demokratescht a soziaalt Europa matzegestalten.

Ech fannen dat richteg, mä ech froe mech awer heiansdo wou d'Hiweiser si fir d'Jugend, a wéi wäit si elo eng besser Chance kréie fir hiert Liewen an hiert Schafen matzebestëmmen duerch dëse Vertrag oder a wéi wäit de Biirger d'Gefill kritt, fir déi Matgestaltung elo schons ze maachen.

Et geet bestëmmt nët duer, datt zweemol am Jor Europadebatte bei eis an der Châmber sin, oder dass déi zweetgréisst Dageszeitung bei eis eng deeglech Europabeilag mécht, Publizitéits- an Opklärungscampagne sechs Woche virun der Ratifikatioun vun dësem Traité ufänken, oder dass eng Rei vun Informatiouns-versammlungen organiséiert gin.

Dat si wichteg Elementer awer den europäesche Prozess brauch eng dauernd Zoustëmmung, an et geet nët duer fir nëmmen eng demokratesch Legitimatioun ze kréien, wa Wale sin, oder wann wichteg europäesch Verträg ustin, oder Direktiven hei an der Châmber musse gestëmmt gin.

Dat heescht d'Politiker mussen eng dauernd Informatiounsflicht hu fir iwwer Europa ze informéieren. Dat as eng vun hiren Haaptaufgaben.

Wann ech iwwert de Volet „Informatioun" schwätzen, da wëll ech och ee Wuert iwwert de Referendum vun Dänemark soen. Et as hei schon dovu geschwat gin am Zesummenhank mat enger Lektioun. Et as och gesot gin, dass mir deen Ausgank vum deem Referendum gebraucht hun, fir waakreg ze gin als Biirger an och als Parlamentarier. Ech sin d'accord mam Jean-Pierre Cot, dem Fraktiounschef vun de Sozialdemokraten am Europaparlament, dee gesot huet, d'Dänen hätte frësche Wand an d'Bud bruecht. Ech sin och d'accord mam neien däitschen Ausseminister, dee gesot huet, Europa kéint nëmmen dann entstoen, wann et nët nëmmen an de Verträg mä och an den Häerzer vu sénge Biirger verankert wär.

Ech sin an enger Partei, déi als éischt Partei an deem heiten Zesummenhank öffentlech Opklärungsversammlungen organiséiert huet.

*(Interruption)*

Mir hun an enger Rei vu Gemengen Opklärungsversammlunge gemaach, an ech muss soen, datt mir e groussen Effort gemaach hun, fir de Biirger ze informéieren. Et war opfälleg op wéivill Interessen déi Opklärungsversammlunge gestouss sin, haaptsächlech och bei jonke Leit. Heiansdo as et jo gutt, wann een d'Schüler stellvertriedend nennt, well hire klore Mënscheverstand heiansdo méi däitlech oder méi onverblimmt an Erscheinung trëtt, wéi beim sougenannten Establishment.

Et sin eng ganz Rei Themaën, déi derwäert sin am Maastrichter Vertrag erklärt ze gin, och wa se heiansdo nëmmen am Usaz dra vertruede sin. Ech wëll zwee Themaë stellvertriedend hei nennen un déi ganz héich Erwaardunge gekneppt gin. Et as de Beräich vun der Emweltpolitik an d'Aussepolitik. Ech sin iwwerzeegt dovun, dass grad bei jonke Leit grouss Erwaardungen un d'Emweltpolitik am europäesche Kader gesat gin. Et as vläicht keen Zoufall, datt Rio a Maastricht an engem Jor beieneekomm sin, a wann, dann as et ee gudden Zoufall an et gët erwaart, datt haaptsächlech mir als Industrienatioun et fäerdegbréngen ëmzedenken a méi maache wéi jhust Ofsiichterklärungen.

Mir erwaarden natiirlech eng besser a méi eng schnell Verännerung vun den Emweltproblemer, wann elo eng qualifizéiert Majoritéit bei engem Deel vun den Entschedungen op europäeschem Plang gëlt, zemools wou ee weess, datt d'Emweltproblemer nët un de Grenze vum Land stoe bleiwen. Hei as ménger Menung no ee ganz groussen Informatiounsbedarf, an dat selwecht gëlt fir déi gemeinsam europäesch Aussen- a Verteidegungspolitik, déi ugestrieft gët. Et as selbstverständlech esou, dass den Ost-West-Konflikt op een Enn gaangen as, mä et as awer och zënter dem Enn vun deem Konflikt, déi éischte Kéier, dass matten an Europa mir ee Krich hun. D'Situatioun as an deem Sënn nët méi berechebar gin, de Konflikt bleift weider bestoen.

Ech sin an deem Zesummenhank iwwerzeegt, dass och bei de Lëtzebuerger d'Menung besteet, datt d'Europäesch Gemeinschaft méi wéi je muss een Instrument sin, a weider ausgebaut gi fir d' Friddenssécherung. Dat heescht datt d'Kraaft muss zesummegeluegt gin, fir gemeinsam de Fridden ze sécheren an e Krich ze verhënneren. Elo wou all déi al Strukturen iwwerall zerfalen, sollt Europa nët a Fro gestallt gin, mä gestäerkt gin. Ech sin iwwerzeegt, dass mir op denen do Froe géingen ee Konsens fannen. Dat selwecht gëlt fir d'Iwwerleung, dass Europa déi richteg Äntwert as op d'Gefor vun engem Réckgrëff op vereelsten Denkmusteren an d'Opfaassung vun engem falschen Nationalismus, falsch och dowéinst, well déi meeschte Problemer selbstverständlech iwwert déi national Grenzen eweg reechen.

Dat alles si Messagen, déi sech duerchaus dofir eegnen, fir de Biirger, a virun allem och de jonke Mënsche vermëttelt ze gin, a si si mindestens genee esou wichteg wéi dee Volet, dee méi ausféierlech hei thematiséiert gin as, dee vum Auslännerwalrecht.

Den Unterrichtsminister huet an där Circulaire vun där ech geschwat hu gesot: „Consacrer une partie d'une leçon" fir deen heiten Themeberäich. Ech froe mech awer wéisou de Volet Europa nët méi, an nët méi ausféierlech an eise Schoulen thematiséiert gët.

An eisen Nopeschlänner as ee massiivt Emdenken amgaang. Zum Beispill an Däitschland, wou déi Fächer Sozialkunde oder Gemeinschaftskunde, dat as ënnerschiddlech je nodeem a wat fir engem Bundesland een as, amgaang sin adaptéiert ze gin, an och op europäesch Themen ausgebaut gin.

Hei zu Lëtzebuerg hu mir ee Fach wat heescht Instruction civique, wou et drëm geet, fir d'Konstitutioun ze erklären oder de Walmodus hei am Land. Op alle Fall as et keen Instrument, wat dozou gëegent wir, fir de Studenten d'politesch Zesummenhäng e bëssche méi klor ze maachen, an och den europäeschen Themebräich e bësschen ze konkretiséieren.

Ech wëll soen, dass domat op alle Fall nët kann eng Indoktrinatioun verbonne sin, mä wann ee weess, dass och an engem konservative Bundesland wéi Bayern esou ee Cours besteet, - a ganz interessant besteet! -, da kann een sech nët virstellen, dass hei irjendee Schüler géing zum Marxismus an esou engem Cours versicht gin ëmgestëmmt ze gin.

Ech sin op alle Fall iwwerzeegt, dass d'Vermëttele vu politeschen Zesummenhäng an europäeschen Themen an de Schoule mindestens esou wichteg as, wéi d'Heemecht haart ze sangen, oder de Vater unser ze bieden. Et as op alle Fall eng Tatsaach, dass den alen Europakonsens aus der Nokrichszäit haut nët méi ausräichend as, an dass d'Europavisioun vun de Grënnungspappen nët méi déi selwecht haut as. Am Prinzip gëlt dat op allen Niveauën, ob dat op Gemengeplang as oder um nationalen Niveau. Jonk Leit verzeien et nach vill manner wéi déi aner, wann dat nët klappt. Dat heescht dass si nët wëllen, dass Combinen sollen hanner verschlossenen Dire sin, dass Europa een Europa vun de Regirungen,de Fonctionnairen an de Bürokrate soll sin. Gefuerdert asméi Transparenz, méi Informatioun a méi Kreativitéit.

*(M. René Kollwelter prend la Présidence)*

Den Delors huet geschwat, mir missten d'Einfachheet nees léieren ze vermëttelen, souwuel am europäeschen Entschedungsprozess allgemeng, wéi och am Zoustanekomme vun de Gesetzer an de Veruerdnungen am Speziellen. Deem stëmmen ech zou, an do gët et bestëmmt ee groussen Nohuelbedarf.

Et as schons ganz klor hei gesot gin, dass dat demokratescht Fundament op deem d'Maastrichter Verträg berouen nët ausräichend as. Do muss een an Zukunft nach vill dru schaffen.

Mir sin nët scho gutt Europäer, wa mir dräi Sprooche beherrschen, oder wa mir Maastricht ratifizéieren. Fir d'Virberedung op Europa op alle Pläng, op wirtschaftlechem Plang, politeschem Plang, sozialem Plang, as et wichteg, dass eis Schoulausbildung deem Rechnung dréit, dass eis Léierinhalter, Léiermethoden a Léierprogrammen iwwerpréift gin. Ech si frou, dass den Här Rau scho gëschter an deem Zesummenhank op d'Integratioun vun den Auslännerkanner an eise System méi ausféierlech agaangen as. Et gëlt hei ze iwwerpréifen, ob dës Inhalter, dës Programmer nët ganz schnell nët nëmmen un d'Grenze vun eisem Land, mä och un d'Grenze vun eiser Flexibilitéit ugelaangt sin.

Ee vun de Message vun dësen Diskussiounen, wäärd sécherlech sin, dass dëst Europa nëmme mat engem interesséierten, informéierten a motivéierte Biirger ze realiséieren as, an dat as eng ganz wichteg Saach un där mir an der Zukunft misste schaffen.

**M. le Président.**- Nächsten ageschriwwene Riedner as den Här Josy Simon.

**M. Josy Simon** *(DP)*.- Här President, dir Dammen an dir Hären. Haut as ee vun dene schlëmmsten Deg, deen ech als Deputéierten hei erliewen. Ech weess nët, ob ech mir soll virkomme wéi op engem Begriefnes oder wéi am Krich, wéi ech als Bouf hamstere gaange sin, fir onse Lëtzebuerger Jongen, déi mir verstoppt haten, eppes kënnen ze iessen ze gin.

Ech hu virun dräi Jor, wéi ech hei an d'Châmber komm sin, een Eed ofgeluegt, dee folgende Wuertlaut hat: „Je jure obéissance à la Constitution, au Grand-Duc et aux lois de l'Etat."

Ech hun deen Eed bis haut respektéiert, an ech géing en och gäre viru respektéieren, awer ech sin haut mat engem Gesetzprojet befaasst, wou ech als Deputéierte vun der Regirung forcéiert gin, mäin Eed ze briechen, well eendäiteg ee Verfassungsbroch an dësem Gesetzprojet virläit. Ee Beamten, deen den Eed ofleet op eis Verfassung, wann deen e brécht, da gët e bestrooft.

Här President, ech wëll Iech d'Fro stellen, wat dann elo mat den Deputéierte geschitt, déi hiren Eed brieche beim Vote vun dësem Gesetz de Mëtteg? Gin déi bestrooft, wéi ee Beamten, oder wat geschitt mat denen?

Ech wëll op kee Fall bestrooft gin, an aus deem Grond, Här President, froen ech Iech, mech virun der Ofstëmmung vun dësem Gesetz haut de Mëtteg vu méngem Eed ze entbannen, fir kee Verfassungsbroch ze begoen.

Et as traureg, dass dës Regirung ons als Deputéiert an esou eng delikat Situatioun bruecht huet. Dat as onverantwortlech an ënnert aller Klarinett, wéi hei Chantage mat ons als Deputéiert bedriwwe gët.

Ech wëll ee klengen Zitat aus dem Här Bonn séngem Avis doriwwer soen, fir dat ze ënnermaueren.

**M. le Président.**- Erlaabt Dir eng Fro vum Här Mehlen, Här Simon?

**M. Josy Simon** *(DP)*.- Ech loosse mech vu kengem ënnerbriechen, ech hun nëmmen eng gewëssen Zäit.

„Dës Revisioun muss virun der Ratifikatioun vum Traité kommen, an nët duerno.

Et as d'Fro vun enger rechtlecher Logik, et kënnt ee soe Logik tout court."

Da seet den Här Bonn a sénger Konklusioun: „Den Traité vu Maastricht wäicht of vun der Konstitutioun, andeems hien e Walrecht den Nët-Lëtzebuerger accordéiert.

D'Revisioun vun der Konstitutioun, fir déi zwee Akten en concordance ze bréngen, muss der Ratifikatioun vum Traité virausgoen."

Fir de Respekt vun eiser Konstitutioun.

Emmer schons war d'Demokratesch Partei ee Porte-parole vun enger iwwerluegtener europäescher Konstruktioun an de Verteideger ouni Konzessioun vum Rechtsstat an onser Konstitutioun. Nach elo viru kuurzem haten déi Deputéiert vun der Demokratescher Partei de Courage fir de Viol ze refuséieren vun onsem fundamentale Gesetz, wéi bei dem Gesetz vum Pavillon maritime an dem Gesetz iwwer déi europäesch Medikamentelëscht. Am Moment vum Vote hu mir de Sall verlooss.

Zum heitegen Zäitpunkt as eis Konstitutioun méi wéi je a Gefor. Eis Konstitutioun, déi jo de Garant as vun de fundamentale Rechter vun alle Biirger. Aus reng politeschen Ursaachen gin déi Deputéiert vun de Majoritéitsparteien un, d'Ratifikatioun vun den Accore vu Maastricht virzehuelen, andeems si d'Konstitutioun violéieren, dëst trotz der Tatsaach, dass d'Expären a Saache lëtzebuergeschen Droit constitutionnel sech eens sin, fir ze dénoncéieren, dass dëst eng wierklech Ausserkraaftsetzung, vun dësem jo awer fundamentalen Text, duerstellt.

Dëst trotz der Tatsaach, dass an der Belsch, ee Land, wat iwwer eng Konstitutioun verfügt, déi onser ähnelt, de Staatsrot sech klor ausgesprach huet, dass d'Konstitutioun misst geännert gi virun der Ratifizéierung vun den Accore vu Maastricht.

D'Regirung huet an der Dot negligéiert, deen eenzelne Kontext ze erfaasse vun der Negociatioun vun den Accore vu Maastricht an den Engagementer, déi si sollt agoen, fir verschidde Froe vu vitaler Wichtegkeet fir d'ganzt Land ervirzesträichen an ze regléieren, an notamment

- d'Fro vun dem Sëtz vun den europäeschen Institutiounen

- d'Roll an d'Plaz vun de klenge Staten an der zukünfteger institutioneller Ariichtung vun der Unioun

- d'Zukunft vun der Finanzplaz
- d'Fro vun der europäescher Biirgerschaft.

D'Demokratesch Partei rappeléiert, dass aner Regirungen et fäerdegbruecht hun, an den Accore selwer, oder an hirem Kontext, spezifesch Ofwäichungen zu den Interesse vun hirem Land, ze erreechen.

Schlussendlech an haaptsächlech condamnéiert déi Demokratesch Partei op eng ganz staark Fassong d'Handhabung vun der Regirung a Saache Walrecht fir d'Ressortissantë vun der Communautéit bei de Gemengen- an Europawalen, d'Mëssuechtung géinteniwwer den Engagementer, déi an dem Koalitiounsaccord an an den Accoren, déi vun denen dräi grousse Parteien um Virowend vun dene leschte Legislativwalen ënnerschriwwe goufen. Andeems si all Konsultatioun an dene betreffende Saachen während der Negociatiounsphas vu sech drängt, versicht d'Regirung den Débat ze vermeiden, wat de Fong ugeet, a Lëtzebuerg an d'lëtzebuergescht Vollek virun ee Fait accompli ze stellen.

Schlussendlech rifft d'Demokratesch Partei, besuergt iwwer de Fait, dass déi progressiv Integratioun an d'Opmaache vun de Grenze wichteg Erausfuerderunge fir verschidde Secteuren vun onser Ekonomie mat sech bréngt, d'Regirung dozou op, dréngend Begleetpolitike festzeleën an a Kraaft ze setzen op de Gebidder

- vun der Ekonomie
- vun de Classes moyennes
- vun den öffentleche Finanzen
- der Edukatioun an der Formation professionnelle
- der Integratioun vun den Auslänner.

Finalement gesäit ons Partei hire Wonsch bestätegt fir ee konstitutionelle Geriichtshaff, dee versinn as mat enger onwidderrufflecher Autoritéit, anzeféieren, fir ee Verdikt an alle Situatiounen ze imposéieren, - och wéi mir eng haut hei erliewen - déi kënnten Ulass gin zu zweifelhaften Interpretatioune vun der Lëtzebuerger Konstitutioun.

D'Häre Bech, Werner, Robert Schuman, Thorn, Mart, déi sech mat Léift a Gefill, mat Läif a Séil, fir onst Land an der Europäescher Gemeinschaft agesat hun - awer mat anere Methoden - wéi hun déi Leit Lëtzebuerg an der E.G. vertrueden. Si hun sech nët nëmmen aus perséinleche Grënn mat dene Verantwortlechen aus denen eenzelnen EG-Länner getraff, mä si hun d'Lëtzebuerger informéiert, an an d'Verantwortung materugezun. Virun allem ware si renomméiert Spriecher fir onst Land.

Bei den Décisioune vun de Maastrichter Verträg, déi an dëse Momenter iwwert d'Bühn gin, vermëssen ech eng objektiv Informatioun fir all Lëtzebuerger Matbiirger, obschon d'Regirung sech et elef bis zwielef Millioune kaschte gelooss huet, fir Propaganda ze maachen. Déi meeschte Leit wësse guer nët, ëm wat et iwwerhaapt geet. Och mir Deputéiert hu missen d'Zeitunge liesen, Radio lauschteren, an Televisioun kucken, a sin nach nët vill gewuer gin. Mir hu misse bis e Freideg, de 27. Juni waarden, fir déi lescht Documents parlementaires ze kréien.

Dës Regirung mécht jo de Spott an de Geck mat ons, well et mussen elo eng Parti vun den Deputéierten sech iwwerschloen, fir dee gewaltege Pensum un Aarbecht kënnen ze bewältegen, genau esou wéi d'Personal vun eiser Châmber.

Loosse mir elo emol Klortext schwätzen.

Déi Maastrichter Verträg wat as dat? Deen ee seet, déi eenzel Arméien, déi sollen een eenheetleche Konzept hun. Déi aner soen, d'Auslänner kënnen elo hei wiele goen. Anerer erëm déi mengen, et géing nëmmen ëm déi eenheetlech Währung, wéi den ECU, goen, oder ëm wat se anescht nach vläicht décidéiert hun.

Déi jonk Leit, déi mengen, dat as eng gutt Saach, da kréie mir emol eng eenheetlech Sprooch, eng offiziell eenheetlech Sprooch, wéi zum Beispill d'Englescht, wat dann dee Moment eis offiziell Sprooch as, déi vum éischte Schouljor un als Haaptsprooch, als éischt an all Land geléiert gët, ob dat elo Griechenland, Däitschland, Portugal oder Lëtzebuerg as. Déi jonk Leit fannen, dass dat eng flott Saach as.

Kulturell hu mir guer keng Problemer wat d'EG ubelaangt. Déi Leit, déi Musek maachen, déi hun sech ëmmer scho verstanen, ob dat elo Engländer, Fransousen oder Däitscher sin.

Leit, déi Theater spillen, dat as och eng Welt fir sech, déi verstin sech ënnert eneen, nëmmen et as eng Fro, ob mir Europäer ons ënnertenee verstin, wann et nët ëm Kultur geet.

Et spille vill Faktore mat, nët nëmmen, dass mir elo sollen d'Grenzen opmaachen, dat as eng gutt Saach, oder dass mir dëst oder dat. Et däärf een nët vergiessen, et gi Länner aus dem Süden an et gi Länner déi am Norde sin. Déi hu ganz verschidde Prägungen, ob dat elo de Klima as, d'Religioun, d'Traditiounen oder d'Sprooch. Dat hun ech jo schons ervirgestrach. Domat as jiddereen d'accord, datt mir héchstwaarscheinlech, esou wéi den Här Gilbert Trausch et gesot huet a sénger Ried als Chefredakter fir eng Stonn, e Samschdeg den 20. Juni, dass mir do héchstwaarscheinlech mussen op d'Englescht kommen, well d'Englescht an der ganzer Welt geschwat gët. Dat géing ech och begréissen, fir eemol dervun ewechzekommen, datt ons Schüler ganz eesäiteg nëmme getrimmt gin op Däitsch oder Franséisch. Ech mengen, et as ganz wichteg, datt mir an der EG eng eenheetlech Sprooch hun. Dat soll och a méngen Aen Englesch sin.

Do derniewent kënnt all Land sech dat eraussichen, wat se nach vu Sprooche wëllen fir hir Kanner. Dat sief dohi gestallt, an ech wëll nët dorop agoen. Nëmme wat déi Informatioun ubelaangt, d'Leit si ganz falsch oder nët genuch informéiert. Déi eenzeg informéiert Leit, sin déi, déi sech selwer dozou beweegt hun, sech dat 300 Säiten Dokument vun de Maastrichter Verträg irgendwéi ze organiséieren, well ze kafe kritt een et jo bis elo am Handel nët.

Wann deen eenzelne Biirger an och de Politiker wëllt wëssen ëm wat et geet, kritt en ëmmer gesot, et as dat oder dat, mä e kann et nët noliesen, e kann et nët analyséieren, e kann einfach nët séng Menung dozou soen.

Ech sin der Menung, an dat déi meescht Lëtzebuerger Leit, datt dat hei erëm esou een Iwwerrompelungsgesetz soll sin oder eng Décisioun, déi séier iwwer d'Bühn soll goen, esou wéi dat deemools mat der Junckerescher Steierreform. Dat war och esou een Iwwerrompelungsgesetz, an duerno sin d'Leit erwächt, an hu versicht sech zur Wier ze setzen, fir eppes géint dës Reform ze ënnerhuelen, mä et war zu deem Zäitpunkt ze spéit, well wat den Här Juncker décidéiert hat, dat war décidéiert an onëmwerflech. Dat hei kënnt mir genau esou vir.

Hei huet d'Regirung versot, global versot an am héchste Mooss. Dat deet mir immens leed fir ons Châmber, déi nët fréizäiteg heivun an d'Bild gesat gin as. Et deet mir och leed fir ons Lëtzebuerger Matbiirger, déi guttgleweg hir ganz Confiance an déi vun hinne gewielte Leit setzen, an dann enttäuscht gin. Et deet mir leed fir onst Land.

Well d'Lëtzebuerger Land ee klengt Land as, kann an dierf et nët einfach mat allem, wat him imposéiert gët, d'accord sin. Et muss iwwer esou wichteg Décisiounen, déi geholl solle gin, ewéi d'Ratifizéierung vun de Maastrichter Verträg, diskutéiert gin, an d'Leit, dee Grapp voll Lëtzebuerger, dee mir nach sin, déi muss een do mat integréieren. Wat as déi beschte Method fir d'Vollek ze integréieren? Dat as d'Leit ze informéieren.

Do huet et hei gehappert mat eiser Regirung. Dat heescht si hun an hir Wieler kee Vertrauen, well soss hätte se hir Matbiirger richteg an anstänneg informéiert. Si hätten da guer näischt ze fäerte gehat,

mä dat wat ech fäerten, datt scho verschidden Décisioune gelaf sin, wat ons Souveränitéit an ons Autonomie ubelaangt, éier déi Maastrichter Verträg ënnerschriwwe gin, an dass duerno déi kal Dusch vun den Häre Poos a Santer iwwert eis Lëtzebuerger Matbiirger kënnt.

A firwat? A wéisou? Do wëll ech dem Här Staatsminister munch Froe stellen, op déi ech weider zréckkomme wëll.

Wann ech da vun der Géigewaart an d'Zukunft gin, da muss ech soen, do hun ech Angscht, an déi Angscht as nët nëmme méng, mä och déi vu ville Lëtzebuerger Matbiirger. Angscht, well nët genuch Informatioun. Wa genuch Informatioun, dann Angscht et géifen Décisioune getraff gin, déi dem Lëtzebuerger Land géife schueden an domat och virun allem deem Grapp vu Lëtzebuerger.

De Lëtzebuerger hir Statuten, déi si bis elo haten, et muss ee jo soen, wann een un d'EG denkt, mat zwielef oder och herno mat méi Staten, da muss ee jo op ee gemeinsamen Nenner kommen. Wann ech wëll op ee gemeinsamen Nenner kommen, da soen ech mir, et as ee grousse Kuch, dee gedeelt gët. Ee grousse Kuch dee gedeelt gët, dat heescht, déi vill hun, déi mussen denen, déi nët esou vill hun, matgin.

Dat as eng gutt Saach. Ech sin och dofir, mä ech wëll nët weider drop an ze goen. Ech wëll jhust erwähnen, wéi as et zum Beispill mat de Leit hire Paien? Do wëll ech direkt drop hiweisen, dass ausdrécklech an de Maastrichter Verträg steet ënnert dem Ponkt dräi, dass ausgeschlosse Sujetën d'Paie sin, d'Syndikalsrechter, d'Recht op Streik an Ausspärung. Do muss ech d'Fro un déi grouss Gewerkschaften, déi mir heibannen hun, wéi OGB-L an LCGB riichten, wat si dozou ze soen hun, a wéi si de Leit dat wëlle verkafen.

Dem Staatsbeamten hei zu Lëtzebuerg, deem geet et gutt an och villen aneren aus der Privatwirtschaft. Awer engem Staatsbeamten an der Belsch, dat hu mir jo elo beim leschte Streik gesinn, deem geet et nët gutt. Gi mir a Griechenland a mir froen, wéi et do mam Staatsbeamten as an denen aneren, da schwätze mir scho guer nët méi doriwwer.

Froen, déi nët nëmmen d'Staatsbeamten sech hei zu Lëtzebuerg stellen:

Wat geschitt mat ons?

Wat geschitt mat onse Paien?

Wat geschitt mat onse Pensiounen?

Wat geschitt mat onser Carrière?

Wat geschitt iwwerhaapt mat onsem Stat?

Wa mir froen, wat geschitt mat onsem Stat, da menge mir, wat geschitt mat onsem Land? Onst Land, dat as onse Stat, deen dës onkapabel Regirung amgaang as ze verkafen. Se soen 1993 géingen d'Grenzen opgoen. Wat heescht dat fir onst Land? Am Klortext heescht dat, de Lëtzebuerger däärf an Däitschland oder a Griechenland schaffe goen, op d'Rees goen, egal wéi, et brauch ee keng Formalitéite méi, dat geet alles per Computer. Dat as alles schéin a gutt, mä och déi Leit, aus denen aneren EG-Länner, déi kommen op Lëtzebuerg. Wat heescht dat fir ons Lëtzebuerger? Ons Lëtzebuerger si gefuerdert, dat heescht d'Konkurrenz schléift nët. Ons Lëtzebuerger Leit mussen sech e bëssche méi um Rimm rappen an e wéineg méi leeschten, ménger Menung no entre parenthèses, fir manner Loun. Dat fannen ech, dat as eppes, wou een hätt missen driwwer diskutéieren, ob ee wierklech d'Maastrichter Verträg einfach esou soll unhuelen, oder ob et nët un dem Här Poos et Cie gewiescht wär, fir drop ze halen, fir dës oder déi Klausel mat dranzebréngen fir onst klengt Land.

Firwat war onsen arroganten Här Poos nët esou op Zack wéi munch anere vu sénge Kollegen, déi fir hir Länner a Leit verschidden Ofwäichunge vun dem Traité ausgehandelt hun, Länner wéi Dänemark, Frankräich oder England oder d'Iren. Gitt ons Opschloss doriwwer, dir Hären.

Ech wëll nach eng Zousazfro stellen, wéi gesäit et dann no der Ratifizéierung aus zum Beispill bei de Paie vun de Ministeren, oder as do vläicht eng Klausel agebaut gin, fir datt dee selekte Krees gutt ofgeséchert as?

Währenddem Dir Iech elo doriwwer Är Gedanke maacht, wëll ech kuurz de Michel Raus zitéieren, deen den 30. Juni a sénger „Op ee Wuert„-Emissioun iwwer „en europäeschen Trouschtpräis" folgendes gesot huet: „Huelt nuren den däneschen Ausseminister Ellermann-Jenssen. Grad hie soll nämlech séngen dänesche Wieler vis-à-vis, wann ee gewësse Korrespondenten zu Kopenhagen dierft glewen, an de Wochen an Deg virum Referendum iwwer Maastricht bal esou arrogant, esou iwwerhieflech an onbeléierbar opgetrueden si, wéi säi lëtzebuergesche Kolleg an där nämlechter Saach."

Fir elo zréckzekommen op Lëtzebuerg, dat klengt Land, ech gesinn et esou, Lëtzebuerg gët eng Regioun, ewéi vläicht Rheinland-Pfalz eng Regioun as vu Groussdäitschland. Dat géif mir awer guer nët gefalen. Ech mengen och dene meeschte Lëtzebuerger nët. Si mir dann erëm op deem Ponkt, wou mir froen, wéi as dat mat den Ausländer? Et as eng delikat Fro. Dat mécht mir et och immens schwéier doriwwer ze schwätzen, well ech perséinlech hu guer kee Problem mat den Ausländer. Wann ech nët nueren u mech denken, mä doriwwer eraus u verschidde Gemengen, déi ee grousse Prozentsaz vun Ausländer hun. Ech denken u gewëss Betriber, déi vill Ausländer hun. Ech denken un d'Ausländer selwer, wéi laang datt si wëllen an onsem Land bleiwen, a wéi wäit se sech wëlle fir onst klengt Lëtzebuerg mat onse Problemer interesséieren. Wat se iwwerhaapt dovun hun, ausser aus perséinleche Grënn sech irgendwéi wëlle fir Lëtzebuerg anzesetzen, wa si nët mengen, si hätten dësen oder dee Virdeel.

Jiddereen huet do séng Menung. Méng Menung as, an déi soen ech och ganz klor an däitlech, dass ech et nët gutt fannen, dass d'Ausländer, déi de Moment jo nach Ausländer sin fir eng Lëtzebuerger Gemengewal sech stellen, oder eventuell an der Zukunft fir eng Châmberwal kandidéieren, déi iwwerhaapt nach a Fro gestallt as, well mir wësse jo nët, wat dës gutt Regirung schons zu Maastricht décidéiert huet, ob nët scho gesot gin as, d'Châmber an denen eenzelne Länner wär iwwerflësseg, et géing duer mat Gemengen an Distrikter, an esou weider.

Fir grouss Saache géife mir dann d'EG materunhuelen, an déi décidéiere loossen. Ech géif mengen, dat wär nët gutt, wann Ausländer sech géife fir d'Gemengewale stellen, oder däärfte wiele goen.

A méngen Aen wär dee richtege Wee, wann s du Lëtzebuerger bas, dann hues du Rechter a Flichten, an du däärfs wiele goen, an du hues Interessi dech fir dat Land an zu där Natioun wou s du dech higezu fills oder dech bekenns, anzesetzen. Awer dat méchs du nët, wann s du als Portugies a Portugal eng Villa hues, an du schaffs nach fënnef oder sechs Jor hei an da gees du erëm zréck, an du léiss dir déng Pensioun noschécken, wat ech och richteg fannen.

Well ech wëllt jo och nët a Griechenland schaffe goen, an ech kréich herno vun do och keng Pensioun op Lëtzebuerg geschéckt, vun dene 5 oder 15 Joer, déi ech do geschafft hätt.

Ech weess nët, ob dat eng gutt Saach soll sin. Déi Leit sin nët engagéiert, fir sech hei wëlle fir Lëtzebuerg anzesetzen. Dat as einfach nët dran. Ech géif et och nët maachen! Ech géif do irgendeen, wa méiglech ee vu ménge Matbiirger, a Griechenland wielen, mä héchstwaarscheinlech kee Griech.

Deen, dee méng Interesse géing vertrieden, dat wär e Lëtzebuerger, dee sech do ënnen opgesat hätt. Awer dat as ganz onwaarscheinlech, well mer esou e klengt Land sin.

Elo nach eng Kéier ganz däitlech gesot, ech sin nët der Menung, datt een Ausländer hei zu Lëtzebuerg soll wiele goen, ob dat eng Châmberwal oder eng Gemengewal as, ausser bei de Gewerkschafts-

walen. Déi meescht vun den Ausländer schaffe jo a Betriber a musse sech do och fir hir Aarbechtskollegen asetzen, wat eng gutt Saach as. Ech sin och President vun der Delegatioun vun RTL a kucken nët, ob et en Ausländer oder e Lëtzebuerger as, wann e Problem sech stellt, wat de Betrib ugeet.

Wir et nët méi einfach, mir géifen d'Prozedur, fir Lëtzebuerger ze gin, vereinfachen, a mir wéissten, dass domadder d'Ausländer sech géife Lëtzebuerger maache loossen, sech géingen en Haus hei kafen oder selwer bauen, hei hiirt Liewe géinge verbréngen, fir sech esou automatesch mat de Lëtzebuerger ze integréieren? Dovunner kënnten d'Lëtzebuerger nëmme profitéieren a vun de jëtzegen Ausländer léieren. Et wir eng Beräicherung fir onst Land. Oder as dat zevill verlaangt, Här President? Well mir brauche Lëtzebuerger.

*(Mme Erna Hennicot-Schoepges reprend la Présidence)*

Wann den Här Poos a Compagnie sech wëllen dobausse bretzen, datt mer Lëtzebuerger wären, an e klengt Land, e räicht Land, wou de soziale Fridden erhale wir, Lëtzebuerg wär e gréngt Land an d'Häerz vun Europa, wéi der vill dobaussen erzielen, dat as jo alles schéin a gutt, awer wéi laang nach?

Zréck zur Integratioun. An den 30er Joren hun d'Italiéiner genau dat selwecht gemaach, hu sech integréiert a si gutt Lëtzebuerger gin. Mir hun d'Castegnaroë souguer bis an de Staatsrot gesat! Firwat as dat nët och mat aneren EG-Biirger méiglech, zum Beispill de Griechen oder de Portugiesen?

Ech mengen, ech misst hei nach d'Fro opwerfen, sou wéi den Här Gaston Thorn den 18. Juni an engem Interview am „Journal" gesot huet: „Ich finde das unverzeihlich und verstehe nicht, dass ein Land wie Luxemburg, mit einem Ausländeranteil von über 30%, keine Ausnahmeregelung festschreiben liess. Die Zuerkennung des Wahlrechts für den europäischen Urnengang hätte vollauf genügt."

As d'Fro iwwer d'Auslännerwalrecht nët ze fréi komm?

Wat d'EG ubelaangt, do sin ech der Menung, esou wéi all Lëtzebuerger Matbiirger, datt mir an der EG bleiwen. Dat as keng Diskussioun, dat soll och nët a Fro gestallt gin.

Ech mengen, mir sin näischt méi, wa mir aus der EG géingen austrieden. An dat wësse mir alleguer a mir wëlle jo och dra bleiwen. Et geet guer nët dorëm, mä mir wëllen als ee Stär an der EG sin, an de Moment si mir nach e Stär.

Europa as nach kee Picasso-Bild, wou alles duercherneen as. Mir sin nach keng Griechen, mir sin nach keng Portugiesen, an och nach keng Preisen.

Mir sin nach Lëtzebuerger, an dat wëlle mir och bleiwen, mat esouvill wéi méiglech Lëtzebuerger. Wéi kënne mir dat gin? Mä wa mir d'Prozedur vun der Optioun, fir d'Nationalitéit ze kréien, vereinfachen, et méi liicht maachen, Lëtzebuerger ze gin. Natiirlech muss een do virsiichteg sin an nosichen, ob déi Persoun nët an deem Land, wou se hierkënnt, gesicht gët oder irgendee Problem huet. Dat as eng aner Saach.

Wat d'Wale vum Europaparlament ubelaangt, sou fannen ech, do misst och all Ausländer, deen aus engem EG-Land kënnt, wann e kann noweisen, datt en ee Joer an deem Land as, kënne wiele goë fir déi Europadeputéiert, ob dat e Portugies, e Lëtzebuerger oder e Fransous as. Et wär ganz egal, wat e wëllt wielen. Wann hie mengt, déi Persoun kënnt e wielen, da kann hien dat roueg maachen, ob et e Lëtzebuerger as oder en aneren.

Mä fir onst Land, fannen ech, as et e bëssche verfréit, fir elo scho vun der politescher Situatioun ze schwätzen, datt d'Grenze sollen op sin, datt mir politesch eppes Grousses a Gemeinsames solle sin. Dat as nach ze fréi. Do hätte mer sollen, wéi den Här Gaston Thorn och gesot huet am „Journal", d'Leit nach nët dermat belästegen an, wéi scho gesot, domat waarden. Et war eng Hetzfro. Leit, wéi ech zum Beispill, déi de Krich irgendwéi matgemaach hun, als Kand oder als Erwuessenen, déi irgendwou an engem KZ oder am Prisong souzen, ëmgesidelt waren, wou Dausenden hiirt Liewe gelooss hun, wéi ons Jongen, déi an d'Wehrmacht verschleeft goufen an déi guer nët doriwwer ewechkomm sin, déi Leit wëllen nët eppes anescht si wéi Lëtzebuerger. Déi wëllen nët Fransous, Preis oder Spuenier sin. Fir déi sin d'Ausländer nach ëmmer „een, deen déisäit der Grenz doheem as, och wann en en EG-Matbiirger as".

Här President. Wann déi arrogant Regirung, déi mir hun, nët esou schlecht verhandelt hätt, dann hätt déi Fro iwwer d'Auslännerwalrecht sech eréischt a 5 oder méi Jore gestallt. Mir hätten d'Leit nët sollen iwwerrompelen an hinnen Angscht afléissen, mä mir hätte solle soen: D'EG geet e wéineg méi séier virun. Dir wollt jo alleguer, dass dat méi séier sollt virugoen. Mä mir fänken elo emol dermat un, datt mer dat mat der Sprooch geklärt kréien.

- Mir huelen elo emol eng einheitlech Sprooch an denen 12 Länner.

- Dann huele mer deen zwete Schrëtt. Dat as dann e puer Joer duerno, et kann och gläichzäiteg sin. Mir sin ons jo eens, datt d'Preisen, d'Englänner an d'Fransousen jo nët direkt dermat d'accord sin, ob mer den ECU unhuelen oder ob mer eng aner europäesch Währung fir d'EG akzeptéieren.

- Da gët et nach déi aner Saach, d'Grenzen op. Dat hu mer scho vun 1993 un, wat d'Handelsproblematik ugeet. Do gët et nach ganz säfteg Diskussiounen; an déi wäerten och erëm esou 5 vir 12 kommen - dorop si mir scho gefaasst - vun der Regirung Santer-Poos.

- Wat nach eng ganz wichteg Diskussioun fir de Moment misst sin, dat wir déi iwwer déi Arméi, iwwer ons Arméie vun denen 12 Länner, an nët, wéi d'Preisen an d'Fransousen et wëlle maachen, fir eng Zwou-Natiounen-Arméi op d'Been ze setzen.

Wéi maache mer et elo? Maache mer eng Flichtarméi? Maache mer eng Fräiwëllegenarméi? Hale mer d'NATO nach bäi oder nët? Oder versiche mer eppes opzeriichten, wat ons allen 12 passt?

Dat si Saachen, déi virum Walrecht fir d'Ausländer, wéi dat ënner de Leit brutschelt, ze décidéiere wären.

Ech sin och fir Europa, ech sti fir Europa an, an ech wëll nët, dass Lëtzebuerg géing aus Europa austrieden. Wa mir wëlle konkurrenzfäeg bleiwe vis-à-vis vun denen aneren 11 EG-Staten, da musse mir ons Schüler awer ferm anescht edukéieren. Dat geet vun de Sprooche bis zum Rechnen, der Geographie, der Geschicht, der Allgemengbildung bis zu der Kultur. A Kultur as fir mech eng ganz wichteg Saach. Ech wëll och de Sport nët vergiessen. De Sport as zënter ménger Zäit, wou ech mech nach gutt erënnere kann, an Dir all heibannen och, nët genuch gefördert gin.

Wiem säi Feler as dat? Dat weess ech nët. Wann ech esou kucken, mir hun an haten nach ëmmer e puer gutt Leit. Déi puer gutt Leit mussen niewent hirem Sport e Beruff ausüben, an dat as nët fair an hëlt hinnen d'Chancën, fir géint aner, besser ënnerstëtzte Konkurrenten aus den Nopeschlänner bestoen ze kënnen.

Ech mengen, wa mir Suen hun, fir e Sportszentrum ze bauen, oder e Sportspalast vu 5 Milliarden, da musse mir och Suen hun, fir Leit ze bezuelen, déi professionell Sport maachen. D'Konkurrenz schléift nët; an d'Konkurrenz kënnt 1993 nët nëmmen am Handel, wann d'Grenzen opgin, mä och am Sport, an der Kultur an an allem.

Et geet dach nët nëmmen duer, wa mir Timbere sammelen, mir mussen et dach och fäerdegbréngen, ze soen, deen an deen oder dat an dat si formidabel Sportler. Ons Regirung, wa se eng anstänneg wir, misst dach houfreg sin, esou Leit ze förderen. Oder as dat nët esou?

An et as an der Kultur dat selwecht, ob dat ons Musiker, Gesangveräiner, ons Theaterfrënn oder ons Schrëftsteller sin. Wann e gudde Schrëftsteller hei zu Lëtzebuerg e Buch schreift, firwat muss ech dofir 1.000 Frang a méi bezuelen? Firwat kann dat nët esou

gefördert gin a vum Stat ënnerstëtzt gin, fir datt den Auteur ka liewen, a fir datt den Auteur bekannt gët an denen aneren 11 Länner an doriwwer eraus?

Wat hëlleft ons e Pei-Musée vu 6 Milliarden, wa mir emol kee kënnen drasetzen, deen de Prestige vum Lëtzebuerger Land kann op engem héije kulturellen Niveau, gutt fundéiert a gutt gebilt, wiirdeg vertrieden?

Nach e Wuert iwwer d'Auslänner, well ech dat och muss ënnersträichen. D'Lëtzebuerger Land wär nët dat, wat et haut as, ouni d'Auslänner. Deemools hu mir d'Auslänner heihinner geruff. D'Italiéiner hu sech och séier integréiert, awer waarscheinlech well dun d'Zäiten anescht waren.

Hir Syndikater an Italien ware jo och nët dat, wéi se haut sin. Well haut kéim nët méi esou séier en Italiéiner op Lëtzebuerg a géing soen, ech gin elo Lëtzebuerger, ech bestueden eng Lëtzebuerger Fra an ech bleiwen dann hei am Land, léieren d'Sprooch an esou weider. D'Zäiten hu geännert an d'Syndikater si vill méi staark gin. Mat den Italiéiner hate mir keng Problemer, well si sech selwer schnell integréiere wollten.

Deemools, wéi ee fortgaangen as an Italien, huet en nach wa méiglech eng Valise voll matkritt, fir datt en nëmme soll goen. Well dat waren Hongerleider, wéi se heihinner komm sin, mä si hu sech, Gott sei Dank, an ech si frou doriwwer, haut eropgeschafft an, wéi gesot, integréiert.

Par contre, d'Portugiese sin eng ganz aner Zäit komm, an du koum vun de Lëtzebuerger de Rivalitéitshaass, wat onberechtegt as, well d'Lëtzebuerger bräichte sech nëmmen drun ze gin, da wäre si genau esou gutt wéi e Portugies an et kënnt kee Portugies hinnen eng Aarbechtsplaz ewechhuelen, déi e Lëtzebuerger wiirklech wëllt. Nëmmen, si wëlle jo nët op de Bau goen, si wëlle jo nët mat der Pioche am Gruef schaffen.

Dofir musse mer jo awer d'Auslänner hun, dofir musse mer d'Portugiesen hun, well d'Italiéiner maachen déi Aarbecht haut och nët méi. Déi hu sech schon eropgeschafft, si Lëtzebuerger gin a sëtzen haut am Staatsrot. Dofir huet de Staatsrot jo och esou e gudden Avis ofgin iwwer Maastricht, deen der schlechter Regirung esou gutt an de Krom gepasst huet.

D'Portugiesen, dat as eng aner Saach. Déi hate scho Syndikater, déi waren opgekläert, déi wësse wivill Subsid datt ee kritt, wann een en Haus renovéiert, wat e Lëtzebuerger emol guer nët weess, dat niewebäi gesot.

Dat as eppes ganz aneschters. An déi Leit bleiwe 5 bis 6 Joer an dann hu se eng Valise voll Suen, a wa se dann erëm heemkommen, da kënne se doënnen eng Villa bauen. Déi hun och vollkomme Recht, wa se esou laang kënne vum Lëtzebuerger Stat profitéieren.

Wann ech kënnt vun engem anere Stat profitéieren, da géing ech et waarscheinlech d'selwecht maachen, awer am Ausland gin déi Tricken nët wéi hei zu Lëtzebuerg.

Dat as deemno nët den Auslänner hire Feler, mä onser gudder Regirung hiren, déi dee Schlamassel produzéiert.

Wat ech awer wollt soen, dat as, dass mir dës Auslänner gebraucht hun, datt mir si geruff hun. A si si komm, mat den Zich, mat dem Sales-Lentz oder wéi och ëmmer. Si si komm an hu fir ons d'Drecksaarbecht gemaach. Si hun nët nëmme fir ons d'Drecksaarbecht gemaach, si hun och gehollef, datt ons Betriber géinge goen, ob dat an der Industrie, an der Wirtschaft oder am Commerce war. Si hun och gehollef ons Krankekesen a Pensiounskesen opzestocken. Déi Leit, déi haut a Pensioun sin, do hun och d'Auslänner gehollef finanzéieren. Dat diirf een nët vergiessen.

Ech wëll mech op alle Fall wäit ewechhale vun denen, déi géint d'Auslänner sin, well ech hun do kee Problem. Ech weess, datt mir si gebraucht hun, fir onst Land mat op déi Héicht ze bréngen, wou mir haut stin.

Mir befannen ons am Moment nach an enger relativ gudder Positioun, an dat dank den Auslänner.

Ech wëll awer nach e Wuert verléieren iwwer Lëtzebuerg.

Oh, wat war Lëtzebuerg esou houfreg, wéi et 1984 konnt zu denen 250.000 Lëtzebuerger soen: Voilà, mir hun elo eng offiziell Sprooch! Huele mer elo déi Däitsch oder d'Fransousen oder d'Griechen, déi hun hir offiziell Sprooch gehat, mir hun och elo eng, an dat as d'Lëtzebuergescht.

Oh, wat ware mir houfreg! Do si mir 1991 immens houfreg gin, wéi mir konnte soen: Mir hun eng Nationalhymn! Well „Ons Hemecht" war bis dohi keng Nationalhymn, si war nach nët unerkannt.

A wann ech da bedenken, wéi viru Joren, oder nach virun e puer Deg, a verschiddene Caféën oder Endroitën hei zu Lëtzebuerg gesonge gin as, an zwar lëtzebuergesch Lidder, wéi de „Feierwon", „Lëtzebuerg de Lëtzebuerger", „Kättchen, Kättchen, bréng mir nach ee Pättchen" an esou weider!

Ech weess nët, ob mir sollen drop aus sin, ons Identitéit ze verléieren, well dës Regirung schlecht verhandelt huet. Ech weess nët, wat 1993 geschitt, wann d'Grenzen opgin, well déi Maastrichter Verträg sin einfach esou, ouni Klausel an ouni politesch Autonomie fir déi eenzel Länner, ugeholl gin, well einfach dës Regirung nët kapabel war, fir ze verhandelen, sou wéi se dat neierdéngs och zu Lissabon bewisen huet, esou traureg wéi et och kléngt!

Lëtzebuerg as dat klengste Land vun denen 12, an dat duerfe mir op kee Fall vergiessen.

A mir wëlle jo kulturell e Virbild sin. Denke mer nëmmen un de Pei-Musée! A mir kënnen och bal nëmmen um kulturelle Gebitt e Virbild si fir Europa.

*(Hilarité)*

Wann ech esou zréckdenken an dobäi och an d'Zukunft kucken, da verléiere mer eng europäesch Institutioun no där anerer. 2.700 Leit, dir Häre vun der Regirung, hut Der iwwer dat lescht Wochenenn zu Lissabon fir Lëtzebuerg verspillt, op d'allermanst! Also kënne mer ons waarscheinlech nëmme méi op dat Kulturellt beschränken, oder op ons Sportler, ons Sproochen, ons Ingénieuren, ons Architekten an esou weider. A firwat solle mer déi Beruffer nët fërderen? Mir mussen, well d'Konkurrenz gët elo ëmmer méi grouss; mir si gefuerdert och als klengt Land. Mir musse verschiddenes astiechen.

Ech wëll awer och e Wuert verléieren iwwer ons Souveränitéit. Ech wëll e Wuert verléieren iwwer onsen Haff, iwwer ons groussherzoglech Familjen. Dat as eppes, dat ware mir gewinnt, sou wéi mir Lëtzebuerg elo gewinnt waren. Eppes Neies mécht ons Angscht. Wat onsen Haff ubelaangt, sou hun ech Angscht, dass do dës oder déi Décisioune scho getraff sin, wat onsen Ierfgroussherzog Henri an onse Grand-Duc ubetrëfft. Ech weess et nët.

Wéi as dat an der EG verankert? Huet do nach all Land séng demokratesch Prozedur, séng konstituéiert Monarchie, wéi mir et hun, oder säi President, wéi d'Fransousen zum Beispill? Wat fir e Modell gët do geholl?

Den Här Gilbert Trausch huet dat och als Chef-Redakter vun RTL 92,5 gesot. Hien as zwar der Menung, de Grand-Duc géif bleiwen, a séng Nokommen.

*(Hilarité)*

An do derniewent géif dann, fir déi Zwielef, e President gewielt gin, deen iwwer déi wichtegst Saachen da géing décidéieren. Entre parenthèses, den Här Poos as vläicht dee richtege Mann dofir!

*(Interruptions diverses)*

Wann dat esou bleift, d'accord, mä wa mir ons Identitéit verléieren als Lëtzebuerger, da verléiere mir och onse Grand-Duc als Représentant vun onsem Land. Da si mir näischt méi, an dann hu mir näischt méi, an da kënne mir näischt méi, an da gi mir och näischt méi!

*(Interruptions diverses)*

**Mme la Présidente.**- M. Simon, s'il vous plaît!

**M. Josy Simon** *(DP)*.- Wat as ons also am wichtegsten? As dat ons Kultur, fir déi mir ons agesat hun?

**Mme la Présidente.**- M. Simon, un instant s'il vous plaît! J'ai une question à poser à votre groupe.

Le temps de parole pour chaque orateur est de 45 minutes pour les premiers orateurs mandatés, et de 15 minutes pour les autres orateurs, à moins que le groupe ne cède la parole au collègue.

Je demande donc au chef de votre groupe si vos collègues vous cèdent leur temps de parole.

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Madame le Président. Notre groupe avait convenu que M. Simon pouvait disposer de 45 minutes, sans être orateur mandaté.

*(Interruptions diverses)*

**Mme la Présidente.**- Dans ce cas, veuillez continuer, M. Simon!

*(Interruptions diverses)*

Continuez, M. Simon!

**M. Josy Simon** *(DP)*.- Wat as ons also am wichtegsten? As dat ons Kultur, fir déi mir ons agesat hun, ob dat elo d'Sprooch as, ob dat ons Hemecht as oder ob dat onse Grand-Duc as, oder onst schaffend Vollek, wat houfreg as, Lëtzebuerger ze sin? Oder as et nach jhust de Mënsch?

De produktive Mënsch, deen eppes bréngt, as nët weider beschützt; a wann en näischt méi bréngt, da kann e goen. A wouhinner geet en? Op wat fir eng „Strumm" geet en? Geet en op déi portugiesesch, griechesch oder op déi lëtzebuergesch „Strumm"? Oder läit en tëschent zwee a versicht eventuell a Latäinamerika politeschen Asyl ze kréien?

Bis elo ware mir Lëtzebuerger Kanner vun engem Land, wou d'Herrschaft, oder d'Mamm an de Papp, Monarche waren. An dat, dat as méng Menung, soll och esou bleiwen!

Mir hun ons keng Skandaler zoukomme gelooss. Mir hun d'Vertrauen an onse Grand-Duc an an de Grand-Duc héritier.

An dat Vertrauen, wat ech hun, hun d'Lëtzebuerger alleguer! Et as keen, dee seet, déi Leit stéiere mech. Well wann een iwwerleet, wat e President a Frankräich oder e Kanzler an Däitschland kascht, weess een, dass all Staatschef, sief dat e Grand-Duc, e Kinnek oder... oder... séng Biirger Geld kascht.

Fir mech as dat iewescht Oberhaupt vu Lëtzebuerg nach ëmmer de Grand-Duc; a fir mech as dat wéi de Papp vun onsem Land. An ech wëll nët de Papp verléieren, an déi meeschte Lëtzebuerger wëllen dat nët. Oder as een heibannen, deen dat wëllt?

Mir mussen ons iwwerleën, wat mir wëllen. Ech sin op no alle Säiten hin, awer ech wëll och Lëtzebuerger bleiwen an engem fräien Europa, mat onsem Grand-Duc als Représentant vun onsem Land.

Domadder wëll ech hei soen, dass ech nët derfir sin, fir d'Maastrichter Verträg ze ratifizéieren, dees mir hun hei an der Châmber diskutéiert an ons Menung gesot, a mir hun heiriwwer ofgestëmmt, ob mir d'Verfassung änneren. A wa mir soen, mir wëllen d'Verfassung änneren, da wëlle mer och soen, wéi mer se sollen änneren. Dat as e ganz wichtege Punkt, fir mech dee wichtegsten.

Et kann ee jo och nët 3 Deg virun dem Match soen, Schieren huet géint Millebaach 0-1 gespillt, wann nach guer nët gespillt gin as!

*(Interruptions diverses)*

Dat geet nët, Madame Presidentin. Et kann een ëmmer eréischt vum Resultat schwätzen, wa gespillt as, mä nët virdrun.

Sou sin ech och der Menung, dass mir solle fir d'éischt ons Verfassung hei änneren, an dann d'Maastrichter Verträg ratifizéieren. Woufir nët eent nom aneren? Woufir esou e Gehetz?

Dat as eng ganz wichteg Saach.

An als Konklusioun vu ménger Ried, wëll ech mech richteg verstane wëssen, dass mir houfreg sin, fir an der EG ze sin an eent vun dene Länner ze sin, déi bei der Grënnung derbäi waren.

Mir sin houfreg drop, datt mer nach ëmmer Lëtzebuerger sin, an datt en Auslänner am Ausland haut och weess, wou Lëtzebuerg läit. An ech wär nach méi frou, wa mer irgendeng Institutioun géinge behalen. Am léifsten hätt ech jo nawell gären d'Zentralbank. Awer och déi hu se eis zu Lissabon anscheinend verschass!

Nëmmen, dann hätte mer jo nach ëmmer de Pei-Musée, fir all eis Mëdailen auszestellen. Well wat géif et onsem Land dann nach notzen, wa mer eemol d'Joer géifen dekoréiert gin, fir Mëdailen ze sammelen, an déi nach perséinlech vum Papp vum Land, dem Grand-Duc iwwerreecht ze kréien? Wat bedeit dat dann nach fir d'Lëtzebuerger Land, fir d'Lëtzebuerger Vollek? Ech géing soen: Guer näischt méi! Well d'Konkurrenz schléift nët. Wann ee gären eng Mëdail hätt, an deem Fall, wou mer dat alles ënnerzeechent hun, da muss dee sech dru gin an déi Mëdail verdéngen. Awer da kritt dës Regirung keng, an den Här Poos misst séng erëm alleguer ofgin, fir dee Schued, deen hien dem Land ugeriicht huet! Zum Beispill Affär Mme Frieden, Affär de Muyser an esou weider. An och dat allerlescht, wat alles elo zu Lissabon verbrach gin as.

Wa se sech déi Mëdail nët verdéngen, da kënne se jhust eng Plaz am Aarmebüro verdéngen. D'Fro stellt sech: A wat fir engem Aarmebüro? An engem europäeschen oder an engem vun der Welt? An engem vun der Welt, do denken ech ganz besonnesch un eis Emwelt.

*(Hilarité)*

Wann ech un eis Emwelt denken, dann denken ech awer och un ons Atomwierker, déi a ganz Europa stin, ouni déi et nët méi geet. Dat wëllt awer nët soen, dass se nët däerfe kontrolléiert gin, an datt do nët soll verhënnert gin, datt do dëst oder dat geschitt.

Well wat wësse mir schon, wat alles duerch d'Loft gaangen as, ouni datt mir et gemellt kritt hun?

Wat huet Lëtzebuerg dervun, wann zu Fréiséng op dem neie Waassertuurm ee formidabelt Miessungsgerät steet, fir ons ze soen, wéivill Becquerel vu Cattenom eriwwerkommen? An et kënnt ni eppes an d'Zeitung stoen, wivill iwwerhaapt eriwwerkënnt. Ech si fest iwwerzeegt, dass scho munches eriwwerkomm as.

Ech sin nët géint Atomreakteren, awer ech sin dergéint, wann dat nët genuch kontrolléiert gët, an datt een eventuell soll aner Energieträger fannen. Dat as och eng Diskussioun wäert, déi Europa ugeet.

An do si mer erëm beim Grondproblem. Wann ënnert dëser Regirung nët déi schlecht Gewunnécht agerass wär, de Leit Sand an d'Aen ze streën, andeem se wichteg a ganz wichteg Saachen zréckbehalen, wéi zum Beispill d'Auslännerwalrecht, a wa si méi Vertrauen an de responsable Lëtzebuerger Biirger hätten, da wär dës Situatioun, wéi se haut as, nët entstanen, well d'Leit Zäit gehat hätten, sech mat dem Problem unzefrënden an auserneenzesetzen.

Madame Presidentin. Schwéieren Häerzens a mat gemëschte Gefiller, stëmmen ech, nët nëmmen aus parteileche Grënn, fir d'Maastrichter Verträg...

*(Hilarité)*

... mä och well ech méng ganz Hoffnung an e fräit a gesond Europa setzen.

Ech soen lech merci fir Är Opmiirksamkeet.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Madame President. Hu mer nët d'Méiglechkeet, fir esou Saachen ze ënnerbannen? Dat as skandaléis, wat dee Mann hei vu sech gin huet!

**Mme la Présidente**.- M. Krecké, j'ai la possibilité d'intervenir en ce qui concerne la discipline. En ce qui concerne le contenu des discours, chacun assume ses responsabilités.

M. Gibéryen, vous demandez la parole au sujet de quoi?

**M. Gast Gibéryen** *(Aktiounskomitee 5/6)*.- Madame President. Ech wollt jhust kloerstellen, dass zu Fréiséng um Waassertuurm kee Gerät steet, fir d'Radioaktivitéit vu Cattenom ze moossen, mä dass dat en einfache Staf as, deen de Kadaster dohinnergestallt huet, fir Landvermiessungen ze maachen.

*(Hilarité)*

**Mme la Présidente**.- La parole est à l'honorable M. Kollwelter.

**M. René Kollwelter** *(LSAP)*.- Madame President, dir Dammen an dir Hären. „L'idée d'une Europe unie est avant tout une idée de paix, de solidarité et d'ouverture. Elle a une source culturelle, humaniste et universaliste." Dat huet den Edgar Morin, e bekannte franséische Soziolog, virun e puer Deg an enger franséischer Zeitung geschriwwen.

Hien huet drop higewisen, dass eigentlech déi Iddi vun Europa schon immens wäit zréckgeet, bis an d'19. Joerhonnert, zu enger Zäit, wou Europa am Fong geholl e Feld war, wou déi verschidden Natiounen eng géint déi aner gekricht hun.

Hien huet och drop higewisen, dass déi Iddi vun den Etats unis vun Europa - an déi Richtung si mer jo och amgaangen am Kader vun de Verträg vu Maastricht ze diskutéieren - schon am 19. Joerhonnert vun deem berühmte franséische Schrëftsteller Victor Hugo opgegraff gi war, an och op verschiddene Plazen artikuléiert gin as.

Madame President, dir Dammen an dir Hären. Ech ziele mech nët zu den Euro-Fanatiker, nët zu den Euro-Optimisten, awer och nët zu den Euro-Pessimisten, wou der hei schon eng ganz Rei opgetruede sin, mä ech ziele mech am Fong geholl zu den Euro-Realisten.

Ech sin allerdings der Menung, dass et am politesche Liewen, esou wéi den Här Goerens dat och gëschter hei gesot huet, eng ganz Rei Rendez-vousë gët, wou een zwou Méiglechketen huet. Déi eng as, et verpasst een de Rendez-vous mat der Geschicht; déi zweet Méiglechkeet as, et huet ee Rendez-vous mat der Geschicht.

Ech mengen, dass Europa, an och Lëtzebuerg, e Rendez-vous huet, an dass et all eenzelne Politiker natiirlech iwwerlooss as, fir dëse Rendez-vous anzehalen a fir sech vis-à-vis vun dësem Rendez-vous ze artikuléieren.

Mir sin allerdéngs an enger Period, wou ee gesäit, dass dat Europa, wat amgaangen as opgeriicht ze gin, wat sech och e bëssche sicht, eigentlech keng politesch Form vun der Vergaangenheet as, mä dass et e Begrëff as, eng „création en devenir", dat heescht, eppes wat amgaangen as, sech selwer nei ze formuléieren a permanent erëm frësch ze definéieren.

Et as och eng Eenheet, déi nët opgebaut as op irgendwéi militäresch Conquêten oder diplomatesch Annexiounen. Et as also nët eent vun dene ville Keserräicher, déi mer an der Vergaangenheet an Europa kannt hun, mä et as eng Adhesioun no bestëmmte gemeinsame Regelen, déi demokratesch approuvéiert gin an dene verschiddene Länner.

Et as also och kee Super-Nationalstat - an ech mengen, do si vläicht d'Euro-Fanatiker nët mat mir d'accord - well d'Natioune bleiwe lieweg bestoen. Et as also eppes komplett Neies. Ech hun och d'Impressioun, dass vill Leit a vill Politiker ganz einfach Schwiregketen hun, fir sech mat deem neie Begrëff, mat deem neien Objet auserneenzesetzen, well all déi Rezepter, déi mer normalerweis am politesche Liewe gebrauchen, sin traditionell Rezepter, an déi colléieren nët méi 100%eg mat deem, wou mer elo konfrontéiert sin.

Ech hun also gesot, dass et een neit politescht Wiesen as, wat séng Contouren nach sécherlech amgaang as ze sichen. Keen heibannen, souwuel d'Befürworter, wéi och d'Géigner vun den Accore vu Maastricht, kënne mat absoluter genauer Sécherheet soen, wou mir herno landen. A wat fir eng Richtung, dass et geet, dat wësse mir, mä wéi den Détail ausgesäit, dat ka jiddenfalls de Moment kee mat aller Genauegkeet soen. Dofir as et jo och ee politeschen Défi, deem mir ausgesat sin.

Ech hu gesot, dass dës nei Approche, dat neit politescht Wiesen, mat deem mir säit e puer Jorzéngte konfrontéiert sin, dass dat eigentlech och bedeit fir all Politiker eng nei politesch Approche, mat neie Kritären, mat neie Konzepter. Déi Diskussioun vun haut - an ech mengen do, nët nëmme mäi Virriedner, mä och nach anerer - déi beweist, dass et nach nët jidderengem réusséiert as, fir dës nei Approche bei sech selwer ze integréieren.

Mir sin also amgaang, an ech géif do den Direkter vum „Monde" zitéieren, hinzesteieren an eng „communauté d'Etats co-souverains", ee Begrëff deen do formuléiert gin as, an deen am beschten eigentlech déi ganz Démarche vu Maastricht charakteriséiert.

Firwat eigentlech, zum Schluss vun dësem Jorhonnert, as et noutwendeg a wichteg, datt mir een zousätzleche Schrëtt an der Elaboratioun vun Europa maachen. Et gin eigentlech zwou Äntwerten dorop. Déi éischt, déi as schon e puermol hei ugeschwat gin, an ech erlabe mir trotzdeem nach dorop zréckzekommen, well op deem Punkt, déi eng oder aner Saach hei gesot gin as, wou ech natiirlech nët kann domat d'accord sin.

Éischt Ursaach as déi, an a méngem Ufankszitat vum Edgard Morin as dat ganz klor zum Ausdrock komm, dass mir eigentlech nach ni an der europäescher Geschicht praktesch 50 Jor haten, wéi déi vergaangen, wou den europäeschen Terrain op deem mir liewe mat eisen Nopeschstaten, vu Kricher verschount gin as. Ech selwer hat déi grouss Chance fir de Krich nët musse matzeerliewen. Ech sin aus enger Nokrichsgeneratioun. Ech kann nëmme versichen nozevollzéien déi schwéier Situatioun vun dene Kollegen, déi d'Krichsjoren an d'Nokrichsjore matgemaach hun. Méng Generatioun, an all déi Generatiounen, déi dono komm sin, déi si sech ménger Menung no guer nët bewosst, dass dee Fridden, dee mir hei zu Lëtzebuerg an a Westeuropa säit Joren hun, dass mir dee Fridde virun allem der EG ze verdanken hun.

Ech si guer nët domat d'accord, wéi den Här Emile Krieps gëschter hei gesot huet, mir hätten dat der NATO ze verdanken, well mir wëssen alleguer, dass déi gréisst an déi hefegst Kricher an Europa virun allem drop zréckzeféiere waren, dass et Géigesätz gi sin tëschent Däitschland a Frankräich. Dës Oppositioun zitt sech wéi ee roude Fuedem duerch déi lescht Jorhonnerte vun der europäescher Geschicht, a justement dëst huet et méiglech gemaach, dass mir an eng Situatioun komm sin, wou mir um westeuropäesche Kontinent eng ganz laang Period vu Stabilitéit hun, an dëst as virun allem wichteg, wann ee kuckt, wat ronderëm Europa lass as. Osteuropa, wat amgaang as zesummenzefalen, nët nëmmen ekonomesch, mä och politesch. Ech kucken, wat a Jugoslawien lass as. Ech kucken, wat am Süde vun Europa lass as. Ech kucken, wat an Afrika lass as. Ech kucken, wat a Südamerika lass as, an da stellen ech fest, dass den europäesche Kontinent a virun allem alleguer déi Länner vun der EG, an e puer Stéck déi ronderëm gravitéieren, dass déi

am Fong geholl ee Facteur de stabilité sin, wéi et der ganz wéineg de Moment an Europa an um Planet iwwerhaapt nach gin.

Déi zweet Ursaach, wou ech wollt drop ze schwätze kommen, as déi, dass ech der Menung sin an enger Period, wou am Fong geholl d'Mondialisatioun sämtlech Problemer ëmmer méi affektéiert, an doduerch d'Insécuritéit an den europäeschen Natiounen ëmmer méi grouss gët, ee gesäit dass se zevill kleng sin, fir nach eleng hir ege Prosperitéit ze garantéieren, a fir och eleng all denen Défiën ze begéignen, déi op se zoukommen.

Et as wichteg, dass déi europäesch State verstäerkt hir Kooperatioun an alle liewenswichtegen Domainen organiséieren, an nët nëmmen an deem vun dem gemeinsame Bannemaart. Nët nëmme wëlle mir een Europa vum Geld, vun de wirtschaftlechen Aktivitéiten, l'Europe des marchands, mä mir sin der Iwwerzegung, dass et mam Acte unique ugaangen as, an dass Maastricht am Fong geholl d'Verstäerkung schon dovun as, dass Europa nët nëmme méi wëllt bleiwen een Europa vun den Händler, mä dass et sech och nei Dimensioune wëllt gin. Dat as eng historesch Erausfuerderung, mat där jidderee konfrontéiert as, an dofir fannen ech et äusserst wichteg a ganz einfach irresponsabel, wann een sech un dëser Démarche nët wëllt bedelegen an de Sall wëllt verloossen.

Ech wëll drop hiweisen, dass ganz vill Leit hei opgetruede sin a behaapt hun, Lëtzebuerg géing nach zousätzlech un nationaler Souveränitéit verléieren. Ech sin der Menung, dass déi Leit éischtens eng falsch Analys vun der geschichtlecher Entwécklung maachen, an dass se sech méi am Fong geholl un der Vergaangenheet accrochéieren. Ech verstin dat och, dat as ëmmer méi sécher, an dofir hu mir zu Lëtzebuerg ganz staark konservativ Tendenzen. All Kéiers wann eppes Neits op een duerkënnt, da muss ee selwer séng Konzepter, séng Traditiounen, séng Gewunnéchten, virun allem déi schlecht, a Fro stellen, a wann et drëm geet, sech vis-à-vis vun der Zukunft ze positionnéieren.

Maastricht, esou wéi all déi aner Traitéë virdrun, as also nët ee Schluss vun engem Processus, mä am Fong geholl d'Ouverture vun engem neie Chantier, wéi de Michel Rocard géing soen. Et as d'Fortsetzung vun engem Processus, deen amgaang as. Ech kommen herno nach dorop zréck, fir ee Vergläich ze maachen aus engem anere Beräich, deen och mäi Virriedner ugeschwat hat.

Et as allerdings klor, an dat huet och viru kuurzem ee bekannte franséische Schrëftsteller gesot: „Sur le plan politique, Maastricht est réaliste, car plein d'incertitudes." Mat där Kontradiktioun musse mir liewen. Mir mussen déi ganz Affär als Défi ophuelen. Brénge mir dat fäerdeg oder brénge mir et nët fäerdeg? Et as nët wéi bei den Trois Suisses, wou mir ganz genee wëssen, wéi grouss et as, wéi schwéier et as, wéi et ausgesäit, wat fir eng Faarf et huet, bis an den aller leschten Détail. Hei as eng gewëssen Démarche volontariste dermat verbonnen, an ech mengen, dat wëlle mir nët verstoppen. Et gin eng ganz Rei Incertituden, wéi soll et och schon anescht sin? Europa as amgaang eppes ze gin. Mir musse kënne liewe mat alleguer den Hasardën, alleguer den Nécessitéiten an de Volontéiten, déi sech ënnertenee vermëschen a gegebenenfalls hir egen Dynamik hun.

Et kann de Moment kee genau viraussoen, wat fir een Europa schlussendlech hannenerauskënnt, a wat an 10 Jor as, wa mir eis vläicht nach eng Kéir hei oder anzwousch anescht begéinen, a mir maachen de Bilan vun den Diskussioune vun haut, iwwregens wär dat een interessante Rendez-vous, vill Leit géing ech schon haut dorop invitéieren, et muss jo nët onbedingt hei sin, et wär also interessant fir dee Moment festzestellen, wat geschitt as, ob Maastricht fir Europa déi Chance, am Fong geholl och fir Lëtzebuerg, war, déi et ménger Menung no as.

Ech soen lech dat schons a priori. Ech hun absolut keng Bedenken, fir den Traité vu Maastricht ze stëmmen. Ech kenne séng zahlreich Avantagen, an ech kennen och séng zahlreich Problemer, déi e mat sech bréngt. Ech sin allerdings der Menung, dass justement d'Konschtstéck dora besteet, d'Problemer éischtens opzegräifen, fir se ze diskutéieren, fir se ze artikuléieren, a fir se dann och ze léisen. Wa mir dat nët méi wëlle maachen, dann hu mir besser, mir gi fëschen, a mir kënne jiddenfalls engem aneren Hobby eis verschreiwen, wéi der Politik. Déi as justement gefuerdert, wann et drëm geet, fir déi Incertitude méi genee ze preziséieren.

Et as virun allem een Défi pour l'avenir, an een Défi sur l'avenir. An denen zwee Begrëffer kann een déi ganz Approche Maastricht resuméieren. Ech weess, datt et eng ganz Rei Problemer gin, déi nach nët geléist sin, a wou Maastricht sécherlech keng Äntwert drop as, mä wann ech elo einescht geschwat hu vu Westeuropa, vun der EG, a vun all dene Staten, déi ronderëm gravitéieren, ech denken do haaptsächlech un déi AELE-Staten, EFTA-State genannt, dass wa mir déi Analys e bëssche méi global maachen, dass ee ganz klor gesäit, dass eng ganz grouss Gefor dora besteet, dass Europa ëmmer méi zu enger Wuelstandsfestung gët, oder och eng Festung wat d'Mënscherechter ubelaangt, an dass den Drock vu baussen op dat Europa ëmmer méi grouss gët. Do si mir an enger Situatioun, wou de Moment nach kee mat Sécherheet ka soen, wéi dat soll weidergoen, oder wéi et ka weidergoen, well engersäits an deem Esprit de solidarité, vun deem ech scho geschwat hun an der Ouverture, as ee geneigt, fir ze soen, mir maachen eis Grenze wierklech op, nët nëmme fir d'Ekonomie, mä och fir d'Mënschen, an anerwäerts gesäit een awer och, dass dat séng Limiten huet, an dass mir och do nët kënne méi helleg sin, wéi de Poopst.

Een anere Problem as dee vun dem Fonktionnéiere vun deem Europa, wat mir bis elo haten, respektiv vun deem, wat nach soll kommen. Ech sin och ee vun denen, déi der Menung sin, dass et een echten demokrateschen Defizit an Europa gët. Wann een sech där Saach bewosst as, da gin et zwou Méiglechketen, entweder et leet een sech an d'Fotell zréck, an et seet een, ech maachen nët mat, oder et seet ee justement, elo maachen ech mat, well ech wëll versichen ee klenge Beitrag ze leeschten, fir deen demokrateschen Defizit auszegläichen. Do si mir alleguer gefuerdert als national Parlamenter. Alleguer, ouni Ausnam.

Et wär wichteg an interessant, wa mir géingen eng Kéier an där nächster Zäit, entweder öffentlech oder op anere Plazen, eis de Kapp zerbriechen, wéi mir als national Parlamenter verstäerkt kënnten an deen demokratesche Prozessus do agräifen. Ech weess, dass et nët ganz vill Méiglechkete gin, mä déi, déi et gin, déi musse mir voll ausschöpfen. Mir mussen se also fir d'éischt emol definéieren, an da wéi gesot voll ausschöpfen.

Ech sin der Menung, dass d'Äntwert dorop, fir ze soen, jo mir maachen hei am Parlament eng europäesch Kommissioun, esou einfach fäerten ech geet et nët. Ech hun an aachtjäreger Experienz an deem héijen Haus hei, an Tëschenzäit och gemierkt, dass et mat esou enger einfacher Solutioun op esou ee komplizéierte Problem keng Léisung ka sin. Ech sin der Menung, dass mir nët sollen op de Wee goen, fir eng europäesch Kommissioun hei am Parlament anzeriichten, mä ganz konkret, well et geet nët nëmmen drëm fir hei grouss Theorien ze posaunen an nët konkret ze sin. Ech sin der Menung, dass mir an all eenzel Kommissioun esou ee Genre Europabeauftragten oder wéi een dat och ëmmer wëllt nennen, asetzen, deen an engem Domaine particulier, ech huelen zum Beispill déi Kommissioun, wou ech President sin, d'Emweltkommissioun, dass mir an där Kommissioun géingen ee chargéieren, deen déi ganz Evolutioun, an déi ganz Direktiven, déi en préparation sin, well dorëms geet et, dass mir als Parlament an enger spéiderer Phas eréischt mat den europäeschen Direktive befaasst gin, oder emol gewuer gin, wat an Europa fonktionnéiert, dass mir also an all Kommissioun eng Persoun géinge beoptragen, déi an enger fréierer Phas iwwert verschidde Saachen informéiert wär, an sech do kéint aschaffen, an d'Parlament géing um lafenden halen.

Et gin nach eng Rei vun anere Méiglechketen. Dorop wëll ech nët agoen, dofir hun ech d'Zäit nët. Ech mengen, mir sollen och

do nët bei enger allgemenger Formel bleiwen, mä och wierklech ufänke konkret ze gin.

Sécher, Europa huet 346 Milliounen Awunner, a wa mir géinge jiddereen eenzel froen, an em den Text ze liese gin, da géif e bestëmmt op d'manst een, wann nët eng Rei prezis Artikele fannen, wou en eng Objektioun hätt, an da géif e soen, ech wëll nët stëmmen. Jiddereen huet op d'manst eng esou eng Objektioun ze maachen, wann en den Traité liest. Et kann een natiirlech soen, wann ech hei konfrontéiert si mat esouvill Honnerte Propositiounen, an et gefällt eng mir nët, da lenen ech se global of. Dat as eng Attitüd. Ech respektéieren déi och. Ech delen se awer nët. Ech sin nämlech der Menung, dass et hei, wéi an enger Partnerschaft as, wou een den ideale Partner gegebenenfalls och nach fond huet, ee sécherlech genau weess, dass de Partner och eng Rei Handicaper oder Désanvantagen huet mat denen ee méi grouss Problemer huet, fir zesummen ze liewen. Ech mengen, dëse Vergläich, och wann en e bësschen hippt, huet trotzdeem deen Avantage, dass jidderee ka bei sech Einkehr huelen, fir ze kucken, wéi en an esou enger Situatioun reagéiert.

Et as esou, dass dësen Traité an dat Resultat wat derbäi erauskomm as, d'Akzeptatioun as vun engem Kompromiss, an dass wéi bei allen Traitéën, an dat ännere mir och nët, een sech muss global determinéieren.

Ech sin allerdings der Menung, dass Maastricht rejetéieren, gläichbedeitend wir mat engem Repli op sech selwer, an dat hätt fir Lëtzebuerg ekonomesch ganz staark a ganz gravéiernd Répercussiounen, déi vläicht och nach nët genügend op dëser Tribün artikuléiert gi sin.

Wann ech mir kann erlaben an de sportleche Beräich ze goen, fir ee Vergläich ze zéien, da wëll ech soen, dass d'europäesch Konstruktioun vergläichbar as mam Tour de France.

*(Interruption)*

Maastricht as also eng Etapp am Tour de France. Et kënnt een allerdings soen, dass et eng Biergetapp as. Ech wëll nët soen, datt mir elo an den Alpe sin oder an de Pyrenäen, et hänkt dovun of, wou den Tour de France fortgefuer as, a wou en ukënnt. Mir sin an enger wichteger Etapp vun engem Tour. Mir hu schon eng ganz Rei Etappen, och Biergetappen, hannerun eis, mä mir hun nach ganz vill Biergetappen, och nach anerer virun eis.

Wa Maastricht déi lescht Etapp as, déi mir kennen, da kommen dono nach eng ganz Rei aner Etappen, déi gegebenenfalls op dëser Tribün mussen diskutéiert gin.

Ech erlabe mir an der Suite vu ménger Interventioun op dräi sprangend Punkte vun de Maastrichter Verträg anzegoen. Deen éischte Punkt as dee vun der UEM, deen zweten, dee vun der Citoyenneté européenne, an deen drëtten, dee vun der europäescher Emweltpolitik. Dono erlaben ech mir nach e puer politesch Remarquen ze maachen.

Wat elo d'Wirtschafts- an d'Währungsunioun ubelaangt, as et ganz einfach ze behaapten, dass mir duerch d'Verträg vu Maastricht géingen un eiser Souveränitéit verléieren. Ech wëll drop hiweisen, dass ähnlech Remarque scho gemaach gi sin, wéi de CECA-Vertrag diskutéiert gin as, wéi d'Accoren iwwer den Traité vu Roum diskutéiert gi sin, do as scho gesot gin, mir géingen un eiser Souveränitéit verléieren. Or as festgestallt gin, dass déi zwee Traitéën, déi mir bis elo haten, an och den Acte unique, deen dozou gehéiert, am Fong eis Onofhängegkeet konsolidéiert hun. Ech géif soen, d'Aktiounsméiglechkete vis-à-vis vun eise Partner si méi grouss gin. Och schons deemools hun eng ganz Rei Leit gesot, dass dat gläichbedeitend wär mat engem Abandon vu Souveränitéit. Ech sin där Menung wéi gesot nët.

Kucke mir e puer Saachen e bëssche méi am Detail. Ech gin op deen Aspekt vum Rapport an, deen de President vun der Finanzkommissioun, den Här Fernand Rau, verfaasst huet, deen Deel vum Rapport, woufir ech e wëll félicitéieren, iwwregens och déi zwee aner Rapporteuren. Déi Aarbecht, déi do gemaach gin as, do brauche mir als Lëtzebuerger Châmber eis nët vis-à-vis vu villen anere Châmberen ze schummen. Och dat as eng Revalorisatioun vun der parlamentarescher Aarbecht. Ech kommen herno nach drop ze schwätzen, wéi déi ganz Diskussioun an der Öffentlechkeet gelaf as.

Mir hu bis elo, an dat wäärd nach eng Rei vu Joren undaueren, eng Union monétaire mat der Belsch. Ech wëll drun erënneren, dass mir zwou gréisser Devaluatiounen haten. Eng 1935 an eng 1982. Vü dass Lëtzebuerg kee Siège hat an der belscher Zentralbank, si mir, an och d'Regirung, all Kéiers iwwert déi Devaluatiounen an d'Bild gesat gin, deen aneren Dag, wa mir de Radio gelauschtert hun, oder d'Zeitung gelies hun.

Ech wëll dat jhust an Erënnerung bréngen, fir drop hinzeweisen, dass mir op deem spezifesche Gebitt eng ganz Rei vun Avantage kréien, op déi ech wëll kuurz agoen.

Ech géif behaapten, dass duerch déi Propositiounen, wéi se elo um Dësch leien an dem Traité, dass doduerch um monetäresche Plang d'Influenz vu Lëtzebuerg verstäerkt gët, contrairement zu deem, wat mir bis elo haten. Mir kréien do ee Sëtz an där Zentralbank, währenddeem mir virdrun, wéi gesot, nët an deem selwechte Sënn vertruede waren.

Ech wëll drop hiweisen, dass trotz all denen Experienze vun Delegatioun vu Souveränitéit an deem monetäre Beräich, déi mir bis elo kannt hun, mir awer konnten eng ganz Rei vun egenen Interventiounsmëttele behalen, fir eng ganz Rei egen national Politicken ze definéieren, souwuel um ekonomeschen, budgetären an soziale Plang, an och déi all Kéiers definéieren en fonction vun den Exigenze vun eiser Ekonomie an eiser Konzeptioun vum Consensus national, an déi all Kéiers dozou bäigedroen hun, dass eis wirtschaftlech Entwécklung, an och déi sozial, nët dovu bëeinträchtegt gi sin.

Lëtzebuerg as eng Economie de petit espace, a wéi alleguer déi Ekonomiën, déi dës Karaktéristicken hun, zeechent et sech aus, nët nëmmen duerch séng Exporter a séng Importer, déi ganz zahlreich sin, déi ganz grouss Deler vun dem Wuerenausgläich duerstellen, virun allem och eng Tendenz fir eis zousätzlech ze spezialiséieren.

Et muss ee wierklech soen, dass bei all Stadium vun zousätzlecher Integratioun vun eiser Ekonomie a méi engem groussen Espace, Lëtzebuerg doduerch, datt et eng ganz Rei vu Partë vu sénger Souveränitéit delegéiert huet, séng ege Souveränitéit doduerch consolidéiert huet. Dat as vläicht eng Kontradiktioun, wann een dat esou héiert, mä wann een dat genau analyséiert, da mierkt een, dass dat d'historesch richteg Beschreiwung as vun deem, wat an dene leschten 20 Jor mat Lëtzebuerg an Europa geschitt as. Do gët et eng wichteg Explikatioun, déi ënnert anerem an deem Rapport vun der Chambre de Commerce, deen ech exzellent fond hun, enthalen as. Ech hu schon oft op dëser Tribün d'Rappore vun der Chambre de Commerce kritiséiert, mä et war nët ze spéit fir déi, déi haut eréischt geschwat hun, fir dëse Rapport ze kucken. Si gin dozou eng Explikatioun, déi nët oninteressant as.

Si soen nämlech, dass et eng Differenz gët, ënnert dem Concept juridique, wat een Droit as, an der Réalité économique, wat den Exercice vun dësem Droit as. Do si mir einfach gefuerdert, an et gesäit een, dass de Spillraum dora besteet, dass mir den Exercice vun deem Droit mussen definéieren, a kucken, wéiwäit mir e kënne selwer beaflossen, an deementspriechend eis Politicken definéieren.

Ech behaapten also, dass déi Dispositiounen, déi an der UEM dra sin, méi favorabel fir eis national a monetär Souveränitéit sin. Si loossen natiirlech d'Fro op iwwer d'Marche de manoeuvre, déi mir wäärten hun, fir an eisem legislative Kader, ech denke do virun allem un d'Fiskalitéit, d'Sécurité sociale, fir déi ze definéieren, mä am Fong geholl hu mir keng Alternativ zu dësem Défi, dass mir en also mussen opgräifen.

Ech wëll nach eng Kéier een interessante Vergläich zéien, deen och an deem selwechten Avis vun der Chambre de Commerce skizzéiert as am Zesummenhank mat der Union monétaire, wou se am Fong soen, dass mir vis-à-vis vun zwou verschiddene Konzeptioune sin. Dat nennen se eng Thèse économique an eng Thèse monétariste.

Bei der Thèse économique soen se, dass am Fong geholl d'UEM misst no der wirtschaftlecher Integratioun, dat heescht no der Thèse monétariste kommen, wou se soen, dass d'UEM ee Facteur de convergence as, doduerch also ee Moteur indispensable vun der Intégration économique.

Ech perséinlech tendéiere fir déi éischt Thees ze ënnersträichen, mä ech mengen, dat as eng Saach vu perséinlechem Gefill, well och do gët et sécherlech keng genau Wëssenschaft.

Op déi verschidden Etappen mat dene mir konfrontéiert wäärte gin, wann d'UEM wäärd realiséiert gin, wëll ech nët méi drop zréckkommen. Ech wëll nach e puer Wuert soen zur Banque centrale européenne, well ech der Menung sin, dass mir hei een Organ kréien, wou mir eppes als Lëtzebuerg kréien, wat mir am Dram am Fong eis nët hätte kënnen anescht erwaarden. Och de Kleeschen hätt eis dat bestëmmt nët bruecht, nämlech dass mir an dësem Gremium, zumindest formell, op engem pied d'égalité si mat all denen anere Staten, ee Gremium wou all national Souveränitéite gemeinsam exercéiert gin.

Ech erlabe mir drop hinzeweisen, dass mir endlech fortkomme vun deem Lien, deen ech perséinlech an de leschte Joren zevill enk gesinn hun am monetäre Beräich mat der Belsch, a virun allem wann ee gesäit, wat fir eng gréisser Schwiregketen déi politesch Evolutioun an der Belsch kënnt mat sech bréngen. Do hätte mir als Lëtzebuerg, wa mir géifen eleng op der belscher Schinn fueren, wéi dat an dene leschte Joren de Fall war, nët ganz vill ze gewannen, an dass wierklech déi Opportunitéit fir Lëtzebuerg eng ganz grouss Chance as, fir eis lasszekapsele vun där politescher Instabilitéit, déi am Moment - an déi wäärd nach eng länger Zäit unhalen - an der Belsch festzestellen as.

Wat de Siège vun där Zentralbank ubelaangt, do sin ech frou, dass de Staatsminister gëschter a sénger Ried nach eng Kéier ganz onmëssverständlech d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regirung duergeluegt huet. Alles anescht wat doriwwer geschwat gët, hun ech d'Impressioun, as Wonschdenken. Ech kann nëmme bedaueren, dass dee klore politesche Message, deen de Staatsminister gëschter gin huet, esou onklor a verschiddene Pressenorganer duergestallt gët.

Ech wëll dozou soen, dass mir eis keng Illusioun brauchen ze maachen iwwert de Sëtz vun der Zentralbank wa Frankräich an Däitschland, fir déi dëst Organ een äusserst wichtegt, och politesch gesinn, Organ as, wann déi sech eens gin, an een deem aneren dat wëllt zouschousteren. Ech sin der Menung, dass mir zwar weiderhin ee gudden Dossier hun, an och gutt Argumenter hun, mä dass mir waarscheinlech musse mat der Realpolitik eens gin, esou dass ech éischter der Menung sin, all Land misst fir unzefänken e puer Prinzipien opstellen, wat fir eng Karaktéristicken de Sëtz vun enger Zentralbank misst hun. Déi kleng Länner kënnen nët zouloossen, dass eent vun de grousse Länner de Sëtz vun der europäescher Zentralbank kënnt kréien.

Ech ka mir nët virstellen, dass d'Fransouse kënnten dermat d'accord sin, datt de Sëtz vun der europäescher Zentralbank an Däitschland kënnt sin. Jidderee weess, dass et besser wär, dass déi europäesch Zentralbank, esou wéi och aner Zentralbanken, esou wäit wéi méiglech ewech vun dene politesche wichtegen Centres de décision vun Europa ugesiedelt wär. Et as och keen Zoufall, dass déi däitsch Zentralbank zu Frankfurt steet an nët zu Bonn. Ech mengen, och do as de Souci, fir sech vun deem politesche Poids lass ze trennen.

Ech sin allerdings der Menung, dass et wichteg as, an dat as déi Positioun, déi vum Staatsminister ganz klor affirméiert gin as gëschter, dass mir ganz klor déi Propositioun, déi de portugiesesche Premier, deemolege President vum Conseil, gemaach huet, nët akzeptéieren.

Ech sin och der Menung, dass fir esou ee Sëtz, oder fir iwwerhaapt een aneren europäesche Sëtz vun irgendenger Institutioun op Lëtzebuerg ze kréien, eng pro- europäesch Stëmmung zu Lëtzebuerg wichteg as.

Dat as virun allem wichteg, vläicht nët bei dem President vum Aktiounskomitee 5/6, mä bei all dene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg eng Verantwortung hun, an déi europäesch Responsabilitéiten hun. Ech fannen et dofir äusserst wichteg, dass d'Regirung klor demonstréiert, datt se an engem positiven europäesche Geescht ganz klor zu Maastricht steet. Ech sin allerdings och der Menung, dass aner politesch Verantwortlecher hei am Land, och esou eng Positioun missten anhuelen. Ech denken do e bësschen un de Buurgermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, wou ech der Menung sin, dass et wichteg as, dass och de Verantwortleche vun enger vun den europäeschen Haaptstied, vun den europäesche Siègen onmëssverständlech demonstréiert, dass e favorabel as fir Europa a fir Maastricht.

Ech fannen, datt et nët an der Rei as, an ech fannen och nët, datt d'Situatioun vun der Lëtzebuerger Regirung vereinfacht gët, wann de Buurgermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, wat ee vun de Siège vun der Communautéit as, bei engem wichtege Vote am Europaparlament, wéi de Vote vu Maastricht nët do as, oder nët wëllt drun deelhuelen.

Ech kann Iech versécheren, an ech weess dat vun héijere Kreesser aus der Regirung, et ware souguer keng sozialistesch Kreesser, dass zu Bréissel um Niveau vum Conseil européen, um Niveau vun der Kommissioun, et guer nët positiv gekuckt gin as, dass de Buurgermeeschter vun engem vun de Siègen, deen och am Europaparlament siégéiert, keng Menung zu Maastricht huet. An da fuerdere mir haart, mir hätten elo gären de Sëtz x vun enger Institutioun oder de Siège y.

Och dat as wichteg, dass mir hei zu Lëtzebuerg alleguer, och déi politesch Verantwortlech, eng positiv Stëmmung kreéiere fir keng negativ Connotatiounen opkommen ze loossen, well Dir wësst alleguer wéi schnell datt dat geet, an et as och keen Zoufall, dass de Buurgermeeschter vu Stroossbuerg, an dass déi Verantwortlech vu Bréissel ee ganz klore positive Vote am Europaparlament gin hu fir Maastricht. Dofir geet et nët duer, fir d'Lëtzebuerger Parlament ze verloossen, an op Stroossbuerg ze goen, an nët do ze sin, wa justement déi Lëtzebuerger Interessen um Spill stin, wann et wierklech drëm geet, fir ee vun de wichtege Problemer, déi mir de Moment diskutéieren, Interessen déi och de Fraktiounspresident vun der DP zitéiert huet, mä dass mir och do dat noutwendegt Klima schafen, dass och do keng negativ Connotatiounen - ech widderhuele mech bewosst - kommen, a mir eis am Fong geholl selwer schueden.

Iwwert d'Répercussioune vu Maastricht op d'Bankeplaz Lëtzebuerg verweisen ech nach eng Kéier op deen ausféierleche Bericht vun der Kommissioun. Ech hat selwer d'Geleënheet fir mat enger ganzer Rei vu Lëtzebuerger an däitsche Banquierën op enger Table ronde ze diskutéieren iwwer justement dës Problematik. Eppes as jiddenfalls klor doraus ervirgaangen, mat oder ouni Maastricht as d'Finanzplaz Lëtzebuerg an denen nächsten zéng Jor nët méi dat, wat se déi lescht zéng Jor war. Ech betoune mat oder ouni Maastricht. Et as ganz klor an onmëssverständlech do zum Ausdrock komm, dass, wann zum Beispill Maastricht nët géif kommen, awer ee ganz groussen Drock op d'Finanzplaz Lëtzebuerg wäärd kommen, sou dass si och seen selwer misst permanent a Fro stellen an neien Défië stellen. Also soll kee mir heihinner kommen a soen, Maastricht, dat wär elo den Doud vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, esou bëlleg Demagogie géif ech jiddenfalls nët vun dëser Tribün aus maachen.

Iwwert alleguer déi wirtschaftlech Virdeler, déi Maastricht bréngt, an déi virun allem och d'Wirtschafts- a Währungsunioun bréngt, fannen ech, dass ganz wéineg heiriwwer geschwat gin as, nët nëmme

wat d'Lëtzebuerger Betriber ubelaangt, mä zum Beispill wat d'Lëtzebuerger Biirger ubelaangt. Wa mir wëlle konkret schwätzen, da kommt mir explizéieren emol de Leit, dass duerch eng europäesch gemeinsam Währung se kënnen, ouni Schwiregketen a vill méi bëlleg, an Europa resen. Ech fannen, datt alleguer déi Leit, déi hei opgetruede sin, bedauert hun, dass esou wéineg Informatioun géif gemaach gin iwwer Maastricht. D'Accore vu Maastricht, déi sin elo scho bal sechs Méint al. Hir definitiv Fassung as am Februar signéiert gin. Si huet nët vill changéiert vis-à-vis vun der éischter.

Wat hätt irgendeen Deputéierten dru gehënnert, well dat as och eng Missioun vun engem Deputéierten, fir vis-à-vis vu séngem Wieler a vis-à-vis vun der Öffentlechkeet eng Opklärungsaarbecht ze maachen. Et hätt keen een dru gehënnert, wéi mäi Kolleg Asselborn dat gemaach huet, fir de Reesbengel an de Grapp ze huelen, an de Leit sur place explizéieren ze goen, wat dann an de Verträg vu Maastricht steet.

Wat hu mir gemaach? Mir hu wochen-a-méintlaang Prozedur diskutéiert. Wéi dann d'Majoritéitsparteien sech där Diskussioun hu missen a richteger Weis stellen, ënnerstellen ech allerdings, dass se mat där Approche am Fong geholl d'Inhalter vu Maastricht selwer wollte verstoppen, well doduerch, dass mir Wochen a Méint iwwer Prozedur diskutéiert hun, hu mir eng grouss Chance verpasst, och als Parlament, de Biirger d'Inhalter vu Maastricht klor duerzeleën.

**Mme la Présidente**.- M. Kollwelter, je m'excuse, mais il y a eu un débat de fond au mois de décembre.

**M. René Kollwelter** *(LSAP)*.- Mme Presidentin. Mir haten hei zwee Débatën. Een am Dezember éiert eis Regirung op Maastricht gaangen as, a mir haten een zweten, wat och ee Prozedur-Débat war, wou mir driwwer geschwat hun, maache mir elo ee Referendum oder nët, dat war am Abrëll, den 22. Deen Dag war effektiv konzentréiert op Prozedur, mä am allgemenge behaapten ech, dass mir am Moment, an all eenzelnen Deputéierten, eng Verantwortung hu vis-à-vis vun de Biirger, se haten an se elo och nach hun, fir d'Leit iwwert d'Inhalter vun de Maastrichter Verträg opzeklären. Et gin, wéi gesot, eng ganz Rei vun Avantagen, och praktescher Natur, an d'Leit déi hätten heiansdo ganz gäre praktesch Recetten, fir ze wëssen, wat elo lass as.

Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, dass et zum Beispill wäärd méiglech sin an Zukunft, wa mir déi gemeinsam Währung hun, datt all eenzelnen ouni gréisser Problemer kann duerch Europa resen, ouni gréisser Käschten an och Tracasseriën administrativer Natur, déi entstin, wann ee muss Geld wiesselen. Ech bleiwe bewosst op dene ganz konkrete Problemer, mat denen d'Leit konfrontéiert sin. Och fir d'Betriber wäärd dëse Fait eng ganz grouss Erliichterung gin, well och si, wa se ufänke mat schaffen, an et gin ëmmer méi auslännesch Betriber, déi am Ausland schaffen, as et och fir si wichteg, dass se alleguer debarrasséiert gi vun denen Tracasseriën, an och vun där Onsécherheet, déi dora bestanen huet, dass een haut nët wosst, wéi géife muer verschidde Wiesselcourën ausgesinn, eng Onsécherheet fir d'Betriber, déi wäärd an Zukunft verschwannen.

Als drëtte Punkt vu ménger Interventioun wollt ech schwätzen iwwert een Thema, wou et am Fong geholl zwou Approche gin, nämlech d'Citoyenneté européenne. Entweder hëlt een sech et vir, fir dëst als Zentralthema ze huelen, fir domat Demagogie ze maachen, a fir domat d'Maastrichter Accorën ze torpedéieren, oder d'Leit onsécher ze maachen. Dat as eng Attitüd. Déi as vläicht elektoral interessant, mä ech mengen, wa mir Rendez-vous mat der Geschicht hun, solle mir déi am Tirang leie loossen, esou wéi de President vun der DP, nët de Fraktiounspresident, deen hat eng aner Menung do, dat och gemaach huet.

Ech kann nëmme laachen, wann hei gesot gët, wann elo géif an Europa d'Citoyenneté agefouert gin, dat wär den Ausverkaf vu Lëtzebuerg. Anerer soen, mir hätten näischt méi bei eis ze soen. Ech maachen hei keng marxistesch Analys, ech wëll Iech dat haut nët zoumudden, mä ech géif gäre ganz einfach folgend Fro stellen.

*(Interruption)*

Mme Presidentin, wann den Här Finanzminister Nohëllefcourë brauch, ech si ganz gäre bereet, fir him déi ze gin.

Méng Fro: Wien décidéiert zu Lëtzebuerg? As dat de Mario oder de Pedro, deen am Gruef steet, deen interesséiert as eventuell wéi den Trottoir a sénger Gemeng soll ausgesinn, oder dee wëllt matdiskutéiere wou de Centre culturel gebaut gët? Oder sin et e puer déck Banquierën, déi décidéiere wat zu Lëtzebuerg mat der CLT, mat denen Aarbechtsplazen, mat der Arbed, och mat denen Aarbechtsplazen, mat de Banken, och mat denen Aarbechtsplaze geschitt, sou dass ech alleguer déi invitéieren, déi soen, mir géife Lëtzebuerg ausverkafen. Ech fannen, dass déi misste sech viru sech selwer schummen, fir esou eppes ze behaapten, an ech géif se invitéieren emol eng Analys ze maachen, wien hei zu Lëtzebuerg déi ganz grouss Décisiounen hëlt. Ech fäärte souguer, dass och politesch, souguer d'Regirung den zwete Präis kritt, well och do gesäit ee ganz klor, dass verschidden Interessen, déi esou verflecht sin, déi esou staark sin, dass déi am Fong ganz klor décidéieren, wat zu Lëtzebuerg geschitt.

Kommt kee mir heihinner a behaapt, Lëtzebuerg géing ausverkaaft gin. Dat kann en irgendwou an engem Bistro maachen, wou een och nach vläicht applaudéiert kritt, mä hei si mir op enger seriöser Tribün, wou solle Saache gesot gin, déi Kapp a Fouss hun. Do hu mir eng aner Verantwortung, där mir eis musse stellen.

Ech perséinlech hun iwwerhaapt kee Problem mat der kommunaler europäescher Citoyennetéit. Ech hat nach ni ee Problem domat, an ech kréien och keen, well ech ganz einfach der Menung sin, all Mënsch, do wou e wunnt, muss kënne matbestëmmen, dat wat do geschitt. Dat as den ABC vun der Demokratie.

Wa mir zréckkucke gin, wou d'Demokratie entstanen as, a Griechenland, da gesi mir ganz klor, dass et virun allem drëm gaangen as, d'Gestioun vun der Cité ze maachen. Et as virun allem wichteg, dass jidderee kann an deem direkten Emfeld wou e wunnt, matdiskutéiere wat geschitt. Domat as iwwerhaapt kee Milligramm vun der Souveränitéit a vum Pouvoir vun der Lëtzebuerger Regirung entaméiert. Ech sin och der Menung, dass et wichteg as fir Lëtzebuerg, dass mir op dëse Wee gin, well wa mir d'Situatioun vun haut kucken, d'Compositioun vun eiser Bevölkerung. 30% vun der Bevölkerung sin Auslänner, 50% vun de Salariéë sin Auslänner. Wa mir also bei dem Standstill bleiwen, dee mir elo hun, an ech woen eng Projektioun ze maachen, an zéng Jor kënnte mir an eng Situatioun kommen - an ech iwwerspëtzen dat elo wierklech bewosst - vu südafrikaneschen Zoustänn, dass mir am Fong geholl op eemol eng Minoritéit hätten, déi géif décidéieren iwwer eng Majoritéit. Um kommunale Plang as dat nët akzeptabel.

Ech sin och Kommunalpolitiker, ech hun iwwerhaapt kee Problem dermat, dass Fransousen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, Däitscher, déi zu Lëtzebuerg wunnen, Dänen, Portugiesen, dass déi ënnert verschiddene Konditiounen, wou mir nach driwwer schwätzen, däärfe sech bedelegen, aktiv a passiv, un de kommunale Walen, an alleguer déi, déi hei op d'héicht Päerd geklomme si vun der Demokratie, an ech kommen nach dorop ze schwätzen, déi géing ech wierklech invitéieren, emol do unzefänken, wou d'Demokratie ugeet, nämlech um lokale Plang, fir dass jiddereen, do wou e wunnt, ka matdécidéieren, wat ka geschéien.

Et as vun engem Virriedner gesot gin, an ech weess nët, ob en dat als Witz gesot hat, oder ob dat him entfuer as, en huet am Fong zwou Saache gesot, déi sech widdersprach hun.

Engersäits dass d'Lëtzebuergescht misst d'Nationalsprooch bleiwen, an anerersäits,dass Englesch misst eis Nationalsprooch gin. Do hun ech allerdings Bedenken. Ech weess nët, ob en dat am Numm vu sénger Fraktioun gemaach huet oder a séngem perséinlechen

Numm, mä jiddenfalls sin ech der Menung, dass justement do eng Erausfuerderung fir eis an Europa läit, dass mir eis musse bewosst sin, dass mir eng kulturell Identitéit hun, an dass mir déi och kulturell flegen. Een Element dovun as eis Sprooch.

Ech si wierklech ee vun dene leschten, deen der Menung as, d'Lëtzebuergescht soll verschwannen aus eise Schoulen. Au contraire, ech sin der Menung, dass et soll verstäerkt do enseignéiert gin, fir jiddereen allerdings, och fir déi auslännesch Kanner, déi do sin, well wann och hei Nimm gefall si vu Leit, déi een auslännesch kléngenden Numm hun, déi haut Lëtzebuerger sin, an déi haut eng Plaz an enger Institutioun hun, wéi zum Beispill am Staatsrot oder an der Châmber, wëll ech deemjéinege soen, deen dat hei zitéiert huet, an dat war ménger Menung no, niveaulos, dass wa mir géifen ufänken jidder sougenanntem „waschechte Lëtzebuerger" säi Stammbam ze analyséieren, da géife mir waarscheinlech zu ganz komesche Konklusioune kommen.

Ech wëll Iech jhust nëmmen drun erënneren, dass am Laf vun dene leschte Jorhonnerte vill Spuenier, Portugiesen, Fransousen, Holländer zirkuléiert sin an nach anerer, a wa jidderee säin egene Stammbam géing analyséiere goen, da wär e sécherlech erstaunt ze gesinn, wéivill Ausländer hie selwer as.

Dofir Low-key, keng Demagogie bei dene Saachen, do hu mir vläicht Interessen eis ege Vergaangenheet besser kennen ze léieren. Domat léiert een sech selwer besser kennen a gläichzäiteg déi aner.

Der europäescher Biirgerschaft, mat de Rechter a mat de Flichten, déi se bëinhalt, soen ech ee ganz klore Jo. Ech géif souguer soen, dass et déi juristesch Reconnaissance as vun deem Sentiment d'appartenance, dee mir musse cultivéieren hei an Europa. Eng Communauté de destins, huet eng Kéier ee Grousse gesot. Ouni déi Communauté de destins komme mir nët virun, an ouni d'Bewosstsäin, dass mir an esou enger scho laang dra sin.

Ech hun heiansdo d'Impressioun, dass verschidde Leit emol nët méi wëssen, a wat fir engem Emfeld dass se liewen. Mir liewe scho laang an engem Europa, wat amgaang as virunzegoen. Hei huet een heiansdo d'Impressioun gehat an dene leschten Deg, wéi wann Europa muer de Mueren eréischt géing ugoen. Ech mengen, och dat as eng Virgaukelung, déi um Comptoir an irgendengem Café vun de Faubourgën vläicht gutt ukënnt, mä op der Châmberstribün as e bëssche méi gefuerdert. Näischt verhënnert ons an Zukunft fir ee gudde Lëtzebuerger ze sin a gläichzäiteg ee gudden Europäer. Och do, an ech wëll nët méi an d'Detailer goen, wëll ech drop hiweisen, dass iwwerraschenderweis d'Chambre de Commerce drop higewisen huet, dass se ee ganz kloert Jo fir d'Citoyenneté européenne ausschwätzt.

Et däärf awer och hei keen op d'Tribün kommen a soen, et wär ee Problem, deen haut eréischt fir d'éischt géing diskutéiert gin. De Conseil économique et social, deen huet a séngem Avis zum Budget 1978 schons dovu geschwat gehat. 1982 as eng Plate-forme erauskomm, déi ënnerschriwwe war vu sämtleche grousse Parteien, vu sämtleche Syndikater, wou dra stong, se wären der Menung, dass dat kommunaalt Walrecht misst agefouert gin.

Dono as, ech hun dat nët verkannt, ee gewëssent neit Gefill vun Nationalismus oder e bësschen op d'Distanz goe vun den Ausländer opkomm, wou keng Partei, och nët méng ege Partei schounungslos dervu komm as. Mir haten déi Plate-forme och 1982 ënnerschriwwen. Mir hun allerdings 1989 eng Rectification de tir gemaach, déi dora bestanen huet, dass mir klor gesot hun, an do ware mir déi eenzeg Partei, an dat as vläicht bedauerlech, mä dofir hu mir kee Problem dermat, d'Legitimitéit op deem Plang hu mir jiddenfalls, well 1989 stong an eisem Walprogramm, dass mir der Menung wären, dass déi europäesch Biirgerschaft, wou mir derfir wären, um kommunalen europäesche Plang sollt agefouert gin. Dofir as et wichteg, dass een déi Saachen nach eng Kéier an Erënnerung rifft.

Och all déi aner Parteien hun alleguer do eng Vergaangenheet, an et as vill ze vill einfach, fir einfach de Schwamm ze huelen, fir verschidden Deler ewechzewëschen, well Dir wësst, datt näischt méi schlëmm as an der Politik wéi dat, d'Vergaangenheet as eppes wéi ee Boomerang, déi kënnt ganz gären erëm.

Och musse mir oppassen, wa mir schwätzen iwwer Derogatiounen. Ech explizéiere mech. Ech perséinlech ka mir nët virstellen, dass et herno méi schwéier wäärd gin un den europäesche Kommunalwalen deelzehuelen, wéi eng Naturalisatioun ze maachen. Ech fannen, do musse mir onbedingt oppassen, dass mir och nach d'Hiérarchie des valeurs am Kapp behalen. Et kann also nët esou sin, datt d'Konditiounen - et as jo ëmmer eng Stee amgaang, wat d'Modalitéiten ubelaangt fir d'europäesch Citoyennetéit - ëmmer méi einfach gi fir Lëtzebuerger ze gin an domat um kommunalen an um nationale Plang kënne stëmmen ze goen, wéi ganz einfach sech ze beschränken op de kommunale Plang.

Kommt mir halen op mat där Spiral, wou mir amgaang sin, eis selwer een deen aneren héich ze rüsten. Kommt mir leën eis d'Lat nët zevill héich, well soss komme mir nët driwwer. Weider musse jo och d'Modalitéiten akzeptéiert gi vun den anere Länner vun der EG.

Ech wëll an dësem Kontext nach folgendes ganz onmëssverständlech der Regirung mat op de Wee gin. Der Regirung hir Glaubwürdegkeet an dësem Punkt wär ménger Menung no méi grouss, wa se ee wichtege Punkt vun hirem Koalitiounsprogramm, dee schon 1989 dra stong, realiséiert hätt, nämlech d'Méiglechkeet fir d'Ausländer, fir un de Beruffskammerwalen hei zu Lëtzebuerg deelzehuelen. Et deet mir leed, dass den Aarbechts- a Finanzminister de Moment nët méi hei as, well ech wär frou, wann en eis kënnt doriwwer eng Rei vun Informatioune gin, well et wär wichteg, dass mir, fir d'Lëtzebuerger un dat alles ze gewinnen, alles as eng Saach vu Gewunnécht, virun allem an der Politik, et géinge fäerdegbrénge fir den Droit de vote fir d'Beruffskammerwale schnellstens anzeféieren. Dat as äusserst wichteg an ech setzen dat an eng ganz Démarche vun der Citoyenneté européenne.

Déi zweet Démarche as déi, fir schnellstens, a mir als LSAP sin der Menung, dass ee scho kënnt bei den Europawalen déi nei Maastrichter Moossstäf uwenden, dat heescht dass bei den nächsten europäesche Wale fir d'Europaparlament och schon Ausländer kënnten drun deelhuelen, da kënnte mir d'Lëtzebuerger lues a lues un dat Ganzt gewinnen. Et as ganz klor, dass de Lëtzebuerger am Schnëtt ee relativ konservative Mënsch as, deen huet ëmmer ganz grouss Appréhensiounen, wann eppes Neies op en duerkënnt. Dofir as et wichteg, dass mir hei esou wéi an der Pédagogie, jeden Tag ein Esslöffel, nët direkt dat Ganzt mam décken Hummer, wierklech par palier, par étape procedéieren. Esou wär dat Ganzt vill einfacher ze verdaue fir verschidde Leit.

Ech wëll vun dëser Geleënheet profitéieren, fir ee gewëssenen Aspekt ze beliichten. Et as eng politesch Explikatioun, déi ech am Fong hei klor ënnermaueren.

An dësem Débat sti Leit op, a fuerderen ee Referendum. Dat as hiert Recht. Dat wëll ech hinnen nët ofstreiden. Si kréien dozou 3.000 Ennerschréften. Da kommen se heihinner, a spillen sech op als déi allergréisste Demokraten, déi et hei am Land géif gin. Déi selwecht Leit, an do sin ech nët méi domat d'accord, dat wëll ech hei denoncéieren, gebrauchen dat jhust als Outil fir justement d'Verbesserung vun der Demokratie hei zu Lëtzebuerg ze empêchéieren. Nämlech - an dat as bekannt - well hire gréisste Problem jo deen as vun der Citoyenneté européenne.

Dat muss ee fäerdegbréngen hei zu Lëtzebuerg. Sech opzespillen als de Champion vun der Demokratie, ee Referendum ze froe fir Maastricht, nach groussen Applaus ze kréien, wou jidderee weess, dass et hinne jhust drëm geet, fir méi Demokratie ze verhënneren, nämlech um kommunale Plang.

Dat as natiirlech ee Meeschtersteck, wat ee muss fäerdegbréngen. Ech applaudéieren nët, mä ech wëll et jhust hei denoncéieren. Dat selwecht as och gëlteg fir de Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei, deen eng ähnlech Attitüd ageholl huet.

Ee leschte Punkt, wou ech och eng bëssche méi kritesch Note wëll ustëmmen, dat as dee vun der europäescher Emweltpolitik. Fir d'éischt eng positiv Remarque. Ech hu se schon am Ufank gesot, ech wëll se nach eng Kéier widderhuelen.

Hei as Jore laang vun enger ganzer Rei vu Bänken, ménger Menung no oft zu Recht, kritiséiert gin, Europa wär jhust een Europa vun de Marchandën, vum Kapital, vun der Wirtschaft. Elo, duerch den Acte unique, duerch Maastricht, kréie mir eng ganz Rei nei Dimensiounen an Europa eran, also och dat als Instrument gesinn, wéi mir et kënnen op dene verschiddene Pläng, um soziale Plang oder wéi deen, deen ech elo uschwätzen, um ëmweltpolitesche Plang gebrauchen. Also Maastricht als Instrument, als Méiglechkeet déi Politicken eis zouzeleën, déi eis et erlaben eng besser Emweltpolitik ze maachen.

*(Interruption)*

Ech glewe waarscheinlech nach éischter un de Kleeschen, wéi un dat wat Dir hei verzielt.

Et as sech et e bësschen zevill einfach gemaach, wann een egal bei wat fir enger Okkasioun hei an der Châmber déi selwecht Ried hält, ob dat bei de Budgetsdebatten as, ob dat bei engem Emweltgesetz as, ob dat bei irgendwéi engem anere Gesetz as. Dat as ménger Menung no méi einfach, wéi all Kéiers déi Prinzipiendiskussioun hei opzewerfen. Et mécht d'Saach méi einfach. Et brauch een sech nët all Kéiers frësch virzebereden a virun allem, et brauch een nët ëmmer zum Thema ze schwätzen.

Ech wëll jhust drop hiweisen, an do delen ech eng ganz Rei vun denen Appréhensiounen, déi och den Här Huss hei gemaach huet. Ech hun eng ganz Rei vu Bedenken iwwert déi europäesch Emweltpolitik, wa se nët eng gewësse Kéier kritt. Ech wëll awer do nët an dee selwechten Europessimismus, oder wéi ech déi leschte Kéier scho gesot hun, den Ecopessimismus verfalen, wéi dat déi Gréng maachen, systematesch, mä drop hiweisen, esou wéi dat och aner Grénger soen, an ech denken do un den Här Brice Lalonde oder un den Här Antoine Waechter, déi soen, mir kënnen dach nët abseits stoen, wa mir hei een Instrument offréiert kréie fir gegebenenfalls, oder wa mir et wëllen, oder wa mir dru schaffen, eng besser europäesch Emweltpolitik ze maachen. Dofir delen ech zwar d'Analys, déi vu verschiddene Säiten hei gemaach gin as, mä ech wëll drop hiweisen, dass ech zu anere Konklusioune kommen.

Och wat hei gesot gin as iwwert de Rôle vun Europa, do sin ech guer nët domat d'accord, dass dat eng negativ Roll war.

*(Interruption)*

Europa war nët eleng do, et war keen europäescht Gipfeltreffe vun den Emweltministeren, wat do stattfond huet. Et waren nach 137 Chefs d'Etat do.

Ech sin der Menung, dass, wat d'Emweltpolitik ubelaangt, mir eis solle bewosst sin, dass ganz vill Problemer op eis zoukommen, an dass mir opgefuerdert sin, vläicht méi eng radikal Emweltpolitik um europäesche Plang virzehuelen, allerdings wëll ech drop hiweisen, dass et hautdësdaags och keng lëtzebuergesch Emweltpolitik ka gin, ouni konsequent europäesch Emweltpolitik.

Ech fannen, do as am Fong dem Här Lalonde oder anere Gréngen am Europaparlament hir Positioun vill méi konstruktiv. E wëllt nët an dem Motzeck sëtze bleiwen, wéi dat verschidde Grénger hei am Land maachen, kee Katzenjammer, mä matschaffen un der europäescher Emweltpolitik, esou wéi d'Gewerkschafte sech virgeholl hun, konkret matzeschaffen un enger europäescher Sozialpolitik. Dat as déi Erausfuerderung virun déi mir gestallt sin, a wann Dir do wëllt am Motzeck sëtze bleiwen, da bleift Dir do sëtzen, mä mir gin och fäerdeg ouni Är Participatioun.

Fir ofzeschléisse wollt ech nach e puer méi allgemeng Remarquen hei maachen.

*(M. Edouard Juncker prend la Présidence)*

Et as kritiséiert gin, datt d'Lëtzebuerger Regirung eng Sensibiliséierungsaktioun gemaach huet iwwer Maastricht an de Schoulen. Ech komme wierklech nët méi aus dem Staunen eraus. Wochen- a méintlaang gët kritiséiert, datt keng Informatiounspolitik géing gemaach gin. D'Regirung seet eis näischt. Da gin Initiative geholl, da sin se nët gutt. Ech kann nët iwwert den Detail vun dene Saache schwätzen, ech war nët derbäi an dene Couren, déi do gehale gi sin. Ech fannen déi Initiativ gutt, an ech félicitéieren öffentlech den Här Erzéiungsminister, datt en déi Initiativ do geholl huet.

Wann aner politesch Verantwortlecher, wou ech och den Här Huss dozou zielen, higaange wären, a si hätten sech manner mat der Prozedur beschäftegt, mä méi mat den Inhalter vun de Verträg, dann hätt en nët nëmmen eng besser Ried gehalen, mä en hätt och de Leit an der öffentlecher Menung een Déngscht erwisen, well e gehollef hätt se opklären iwwert d'Avantagen an Désavantage vu Maastricht. Wann een op engem A blann as, da fannen ech, dann as een nët qualifizéiert fir sech zu allem ze äusseren.

Ech wëll zréckkommen op dat, wat de Spriecher vun der DP gëschter gesot huet, an der Regirung géinge lauter Feiglinger sëtzen. Ech hun e bëssche versicht nozevollzéien, wat eigentlech dem Här Grethen séng Attitüd an de leschte Joren zu Europa war. Ech hu se nogelies.

En huet jorelaang sech als Champion opgespillt vum europäesche Bannemaart. En huet d'Regirung - déi aacht Jor wou ech hei sin - interpelléiert, wat maacht Dir fir 1992, sid Dir prett fir 1992, wéini kënnt 1992, kann een et nët ee Jor virverleën. Dat as de subjektive Résumé vu séngen Interventiounen.

Elo kënnt en, a seet, et geet mir ze schnell, dat as zevill bürokratesch, an der Regirung sëtze lauter Feiglinger. Wann ech esou eng Ried gehalen hätt, wéi den Här Grethen gëschter, ech hätt vun dene 45 Minutten, déi e geschwat huet, 44 Minutte laang Europa zerstéiert, een Torpedo nom aneren op Europa geschoss, dann hätt ech mir allerdings déi lescht Minutt erspuert, wou e schlussendlech gesot huet, dass e géif d'Accore vu Maastricht stëmmen. De Feigling gesinn ech doran, dat as eng Persoun, déi eppes ganz klor deklaréiert, déi jiddereen opfuerdert esou ze denken, an dann herno de Contraire mécht. Dat as ménger Menung no ee ganz klore Bewäis, wou de Feigling sëtzt. Ech mengen, dass den Här Grethen zevill feig as, fir konsequent dat esou ze stëmmen, wéi en hei séng Ried gehalen huet. Ech weess nët firwat.

Mag sin, dass e vläicht nach e bëssche méi laang wëllt Fraktiounspresident bleiwen, well ech ka mir nët virstellen, dass en nach tragbar gewiescht wir als Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei, wann e géint d'Verträg vu Maastricht gestëmmt hätt. En huet selwer sécher geduecht, et geet elo duer, stëmm et elo awer, mä schwätz dergéint. Oder as e platt gewalzt gin vum Här Thorn, vum Här Mart oder der Mme Flesch? Jiddenfalls, an dat wëll ech ganz klor ënnersträichen, fannen ech et gutt a richteg, an och gesond fir d'Lëtzebuerger politesch Zeen, dass déi aner Linn an der Demokratescher Partei sech duerchgesat huet, an dass mir ee gréisstméigleche Konsensus fond hun.

Ech wëll alleguer denen, déi dozou bäigedroen hun, ech wëll keen ernimmen, ech wëll nët ee géint deen aneren ausspillen, mä ech wëll all dene félicitéieren, déi bewisen hun, dass se och kënnen a verschiddene Momenter dat klengt Gefecht, wat mir heiansdo opféieren, an d'Täsch stiechen, an einfach déi national Interesse virun d'Parteiinteresse kënne setzen. Dat fannen ech as ee Kompliment, dat ech dene Leit wëllt maachen.

Et as sécherlech nët einfach, well d'Tentatioun fir Maastricht ze gebrauchen als Spillball vun der Lëtzebuerger Politik, där Exemplaren, där hu mir eng ganz Rei hei defiléiere gesinn an héieren. Ech mengen, dass si och déi Chance verpasst hun, fir där historescher Dimensioun, mat där mir hei konfrontéiert sin, och gerecht ze gin, se sech am Fong geholl elo domat begnügen, dass hinne soss näischt anescht iwwreg bleift, wéi aus dem Sall ze lafen. Dofir fannen ech dem Här Weber séng Positioun zumindest nach méi konsequent a konstruktiv, deen offen dergéint as.

Ech hu mir dat erlaabt, well ech e bësschen ee komescht Gefill hat, souwuel déi vun där grénger Säit, wéi och déi vum Här Grethen, obschon dat zwou verschidde Saache sin, zesumme mat dem Aktiounskomitee 5/6, wéi as et schons 5/6 fir jiddereen oder haaptsächlech fir si, dass déi jiddenfalls ee ganz komesche Veräin kënne grënnen. Ech weess nët wie President vun deem Veräi gët. Ob et den Här Grethen as, deen d'Présidence kritt, oder ob dat een anere gët.

Ech sin allerdings der Menung, dass zum Beispill eng Interventioun, wéi den Här Mehlen se hei gehalen huet, deen déi eng Hand opgehalen huet, fir all Agrareurosubsiden, déi irgendwéi nëmmen ze rafe sin, a mat där anerer Hand de Revolver aus der Täsch gezun huet, an op alles anescht wat an Europa leeft, geschoss huet, een sech dat esou einfach nët ka maachen.

Wann déi Leit, vun deem Aktiounskomitee 5/6 fir jiddereen, der Menung sin, dass d'Lëtzebuerger Politiker keng Legitimatioun hätten, fir zu Maastricht sech ze äusseren, da géif ech se emol opfuerderen, fir eis ze weisen, wou an hirem Walprogramm, mat deem si sech de Wieler gestallt hun, irgendeng Remarque zu Europa gemaach as, wou nëmmen an engem Saz ugekënnegt as, wat dann zu Europa hir Positioun spéiderhi soll sin. Dat as ee Wielerbedruch, wann een an engem Walprogramm sech zu engem wichtegen Thema iwwerhaapt nët äussert, jhust nëmmen sech een Thema erauswielt, 5/6 Pensioun fir jiddereen, ech respektéieren dat, ech hun dat schon eng Kéier gesot, ech weess nët méi ob et op dëser Tribün war oder an enger Kommissioun, ech widderhuelen et dofir nach eng Kéier, mä dene Leit spriechen ech dann d'Legitimatioun of, fir sech zu allen anere Projetën, Punkten an Themeberäicher ze artikuléieren, déi nët an hirem Walprogramm sin, wou se keng Legitimatioun hun. Si sollen iwwert d'Rente schwätzen an iwwert déi puer aner Saachen, déi se an hirem Programm hun, mä si hu keng Legitimatioun fir sech zu Europa ze artikuléieren. Si kënnen dat maachen, mä dann hu se hir ege Wieler bedrun.

Fir ofzeschléisse géif ech soen, dass dee Referendum, deen hei gefuerdert gin as, dass all eenzelnen Deputéierte soll séng Verantwortung iwwerhuelen. Et as jo nët esou, dass mir haut eréischt géingen ufänken, deen éischte Stee fir Europa ze leën. Haut gët nët de Bändchen duerchgeschnidden. Mir sin schon amgaang de Plafong frësch ze maachen. Eng frësch Tapéit an d'Haus Europa ze maachen, vun deem de Gorbatschow 1988 am Conseil de l'Europe geschwat huet. Mir sin amgaang de Finissage ze maache vun engem Gebai, wat virun enger ganzer Rei vu Joren ugefaange gin as, gebaut ze gin, a wou d'Iddi dovun, an dat hun ech am Ufank vu ménger Interventiou gesot, bis wäit virun de Victor Hugo zréckgeet, dee geschwat huet vun Etats-Unis d'Europe. Et kann dach nët esou sin, dass mir bei all zousätzlecher Etapp, well no Maastricht kommen nach vill Biergetappen, all Kéiers ee Referendum brauchen. Ech sin der Menung, dass all politesche Verantwortlechen eng Verantwortung huet vis-à-vis vu sénge Wieler. Dozou huet en sech bei denen nächste Walen ze stellen. Ech kann Iech jiddenfalls garantéieren, dass ech kee Problem hu vis-à-vis vu ménge Wieler.

Wann een ee Rendez-vous huet mat der Geschicht, da gin et e puer Méiglechketen. Ech hu gesot, et gët déi Méiglechkeet fir am Eck sëtzen ze bleiwen oder um Bord vun der Strooss. Et gët och eng Méiglechkeet, fir ze participéieren. Ech verstin d'politesch Aktivitéit an och méng politesch Praxis doran, fir mech un de Saachen aktiv ze bedelegen, fir se ze beaflossen, virun allem wa se esou een historesche Charakter hu wéi d'Verträg vu Maastricht.

Dofir hun ech absolut nët dee geréngste Problem fir Maastricht ze stëmmen. Ech sin allerdings der Menung, dass Maastricht eng Biergetapp as, dono nach wichteg aner schwéier Etappe wäärte kommen, déi mir och musse packen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- La parole est à l'honorable M. Jup Weber.

**M. Jup Weber** *(GLEI)*.- Här President, dir Dammen an dir Hären. Wann ee gëschter den Här Santer an den Här Colling gehéiert huet géint déi Leit hetzen, déi den Traité nët stëmmen, besonnesch géint déi Gréng, déi virgeworf kréien, si wire schlecht Europäer, si wiren irresponsabel, dann huet een sech erëm an d'Zäit vun den Hexeprozesser zréckgesat gefillt.

Mir Gréng, Här President, si vläicht déi eenzeg, déi responsabel Politik, laangfristeg responsabel Politik hei am Land an europawäit maachen. Et as ons Flicht a Schëllegkeet an enger Zäit, wou de Planéit amgaang as ze erstécken, dorop opmierksam ze maachen, dass bei deem wat ënnert der Lëtzebuerger Présidence ausgehandelt gin as, de Maastrichter Verträg, eppes ganz Wesentleches feelt, nämlech een Engagement fir an Europa eng ekologesch Wirtschaftspolitik ze bedreiwen. Den Här Santer muss sech hei de Virworf gefale loossen, dass hien nach an engem Geescht vun enger Zäit, wou de wëllen Industrialismus d'Soen hat, denkt, wou nach kee sech der Emweltproblematik bewosst war, an esou gesinn dann och d'Maastrichter Verträg aus.

Den Här Santer huet och nët d'Entschëllegung, dass keen hien drop opmierksam gemaach hätt, dass onbedéngt emweltpolitesch Kritären an d'Uniounsverträg misste festgeschriwwe gin. De Bureau européen de l'Environnement, an deem och d'Lëtzebuerger Emweltschutzorganisatiounen, wéi de Mouvement écologique, wéi d'NATURA, vertruede sin, déi hate konkret Virschléi gemaach, wéi ee misst d'Artikelen iwwer d'Energie, iwwer den Transport, iwwer d'Agrarpolitik reforméieren, fir dass aus de Maastrichter Verträg gréng Verträg solle gin. Et as guer näischt an där Richtung geschitt. Déi Chance, déi gouf zu Maastricht verpasst.

Aus grénger Siicht kann een nëmme soen, dass d'Maastrichter Verträg ee Fiasko fir d'europäesch Emwelt sin. De Wee vum ongebremste kommerziellen an industrielle Wuesstum, dee schon an de Réimesche Verträg festgeschriwwe war, dee gët hei konsequent weidergeféiert. Wat brauche mir dann an Europa? Mir brauchen eng ekologesch Wirtschaftspolitik. D'Regierunge mussen ëmdenken an der Emweltpolitik, an dat hat souguer d'Kommissioun erausfond. D'Kommissioun an d'europäescht Parlament hate gutt Virschléi gemaach a Richtung Reform vun der Emweltpolitik. Si hate Virschléi gemaach an der Energiepolitik. Den Här di Meana, deen hat ganz akzeptabel Virschléi gemaach, fir an der Energiepolitik esou ze fueren, dass een d'Energieverbëtzung géing besteieren. Domat hätt een och kënnen den $CO_2$-Problem meeschter gin. Mä dat Denken, dat hun déi Leit, déi d'Maastrichter Verträg ausgehandelt hun, nach nët. Déi Virschléi fir eng ekologesch Wirtschaftspolitik ze maachen, déi sin ignoréiert gin, an dat as onverzeilech.

Fir dass aus de Maastrichter Verträg gréng Verträg solle gin, missten se nei verhandelt gin. D'GLEI stëmmt dofir géint d'Ratifizéierung vun dësen Traitéën, a mir stëmme géint d'Ratifizéierung vun dem Traité vu Maastricht, esou wéi en elo ausgesäit, well mir eis nämlech fir eng Europäesch Gemeinschaft asetzen, an där d'Biirger d'Recht hun op eng gesond Emwelt, déi awer och Respekt mussen hun virun denen anere Matbewunner vun eisem Planéit, virun dene Leit, déi an den Drëttweltlänner liewen, an déi dofir drop verzichten, dass d'Ressource weiderhi weltwäit esou ausgeraibert gi wéi bis elo.

Erlaabt mir, dass ech un e puer Beispiller beweisen, wéi d'Emweltpolitik zu Maastricht vergiess gouf. Et brauch een nach ëmmer Eestëmmegkeet am Ministerrot fir steierpolitesch Moossnamen an eng Richtung Ökosteier anzeféieren. Domat si souwuel d'Beméiunge vun der Kommissioun, wéi och déi Beméiunge vun dene Länner, déi an Europa e bëssche méi wäit an hirer Emweltpolitik fortgeschratt sin, zu schanen, fir an Europa eng ekologesch Politik ze maachen.

D'Energiepolitik as bewosst nët zur gemeinsamer Politik erkläert gin, an och hei gët klor, dass iwwerhaapt kee Wëlle besteet, fir eng kohärent Emweltpolitik an der Gemeinschaft ze maachen. D'Nuklearlobby huet hei ee grousse Cadeau gemaach kritt, well d'Maastrichter Verträg, déi taaschten den Euratom-Vertrag guer nët un. Wann een hätt wëllen eppes zu Maastricht fir d'Emwelt maachen, dann hätt een op jidde Fall den Euratom-Vertrag esou missen änneren, dass nach jhust déi Programmer géinge finanzéiert gin, déi sech ëm d'Recherche këmmeren, wéi mir deen Atommüll, dee bis elo entstanen as, kënnen entsuergen, dass de Finanzement vun der Nuklearindustrie definitiv ophält.

D'Energiepolitik as ee grousse Pilier vun enger seriöser Emweltpolitik. Spéitestens no Rio as et jo awer klor, dass een hei muss agräifen. Wa Rio ee Verdéngscht huet, dann as et deen, dass am Virfeld vun den Diskussiounen emol klor gin as, wien d'Haaptemittente vun $CO_2$ sin, wien am Fong geholl déi sin, déi d'Emwelt weltwäit belaaschten. Et sin dat d'Industrielänner, d'USA, et as Japan, et sin d'Europäer. Grad mir hun do eng onwaarscheinlech grouss Verantwortung, mä wéi d'Maastrichter Verträg beweisen, mir sin nët bereet déi Verantwortung ze iwwerhuelen.

Ech kann den Här di Meana, dee gutt Virschléi gemaach hat, fir eng $CO_2$-Energiesteier ze maachen, verstoen, wann en dégoûtéiert as, vun deem wat zu Bréissel leeft. Den Här di Meana, dee war am Géigesaz zum Här Kollwelter nët zu Rio, well einfach séng Virschléi nët ugeholl gi sin, well en nët dermat d'accord war, dass d'Bush-Regirung all Beméiunge fir den $CO_2$-Ausstouss erofzesetzen, weltwäit boykottéiert huet, an ech hun déife Respekt virun engem Mann, wéi den Här di Meana, deen och elo zu Bréissel d'Knëppele bei d'Tromm gehäit huet, an heem a säi Land geet, an do de Poste vum Emweltminister unhëlt.

Kucke mir elo konkret déi verschidden Artikele vun de Maastrichter Verträg duerch.

Den Artikel 2, dee beschäftegt sech mat der Entwécklung vun der Europäescher Gemeinschaft. Déi europäesch Emweltorganisatiounen, déi vertruede sin duerch de Bureau européen de l'Environnement, déi hate verlaangt, dass an dësem Artikel géing festgeschriwwe gin, dass déi weltwäit Ressourcen op eng nachhalteg a mat enger virséchteger Notzung géinge verschafft gin. Dat Konzept konnt sech leider nët duerchsetzen.

D'europäescht Parlament, dat hat een anert Konzept virgeschloen, dat eis am Fong geholl nach méi sympathesch as, nämlech d'Konzept vun enger ekologesch nachhalteger harmonescher Entwécklung vun der Gemeinschaft.

An dat war eng ganz gutt Formuléierung, déi nët zréckbehale gin as. Et as zréckbehale gin, dass d'Communautéit fir Missioun hätt, „de promouvoir une croissance durable et non inflationniste respectant l'environnement".

Wat heescht dat?

An eisen Aën as den Ausdrock „nachhaltiges Wachstum" oder „croissance durable" en Nonsens-Ausdrock. De Begrëff „sustainable development" oder „nachhalteg Entwécklung" as schon en zweedäitegt Wuertgebilde; an de Begrëff „nachhaltiges Wachstum" gët et nët, dat as en Nonsens. Mir verstin einfach nët, wéi deen Ausdrock konnt an de Vertraagstext opgeholl gin.

Ech géing iwwer den Ausdrock „sustainable development" ganz gären e puer Wuert verléieren an um Beispill vun der Forstwirtschaft erläuteren, wat een eigentlech ënner „nachhalteg" versteet.

Enner „nachhalteg" versti mir Fieschteren, dass een am Bësch nët méi notzt, wéi eigentlech nowiisst. Eng nachhalteg Entwécklung garantéiert nach laang nët d'ekologesch Qualitéit vun där Entwécklung. Beispill: Et kann een och an enger Fichtenmonokultur nachhalteg wirtschaften, dat heescht, nët méi eraushuelen, wéi am Duerchschnëtt nowiisst.

De Problem as awer, wann een en autochtone Bësch, méngetwegen e Buchen-Eechen-Bësch, duerch eng Fichtenmonokultur ersetzt, dann huet een d'ekologesch Qualitéit vun deem Ekosystem zerstéiert an en duerch en aneren ersat, deen zwar nachhalteg bewirtschaft ka gin, mä deen awer laang nët méi deen Emweltwäert huet wéi deen Ekosystem, dee virdrun do stong.

Dir gesitt also, wa scho mir Ekologe mat dem Term „nachhalteg Entwécklung" oder „sustainable development" Problemer hun, fir kloerzemaachen, wat mer drënner verstin, an dass mer eis och nët zefridde gi mat engem „sustainable development", mä dass mer gären eng ekologech nachhalteg Entwécklung hätten, da verstitt Der, dass mer eis mat dem Term „croissance durable" absolut nët kënnen averstanen erklären, an dass mer eis éischter mat dem Term, deen d'europäescht Parlament gebraucht, nämlech „ecologicaly sustainable harmonious development", en ekologesch nachhaltegen harmoneschen Developpement, identifizéiere kënnen.

Wéi gesot, deen Term as nët opgeholl gin, an dat bedauere mer!

Dir gesitt also, dir Dammen an dir Hären, dass mir Gréng eis hei absolut nët am Abseits befannen, wa mir drop hiweisen, dass dësen Traité enorm Nodeler huet. Mir befannen eis a ganz gudder Gesellschaft. D'europäescht Parlament, wou och ganz konservativ Leit dra sëtzen, huet eng Formulatioun virgeschloen, déi deem, wat mir politesch gären hätten, ganz no kënnt.

Deen nächsten Artikel, iwwer deen ech schwätzen, as den Artikel 3. Den Artikel 3 zielt d'Aktivitéite vun der Europäescher Gemeinschaft op.

Am Artikel 3 gët festgeluegt, wou et eng gemeinsam Politik gët, a wou nëmme „common policy" as.

Gemeinsam Politik gët et am Handel, an der Landwirtschaft an an der Fëscherei, och am Transport.

D'Emweltpolitik zielt awer nët zu dene Beräicher, wou gemeinsam Politik as, mä nëmmen zu de „common policies".

Wat as den Ennerscheed?

Den Ennerscheed as, dass do, wou „common policy" as, wou d'Länner selwer décidéieren, och d'Länner de Finanzement vun de Mesüren, déi hei virgesi sin, mussen iwwerhuelen. Do sin Derogatioune virgesinn. Déi Derogatioune maache wiirklech dem Abus d'Dire weidenhaffen op.

Wa bei dene Mesüren - ech huelen do konkret d'Emweltpolitik - considéréiert gët, dass se zevill grouss Käschte géinge verursaachen, da kann et zu Bréissel eng Derogatioun gin. A mat deem Prinzip kënne mir eis absolut nët averstanen erklären.

D'GLEI bedauert dofir, dass de Stellewäert vun der Emweltpolitik an der Gemeinschaft nëmmen esou kleng as. Mir verlaangen erëm eng Kéier - do stëmme mer iwwregens mat dem europäesche Parlament iwwereneen - dass en europäeschen Emweltfong geschafe gët. Och dat as zu Maastricht vergiess gin.

Den Artikel 39 vun de Verträg betrëfft déi gemeinsam Agrarpolitik.

D'Emweltschutzorganisatiounen haten eng Ausriichtung vun dësem finanzpolitesch a legislativ wichtegsten Instrument vun der Gemeinschaft a Richtung Emweltverträglechkeet a Verbraucherschutz gefuerdert. Och dat as zu Maastricht iwwerhéiert gin. Och dozou bestong zu Maastricht de Wëllen nët.

Da komme mer zur Transportpolitik vun der Gemeinschaft, déi am Artikel 71 festgehalen as.

Do haten d'Emweltschutzorganisatiounen d'Propositioun gemaach, si hätte gären den Emweltfaktor ageféiert duerch de Konzept vun der Minimiséierung vum Schued, deen duerch d'Transportwiesen entsteet.

Et hätt een esou zum Beispill kënne Moossnamen treffen, fir dass deen irrsënnegen Transport vu Gidder op der Strooss ophéiert. Et hätt een hei kënne geziilt den Transport vun de Gidder op der Schinn förderen.

Neen, den Här Santer a séng Equipe hu léiwer an d'Richtung vun der Lobby vun de Stroossentransporteuren an de Camionsbauer higeschafft!

Den Artikel 100A betrëfft d'Moossnamen zur Schafung vum Bannemaart.

Hei haten d'Emweltschutzorganisatioune verlaangt, dass d'Normen am Emweltschutz esou géingen eropgesat gin, dass nët nëmmen, wéi bis elo dra steet, „en héijen Niveau vu Protektioun" bestoë sollt, mä dass an Zukunft deen héchste Standard vu Protektioun, deen et an engem vun den europäesche Länner gët, fir d'Länner alleguer gëlle soll. Och dat gouf den Emweltschützer verwiert.

Am Résumé, Här President, kann ee soen, dass ganz vill Iddiën op d'Tapéit komm waren, fir déi Maastrichter Verträg zu grénge Verträg gin ze loossen. Et as awer ze bedaueren, dass all déi gutt Iddien, ob se elo vum europäesche Parlament komm sin, ob se vun de grénge Parteie komm sin, ob se vun den Emweltschutzorganisatioune komm sin, nët mat opgeholl gi sin. Et as leider Gottes nach ëmmer am Geescht vun der „Europe des investisseurs" a vun der „Europe des marchands" geduecht gin.

Mäi Kolleg Nick Clesen hat scho gëschter am Laf vun dësen Debatten zu anere wesentleche Punkte vun den Accore vu Maastricht geschwat. Hien hat och am Detail d'Positioun vun der GLEI zur Währungsunioun duergeluegt, wou mer bemängelen, dass absolut keng Kriterien um ekologesche Gebitt dra sin an hiren Auswiirkungen an zu där praktesch inexistenter Sozialpolitik zu der Uniounsbiirgerschaft an zum Demokratiedefizit an der EG.

Erlaabt mer awer, Här President, dass ech zum Schluss nach op mäi Virriedner hei agin, dee behaapt huet, déi Gréng géifen am Motzeck sëtzen. Ech mengen, ech hun elo un e puer kronkreten inhaltleche Beispiller erklärt, déi Artikele vun de Maastrichter Verträg betreffen, wéi een et hätt kënne besser maachen. Hien huet sech déi Aarbecht nët gemaach. Ech mengen, wann ee blann as op engem A, dann as et mäi Virriedner selwer, dee sech déi Méi nët gemaach huet.

Mir am grénge Eck handelen hei verantwortungsvoll; mir hun hei d'Aufgab, fir drop hinzeweisen, wat déi Leit, déi am Gouvernement sëtzen, falsch gemaach hun, wou se schlecht verhandelt hun. Ech mengen, där Aufgab si mer an aller Würde gerecht gin.

Den Här Kollwelter huet hei ugefaangen ze polemiséieren, den Här Wächter géing „jo" zu Maastricht soen. Hien huet awer vergiess ze soen, dass den Här Wächter „oui si" seet, nämlech sous condition, dass dat an dat an dat - an dat sin déi selwecht Saachen, déi mir och bemängelen - nei verhandelt gin.

Den Här Kollwelter hat och gemengt, hie misst hei besonnesch den Här Lalonde beluewegend ervirhiewen. Mir op der grénger Säit fannen, dass den Här Lalonde en trojanescht Päerd vun de Sozialisten as a mir géingen eis verwieren, dass dee Mann am Zesummenhank mat dene Gréngen ernimmt géing gin.

D'GLEI as der Menung, dass d'Verträg iwwer d'europäesch Unioun missten nei verhandelt gin, fir dass se gréng Verträg solle gin.

Mir si fir Europa. Mir hätten dofir gären, well mer fir en Europa sin, wou d'Biirger an enger gesonder Emwelt kënne liewen, well mer fir en Europa sin, wou d'Biirger Respekt virun de Bewunner vun dësem Planéit, virun de Bewunner vun den Drëtt-Welt-Länner hun, dass dës Verträg mussen nei verhandelt gin. Besonnesch si mer awer der Menung, dass d'Euratom-Verträg musse mat an d'Verhandlungen abezu gin.

Mir sin der Menung, dass déi Mängel, déi um ekologesche Gebitt bestin, esou grouss sin, dass d'Verträg mussen nei verhandelt gin an dass se an dëser Form nët kënne gestëmmt gin. Aus där Ursaach wäerd och d'GLEI géint d'Ratifizéierung vun dëse Verträg an och géint dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- La parole est maintenant à l'honorable M. Alphonse Theis.

**M. Alphonse Theis** *(CSV)*.- Här President, dir Dammen an dir Hären. Am Kader vun der Ofsprooch déi d'CSV-Spriecher ënnert sech getraff hun, well ech mech haut eenzeg an eleng op d'Konsequenze vum neien Uniounsvertrag op Lëtzebuerger Gemenge beschränken. Sécher, et fënt een e nët vill direkt Referenzen op d'Gemengen am Vertrag. An dach gin et indirekt Auswiirkungen op eis Gemengen:

1. de Subsidiaritéitsprinzip,

2. d'Citoyenneté européenne, doduerch, dass d'EG-Biirger Usproch zum aktiven a passive Walrecht op Gemengeplang kréien,

3. d'Wirtschafts- a Wärungsunioun

4. de Regionalrot, an

5. d'regional Hëllefe vun der Gemeinschaft.

Erlaabt mer kuerz, an aller Objektivitéit an an aller Rou, déi verschidde Punkten ze beliichten:

1. De Subsidiaritéitsprinzip:

Deen neien Artikel 3B vum EWG-Vertrag, deen elo EG-Vertrag heescht, seet folgendes:

D'Gemeinschaft gët nëmmen täteg an deem Kader, wéi de Vertrag hir Kompetenze gët an Objektive gesat huet. An dene Beräicher, wou se nët exklusiv kompetent as, betätegt sech d'Gemeinschaft nëmmen an deem Mooss wéi d'Ziler, déi se verfollegt, nët genügend um Niveau vun de Memberstaten eleng erreecht gin, sief dat wéint hiren Enverguren, oder wéint hiren Auswiirkungen, dat heescht also besser op communautärem Niveau kënnen erreecht gin. Ausserdeem solle communautär Moossnamen nët iwwer dat Néidegt erausgoen wéi d'Erreeche vum ofgepeilten Zil verlaangt, an anere Wierder, et geet hei em de Prinzip vun der Verhältnismässegkeet.

De Subsidiaritéitsprinzip kënnt jo bekanntlech aus der kathoulescher Sozialléier a gouf fir d'éischt duerch d'Enzyklika Quadrogesimo Anno an den 30er Joren formuléiert. De Prinzip geet allerdings zréck bis op den Thomas vun Aquin. Et as interessant, festzestellen, wéi esou e Prinzip aus der kathoulescher Sozialléier säi Wee fënt, zu engem vun denen Haaptordnungsprinzipen vun der neier europäescher Unioun. Allerdings wäert et an der Praxis grad ewéi an der Theorie nach grouss Diskussiounen iwwert konkret Applikatioune vun dësem Prinzip gin.

Ech wëll mech nët weider mat dem Prinzip beschäftegen, stellen awer mat Satisfaktioun fest, dass op Grond vun der Interventioun, virun allem vun den Engländer, zu Maastricht de Subsidiaritéitsprinzip nach méi streng zu Gonschte vun de Memberlänner formuléiert gouf, wéi dat am ursprünglechen Text de Fall war.

Direkt betrëfft dëse Subsidiaritéitsprinzip d'Gemenge nët, well den Artikel 3B schwätzt nëmme vun de Memberlänner, an nët vun denen hei ënnergeuerdneten Instanzen. An engem Sënn vun der Logik muss awer de Subsidiaritéitsprinzip bis zum Schluss duerchduecht gin. De Subsidaritéitsprinzip diirft nët derzou féieren, Memberlänner géintiwwer der Gemeinschaft ze stäerken, an d'Gemenge géintiwwer de Memberlänner ze schwächen. Ech well dofir ganz däitlech un d'Charte vun der Autonomie communale vun 1985 erënneren, an där de Subsidiaritéitsprinzip och ganz kloer zum Virschäin kënnt. Wéi den Artikel 4 Alinea 3 seet: „l'exercice des responsabilités publiques doit, de façon générale, incomber, de préférence, aux autorités les plus proches des citoyens. L'attribution d'une responsabilité à une autre autorité doit tenir compte de l'ampleur et de la nature de la tâche et des exigences d'efficacité et d'économie."

Här President, dir Dammen an dir Hären.

Nodeem dëse Subsidiaritéitsprinzip an dem Vertrag vun der politescher Unioun verankert gouf, wat souzesoen den héchsten europäesche Vertrag as, dee mer bis elo hun, kënnt ech mer virstellen, dass mer de Subsidiaritéitsprinzip bei enger nächster Verfassungsrevisioun och an eis Lëtzebuerger Verfassung géifen aschreiwen, fir esou d'Logik vu Maastricht bis op den ënnëschten Niveau duerchzedenken an der „Charte de l'autonomie locale" Rechnung ze droen.

2. D'Citoyenneté européenne

D'europäesch Biirgerschaft, as een Zil, wat sech d'Communautéit schon zënter Mëtt de 70er Jore gestallt huet. Nämlech spéitstens an de 70er Jore gouf kloer, dass den europäeschen Bierger nët méi vill mat Europa unzefänke wosst, an Europa éischter als eng Saach fir d'Wirtschaft ugesinn huet, déi him wuel indirekt zegutt komm as, mä nët als eppes wat hien direkt beréiert. Dëst Gefill, dass Europa wäit ewech as vum eenzelnen huet och dozou gefouert, dass an alle Länner eng gewëssen Angscht virun Europa de Moment as, well d'Biirger eréischt iwwer d'Diskussioun vum Maastricher Vertrag entdeckt hun, wat schon zënter 40 Joer fir si Wierklechkeet as. An deem Sënn kann ech natiirlech dat neit Subsidiaritéitsprinzip wéi och den Absatz 2 vum Artikel 8 um Vertrag nëmme begréissen, dee seet, dass de Vertrag eng nei Stuf bei der Verwierklechung vun enger ëmmer méi enker Unioun vun den europäesche Völker duerstellt an där Décisiounen méiglechst no un d'Biirger getraff gin.

An deem Sënn wëllt de Vertrag och eng Citoyenneté européenne aféieren, déi aus 6 Artikele besteet. Virun allem soll d'europäesch Biirgerschaft ët all Biirger erlaben, sech fräi an deem groussen Europa ze bewegen an sech do nidderzeloossen wou e wëllt. Fir eis Lëtzebuerger as dat schon eng wichteg Saach, allerdings gët et nach ëmmer gewëssen Aschränkungen zu dëser fräier Zirkulatioun vun de Persounen trotz der Jurisprudence vum europäesche Geriichtshaff. Eréischt am Joer 1990 goufen 3 wichteg Direktiven ugeholl: déi iwwert d„libre circulation" am allgemengen, an déi vun de Studenten am besonneschen. Ech gif dovir vun der Geleënheet profitéieren, fir ze froen, wéi wäit et mat der Emsetzung vun dësen Direktiven an denen eenzelne Memberlänner as. Ech denke besonnesch un den Interesse vun de Lëtzebuerger Studenten. Aner Bestëmmunge vun den Uniounsbiirger schaaft betreffend den diplomateschen an och konsulareche Schutz vun den Uniounsbiirger duerch d'Ambassaden a Konsulate vun aneren EG-Länner, do wou dat egent Land nët vertrueden as. Och dat as fir Lëtzebuerg schon eng wichteg Saach, wou mer bis elo eng gutt Zesummenaarbecht hate mat Belgien an Holland, an déi Zesummenaarbecht déi och hir Friichte bruecht huet. Doriwwer eraus, huet all Uniounsbiirger Petitiounsrecht beim Europäesche Parlament, a kann sech och un den neien Ombudsmann wenden.

Am meeschten Diskussiounsstoff bréngt ower d'Walrecht fir EG-Biirger an d'Gemengen an d'Europaparlament mat sech. Sécher kann een eng gewësse Logik nët verleegnen, déi do dranner besteet, dass d'Uniounsbiirger sollen un allen europäeschen an lokalen Décisioune matwierken, wa se schon e Recht op fräi Zirkulatioun an Nidderloossung hun. Allerdings duerf een nët vergiessen, dass d'Kommunalkompetenzen nët an allen Länner gläich grouss sin, besonnesch an denen Länner wou et tëschent dem Stat an de Gemengen nach tëschegëurdnet Instanzen gët, wéi zum Beispill Länner oder Regiounen. Do hun d'Gemengen natiirlech nët esou vill ze soen. Bei eis zu Lëtzebuerg musse mer awer feststellen, dass d'Gemengen nach eng Rei hoheitsrechtlech Befugnisser hun. Dat as z.B. de Fall beim Buergermeeschter. Doriwwer eraus stellen mer zu Lëtzebuerg op nationalem Plang eng gewëssen Politmiddegkeet, wann ech mech kënnt esou ausdrécken, vun de Biirger fest. Op lokalem Plang as déi politesch Middegkeet nach nët esou grouss ewéi eben do wou de Biirger den direkten Drot zu sénge Politiker huet. Dofir muss een d'Angscht vu ville Lëtzebuerger verstoen, dass déi enk Relatioun tëschent de Wieler an Politiker kënnt mat deem neien Uniounsbiirgerrecht a Fro gestallt gin.

Dat neit europäescht Biirgerrecht soll d'Méiglechkeet gin, d'Integratioun vun den EG-Biirger an engem Memberstat ze erliichteren. Als CSV ware mer ëmmer der Menung, esou e Walrecht kënnt nëmmen een Zil an nët den Ufank vun engem Integratiounsprozess duerstellen. Et as awer kloer, dass Lëtzebuerg nët aleng kann abseits stoen. Allerdings betrëfft dësen Wandel de Lëtzebuerger Biirger total onvirbereet an dat erkläert zum Deel déi grouss Retizenz géint Maastricht, déi doduerch souguer verständlech as.

D'Regirung huet et fäerdegbruecht, eis spezifesch Situatioun kloer ze maachen. Sou gesäit den Text Dérogatiounsméiglechkete vir, fir e Land, dat spezifesch Problemer huet. Dësen Saz weist ganz däitlech drop hin, dass d'Dérogatiounsméiglechketen extra fir Lëtzebuerg agefouert goufen, och wann nach aner Länner sech wäerten hannendrun hänken. Et as nach kee Land vun denen 12 wou de Prozentsaz vun den Ausländer am allgemengen an den EG-Biirger am besonnesche sou grouss as, ewéi grad hei zu Lëtzebuerg. De Problem as, dass d'Direktiv - obwuel de Vertrag selwer nët seet, iwwert wat fir e Wee déi Modalitéiten an Ausféierungsbestëmmungen sollen duerchgefouert gin, - eréischt méi spéit geholl gët. Dorun zweifelen vläicht munnech Lëtzebuerger un der Méiglechkeet, déi Dérogatiounen esou duerchzesetzen wéi mer déi zur Zäit hei am Land staark diskutéieren.

Dës Modalitéiten an Dérogatioune sollen d'Auslännerwalrecht sou koordinéieren a virun allem sécherstellen, dass mer keng Onuerdnung an eist politescht Liewe kréien: Dass déi Auslänner, déi mat wielen gin, virun allem déi sin, di schon eng etlech Zäit hei am Land wunnen, a sech och fir dëst Land, séng sozial, séng wirtschaftlech, gesellschaftlech a politesch Zukunft Suergen a Gedanken man.

Vu dass d'Kommissioun schon an de Joren 88/89 eng Propositioun ausgeschafft hat, wéi d'Auslännerwalrecht géing vir sech goen, wou och schons verschidden Bedingungen erfëllt hu missten gin, as kaum unzehulen, dass déi meescht vun eisen Fuerderungen sech nët dierfen duerchsetzen. Ech denken virun allem un de Prinzip, dass den EG-Biirger sech misst duerch e kloren Akt selwer an de Gemengelëschten aschreiwen loossen, andeem ee beweist, dass ee laang genuch am Land wunnt, hei wéi doheem séng Zivilrechter och huet. Dat as keng Dérogatioun vu Lëtzebuerg, mä et soll eng allgemein Uwendungsbestëmmung fir all Land gin. Déi eigentlech Dérogatiounen, déi mer zur Zäit diskutéieren, sin déi hei:

- méi eng heich Residenzzäit fir gewielt ze gin a fir sech der Wal ze stellen wei dat an anere Länner de Fall as, ech denken do un 10 bis 12 Joer

- nët dierfen Schäffen oder Buergermeeschter ze gin,

- op d'manst an enger Iwwergangszäit, eng Bestëmmung, dass d'Auslänner nët méi ewéi 25% vun de Sëtz an engem Gemengerot dierften besetzen,

- d'Festschreiwen vum Lëtzebuergeschen als Emgangssprooch vun de Conseilssitzungen,

- en däerf selbstverständlech nët gläichzäiteg an séngem Heemechtsland wielen, an och hei zu Lëtzebuerg.

Et sin dat déi Conditiounen, déi och iwwregens leschten Méinden bei Geleënheet vun der Réunioun, déi organiséiert gi war vum Syvicol, vun eiser Regirung opgezielt gi sin a wou souguer gesot gin as, wa se sech nët do kéinten duerchsetzen wiren si souguer bereet vun hirem Vetorecht Gebrauch ze maachen. Ech sin iwwerzeegt, dass mer mat denen Dérogatioune kënnen duerchkommen, an dass do d'Lëtzebuerger och berouegt dierften sin. Well et wir jo schons paradoxal wann grad an deem Land wou déi meeschten EG-Biirger am Verhältnis zur Bevölkerung wunnen, d'Kommunalwalrecht méi géif zerstéieren wéi gutt maachen.

Zum Ofschloss vun dësem Deel vu ménger Ried awer nach e puer Froën:

1. Fir d'Wal an d'Europaparlament mussen mer do ähnlech Bestëmmungen huelen. Déi mussen iwwregens jo schon virum 31. Dezember 91 an nët virum 31. Dezember 94 wéi bei de Gemengewalen a Kraaft trieden, ower bossecherweis brauche mer d'Verfassung nët ze änneren, obwuel et sech och am eigentleche Sënn vum Wuert ëm politesch Rechter handelt. Mir schwätzen dauerend vun de Bestëmmungen fir d'Gemengewalen, ower nët vun denen fir d'Europawalen. Wier et nët wichteg, dass mer eis emol fir d'éischt géingen Gedanke maachen iwwer d'Europawalen, well mer mat dësem Dossier éischter befaasst sin, a well mer bei dësem Dossier fir d'éischt

gefuerdert dierfte sin, Dérogatiounen erauszeschloen. Wa mer et nämlech fäerdeg bréngen, déi Problemer propper iwwert d'Bün ze zéien, da wäre vill Ängschten vun de Lëtzebuerger hinsichtlech de Kommunalwalen ofgebaut.

2. Den Traité, a virun allem eng Déclaratioun déi annexéiert as, ënnersträicht ganz däitlech, dass d'Nationalitéit näischt mat der Biirgerschaft ze din huet. Et schéngt mer dofir jo juristesch sécher ze sin, dass een nët kann iwwert d'Bestëmmung vum Artikel 8 e) d'Rechter vun der Uniounsbiirgerschaft op d'Legislativwalen ausbauen. Den Artikel 8 e) gesäit nämlech vir, dass virum 31. Dezember 93 e Bericht ausgeschafft gët, deen dann all 3 Joer widderholl gët. Op Grond vun dësem Bericht kënnt de Ministeschrot d'Rechter vun der Uniounsbiirgerschaft eestëmmeg op Virschlag vun der Kommissioun an nom Avis vum Europaparlament ergänzen. Et misst da Bestëmmungen erloossen, déi denen eenzelne Memberlänner géif recommandéieren, fir se gemäss hire verfassungsrechtlechen Dispositiounen ëmzesetzen. As méng juristesch Ausleung vun dësem Text richteg, dass iwwert den Artikel 8 e) d'Europabiirgerschaft op d'Walrecht zu de Chamberlëschten nët kann ausgeweit gin? Wat as iwwerhaapt gemengt gewiescht mam Artikel 8 e) wéi dee rédigéiert gouf? As et kloer, dass souwisou de Ministeschrot nëmmen géif Recommandatiounen a keng Décisiounen huelen?

3. Dat ganzt Kapitel vun der Citoyenneté européenne schwätzt vu Rechter a Flichten vun den Uniounsbiirger. Am eenzelnen gin awer nëmmen Rechter opgelëscht, awer keng Flichten. Dofir méng Fro. Wéi kann ee Flichten vun den Uniounsbiirger emräissen? Fir mech schéngt den Ausdrock Rechter a Flichten vun den Uniounsbiirger z.B. zu Lëtzebuerg sech op alle Fall doranner ausdrécken ze mussen, dass en EG-Biirger, deen sech an eng Wallëscht aschreiwe léisst, nët nëmmen déi selwecht Rechter, mä och déi selwecht Flichten wéi en nationale Biirger huet. Konkret gesinn heescht dat, datt hien sech och dee Moment der Walflicht ënnerwerfe muss. An ech wëll erënneren un dat wat den honorablen Georges Margue och gëschter hei gesot huet iwwert déi zousätzlech Problemer, déi hien am Détail geschildert huet, wou hie ganz besonnesch iwwert d'Flichten vun denen Leit geschwat huet.

Här President, dir Dammen an dir Hären.

Ech sin op alle Fall der Menung, dass d'Chancen zu Lëtzebuerg gutt stin, fir Modalitéiten an Dérogatiounen erauszeschloen, déi den Prinzip vum Walrecht fir déi EG-Biirger nët a Fro ze stellen, a gläichzäiteg awer eisem Land erlaben, dëst Walrecht progressiv ëmzesetzen an esou e politeschen Äerdrutsch ze vermeiden. Esou e politeschen Äerdrutsch esouguer, wann e sech nëmmen géif a verschiddenen Gemengen produzéieren, kënnt grouss Konsequenzen op dat bisheregt harmonescht Zesummeliewen vun alle Biirger zu Lëtzebuerg erweisen. Mir si gefuerdert, eis Integratiounspolitik, wéi mer se an der Vergaangenheet ëmmer erëm praktizéiert hun, konsequent duerchzezéien. Dobäi muss selbstverständlech dem Léieren vun der Lëtzebuerger Sprooch eng ganz grouss Importenz zoukommen. Mä ech bleiwen bei ménger Menung, dass am Endeffekt nëmmen déi Auslänner wëllen un de Walen matparticipéieren, déi schons länger Zäit bei eis wunnen, a wierklech politesch interesséiert sin. An deem Moment hätt esou e Walrecht keng katastrophal Konsequenze fir Lëtzebuerg, am Géigendeel. Ech hoffen z.B., dass d'Debatt iwwert d'Walrecht fir d'EG-Biirger dozou féiere wäerd, dass den Trend vun den Nëtwieler hei zu Lëtzebuerg erëm ëmgedréit gët, an dass d'Lëtzebuerger dat Recht, dat se den Auslänner lo nëmmen ongär zougestoen, wierklech selwer erëm an Eieren halen a regelmässeg a voll ausüben.

3. D'Wirtschafts- a Wärungsunioun

An der drëtter Phas vun der europäescher Wirtschafts- a Wärungsunioun, iwwert déi gëschter den honorablen Här Rau am Detail geschwat huet, soll et zu enger europäescher Zentralbank an zu enger eenheetlecher Wärung, vun där den Numm nach nët definitiv festläit, kommen. Dës drëtt Etapp soll fréiestens 1997 an spéitestens 1999 ufänken. Fir an dës Phas anzetrieden, mussen d'Memberlänner verschidden Parameteren erfëllen, ënner anerem, an dat sin déi wichtegst, wat d'Lag vun de Staatsfinanzen ubelaangt, dat heescht den Déficit annuel dierf nët méi wéi 3% vum PIB ausmaachen, an d'öffentlech Verschëldung, global gesinn, nëmmen 60% vum PIB. Lëtzebuerg huet do keng Problemer op d'manst zur Zäit, dës Kritärën ze erfëllen. Wann een vun den öffentleche Finanzen schwätzt, muss ee sech ower bewosst sin, dass dat am Sënn vum Maastrichter Vertrag nët nëmmen heescht, de Staatsbudget, mä déi sämtlech Investitiounsfongen: d'sozial Sécherheet an d'Gemengen, ofgesinn, vun allen Déngschtleeschtungsservicer wéi Gas, Elektresch an esou virun. Ennert „Budgetsdefizit" gët méi wéi waarscheinlech de „Besoin de financement" verstan, an nët de rengen Defizit wéi en aus dem Budget ervirgeet.

All dës Notioune si fir mech de Moment nach nët ganz kloer.

Eppes schéngt mër awer sécher ze sin. D'Finanzlag vun de Gemenge gët mat berücksichtegt bei de Kritären, déi e Stat erfëlle muss, fir an der Wirtschafts- a Wärungsunioun mat ze maachen. Falls e Land dës Kritären nët méi erfëllt, da kënnen esouguer Sanktioune verhaange gin. No dem STATEC huet sech d'Gemengeverschëldung Enn 90 op bal 9 Milliarde belaf.

Esou oder esou bréngt dat 2 Konsequenze mat sech:
1. Gët den Drock vum Zentralstat op d'Gemenge méi grouss, wat d'Gemengenautonomie an der Verschëldungspolitik ubelaangt. An dat as deen negativen Aspekt an der Saach. Positiv kann een natiirlech soen, dass duerch dës méi grouss Amëschung de Konkurrenzkampf tëschent deen eenzelne Gemenge méi propper gët, well da keng Gemeng méi sech kann einfach an eng Verschëldung stierzen, ouni datt se fir d'éischt eng propper Finanzgestioun mécht.

Ier dass mër an dat neit Spill erakommen, mussen allerdings eng ganz Parti vu Froë gekläert sin. Mir wëssen dass d'Verschëldungspolitik vun de Gemenge schon an der jéngster Vergaangenheet Problemer opgeworf huet, virun allem wat d'Gemengesyndikater ubelaangt. Ech erënneren un dee rezente Mëssel teschent dem Innenministär a verschiddene Waassersyndikater.

Esou oder esou wir et gutt, dass mir äis un een Dësch gife setzen an d'Problematik vun der Gemengeverschëldung duerchdiskutéieren. No méngen Informatioune wiren den Innenminister an de Finanzminister zur Zäit amgaang, eng Circulaire auszeschaffen, fir d'Gemengen opzefuederen, méi gewëssenhaft an hirer Verschëldungspolitik virzegoen. Musse mir op Grond vun dem Maastrichter Vertrag nët definitiv e Kadergesetz iwwer d'Gemengefinanzen an d'Gemengemissioune stëmmen, fir eis eens ze setzen iwwer dat wat obligatorësch a fakultativ Missioune sin?

Et as eng Fro, mä d'Äntwert, déi wäert méi schwéier sin. Ofgesinn dovunner huet d'Definitioun, esou wéi se zur Zäit am Innenministär verteidegt gët, keng gesetzlech Basis. D'Kadergesetz vun de Gemengefinanzen a Gemengenobligatiounen as also ménger Menung no ubruecht. Eng weider Fro stellt sech an dësem Kontext: wat fir eng Moyenë musse mer dem Innenministär an Zukunft iwwerdroen, fir dass en och sécher ka stellen, dass déi Finanzdisziplin, déi e vun de Gemenge verlaangt, och wiirklech duerchgefouert gët?

Ech bleiwen op alle Fall bei der Menung, dass d'Wirtschafts- a Wärungsunioun, a virun allem vun d'Kritären, déi bei dem öffentlechen Defizit an der öffentlecher Verschëldung ze erfëlle sin, an der Zukunft direkt a ganz konkret Konsequenzen op eis Gemengepolitik mat sech bréngen dierft.

3. De Comité des Régions.
De Maastrichter Vertrag gesäit een neit konsultatiivt Organ vir, wat do heescht, de Conseil des Régions. Dëse Conseil ëmfaasst, grad wéi de Wirtschafts- a Sozialrot, 189 Leit, dovunner och 6 Lëtzebuerger. Dat wäerd de Lëtzebuerger Gemengen et erlaaben, op europäeschem Niveau och ee Wuert matzeschwätzen. Dat emsou méi, wou an anere Länner virun allem emol d'Regioune vertruede sin, an dann eréischt d'Gemengen. Lëtzebuerg kann sech awer erlaben, nëmme regelrecht Gemengevertrieder dohinner ze schécken, wat ech ganz positiv fannen.

Zu dem Regionalrot muss ech awer e puer Bemiirkunge maachen:

1. Wann ech den Text gutt verstanen hun, gesäit dee selwer nët vir, dass d'Vertrieder gewielte Politiker si mussen. Ech sin awer der Menung, dass de Poids vun dësem Organ nëmmen da grouss as, wann och do gewielte Politiker vertruede sin. An eisem Land misste mer op d'manst den Ustouss gin, nëmme gewielte Gemengepolitiker an de Gremium ze schécken, ob se an der Majoritéit oder an der Oppositioun sëtzen.

2. Souwisou soll eis Delegatioun, déi sech aus 6 Haaptvertrieder a 6 Ersatzvertrieder zesummesetzt, esou équilibréiert sin, dass sämtlech Regioune vertruede sin, grad wéi d'Proporz- an d'Majorz-gemengen, Majoritéits- a Minoritéitspolitiker. Selbstverständlech muss och eisem politësche Parteiesystem Rechnung gedroë gin. An deem Sënn musse mer eis natiirlech Gedanke maachen, wéi mer zu esou enger Delegatioun kommen. Ech sin nët der Menung, dass mer do sollen ufänken, op deem engen oder deem aneren Niveau, Walen ze maachen. Et geet nët drëm, dass déi eng oder déi aner Gemeng do sollt bevirdelegt gin, well engeenzel Gemeng huet relativ wéineg vun dem Regionalrot, mä mir sollen eng équilibréiert Equipe dohinner schécken, déi d'Interesse vun alle Lëtzebuerger Gemenge verteidegen, déi jo plus ou moins op europäeschem Niveau identesch sin. D'Regirung wär gutt beroden, sech mat Zäite Gedanken ze maachen, ouns awer de Syvicol bei der quoqueleger Aufgab, déi ët nu wierklech as vun deem néidegen Dosage vun der Delegatioun, ze iwwergoen.

3. Wann ech d'Kompetenze vun deem Regionalrot huelen, esou gesäit den Traité der relativ wéineg vir:

Art. 128: Encouragementsrelatiounen an der Kulturpolitik.

Art. 129: idem wat Gesondheetspolitik ubetrëfft.

Art. 129D: D'Orientatiounen an d'Aktioune bei de Réseaux transeuropéens.

Art. 130A: Spezifesch Aktiounen an der wirtschaftlecher a sozialer Kohesioun.

Art. 130D: Definitioun vun de Missiounen, de Prioritéiten an der Organisatioun vun de Strukturfongen.

Art. 130E: Décisioune beim Regionalfong.

Allerdings, an dat muss een erviersträichen, gesäit de Vertrag vir, dass dëse Regionalrot sech ka mat Problemer befaassen, a sech och selbstverständlech dozou kann äusseren, mä alles kënnt dofir op déi zukünfteg Dynamik vun dësem Regionalrot un.

4. De Regionalrot huet laut dem Maastrichter Vertrag kee Klorecht beim Europaparlament.

Wann ee gesäit, wéi Europa, trotz dem Subsidiaritéitsprinzip, och d'Kompetenze vun de Gemengen op d'manst indirekt betrëfft, kann ech d'Asetze vun esou engem Regionalrot nëmme begréissen. Dëse Rot wäerd e wichtegt Organ gin, fir dofir ze suergen, dass de Subsidiaritéitsprinzip nët nëmmen zu Gonschte vun de Memberstaten, mä och zu Gonschte vun den ënnergëeurdneten Instanze spillt.

5. D'Regionalhëllefe vun Europa
Am Europäesche Bannemaart, dee jo duerch den Acte unique vun 1986 ugepäilt gouf, an deen och am Maastrichter Vertrag selbstverständlech säin Nidderschlag fënt, wäerten och d'Gemengen iwwer d'Grenzen eraus vill méi a Konkurrenz stoen, fir zukunftsträchteg Wirtschaftszweiger unzesidelen. An deem Sënn spillt natiirlech d'Gemeinschaft mat hire Beihëllefen eng wichteg Roll.

Ech hun schons virdrunn erwäënt gehat, dass de Comité des Régions gefrot gët am Kader vum Artikel 130D) an 130E) wat d'Missiounen, d'Prioritéiten an d'Organisatioun vun de Strukturfongen, esou wéi déi konkret Décisioune vum Regionalfong ubelaangt.

Ech hu wuel keng Zäit an d'Funktionnéiren vun dëse Fongen anzegoen. Och sti jo d'Verhandlungen iwwer d'Restrukturatioun vun dene Fongen nach aus. Ech wëll awer hei an aller Däitlechkeet soen, dass Lëtzebuerg vun de Mëttelen, déi fir d'Objektiven 2 (industriell Rekonversioun) a 5 b (Landwirtschaft) bereet wäerte stoen, profitéire wäerd. Dem Développement rural wäerd also an Zukunft eng wuessend Roll zoukommen.

A wa Lëtzebuerg, besonnesch de Süden, bis elo vun de Mëttele fir d'industriell Rekonversioun Gebrauch gemaacht huet, esou dierf een d'Mesüren, déi am Kader vum Pôle européen de Développement musse geholl gin, nët vergiessen. Spezifisch Programmer wéi de Resider an den Interreg - wéi een se och ëmmer nennt - solle spezifesch Äntwerten zu besonnesche Problemer vun eise Regiounen erméiglechen. An ëch gin doranner bestätegt duerch de Premier, an dat mat folgende Wierder: „Le Gouvernement a évidemment, non sans succès, poursuivi sa politique visant à favoriser l'implantation de nouvelles activités économiques dans les régions du sud, du nord et de l'est du pays. Ces régions sont en train d'être dotées d'infrastructures et de voies de communications améliorées. Mais il ne faut pas oublier que chaque région doit pouvoir garder ses caractéristiques et ses vocations propres. Ainsi l'accent primordial est mis sur l'industrie dans le sud, tandis que les activités de type rural ou touristique gardent une importance particulière dans le nord et à l'est".

De Regionalrot gët nom Traité an Zukunft konsultéiert, wat d'Regionalhëllëfen ugeet. Fir Lëtzebuerg as dat eng gutt an och eng wichteg Saach. D'Besetze vum Regionalrot as dofir schons eng ganz seriö Affär.

Als Konklusioun erlaaben ech mer ee Saz: D'Konsequenz vu Maastricht fir d'Gemengen as menger Menung no vill méi grouss wéi d'Walrecht. Maastricht as och fir d'Gemengen eng Erausfuerderung. Un eis as ët, d'Chancen ze notzen an d'Erausfuerderung ze meeschteren.

E Schlusswuert: Zum Schluss wëll ech dat hei bemierken:

Wann ech desen Traité och nët mat iwwerschwenglechem Optimismus stëmme wäerd, esou wëll ech dach denen ze bedenke gin, déi ganz negativ gëschter an och haut dem Traité géintiwwer stongen, dass mer hei an Europa säit méi wéi 40 Joer Fridden a Sécherheet hun, an den honorabelen Här Kollwelter huet dat ëineschter och betount, an dat as och e Resultat vun der Zesummenaarbecht vun der Europäescher Gemeinschaft. A wien nët versteet oder ze appréciéiere weess, wat dat heescht, 40 Joer Fridden a Sécherheet, dee ka jo all owes de Fernseh kucken an da stellt en dat fest.

Den Traité de Maastricht as fir mech d'Fortschreiwen och vun däer Politik, vun däer Lëtzebuerg ënnert anerem bis elo profitéiert huet, mä wou de Spillraum fir eis Lëtzebuerger an Zukunft ëmmer méi enk gët. Mä, dir Dammen an dir Hären, eng Fro: Wou wier d'Alternativ zu Maastricht?

Déi Fro muss leider den Owend jidferee vun eis Deputéierte fir sech selwer mat séngem Vote beäntwerten.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- La séance est levée. Nous continuons nos travaux à 14.30 heures.

*(Fin de la séance publique à 12.14 heures)*